

# 78<sup>e</sup> séance

## Mercredi 1er juillet 1992

Présidence

Mme Erna Hennicot-Schoepges, Présidente  
M. René Kollwelter, Vice-Président

### Ordre du jour

Projet de loi 3601 portant approbation du Traité sur l'Union européenne et de l'Acte final, signés à Maastricht, le 7 février 1992 (*Discussion générale - Suite*).

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jacques Santer, Premier Ministre; M. Jacques F. Poos, Vice-Premier Ministre; M. Jean Spautz, Ministre.

(Début de la séance publique à 14.30 heures)

**Mme la Présidente.** La séance publique est ouverte. Le Gouvernement a-t-il des communications à faire?

(Négation)

Nous continuons avec le débat sur le projet de loi 3601 portant approbation du Traité de Maastricht.

La liste des orateurs est affichée dans la salle.

La parole est au premier orateur inscrit, l'honorable M. Robert Angel.

**Projet de loi 3601 portant approbation du Traité sur l'Union européenne et de l'Acte final, signés à Maastricht, le 7 février 1992.**

*Discussion générale (suite)*

**M. Robert Angel (LSAP).** Mme Presidentin, Här Minister, Madame, dir Hären. Maastricht as a méngen Aën eng Absichtserklärung hannert där allerdéngs eng grouss Iddi steet, an zwar eng fest verbindlech Absichtserklärung, well se politesch a juristesch an engem Verträagswierk gebonnen as, dee fir all Land, dat des Verträge ratifizéiert, verbindlech as.

Méng Definitiouen wir also, dass elo déi Iddi, déi an dene Maastrichter Verträge festgehal gouf, virun allem dat bedeiend Zil, huet d'Unioun méi enk zesummen ze halen an d'Possibilitéit sech no baussen esouwuel op wirtschaftlech wéi och op politeschem Plang geschlossen duerzestellen.

Duerch Maastricht kritt Europa déi Chance, eng staark Roll am weltpolitesche Geschehen ze spillen, mä dat soll nët d'Haaptzil vun dese Verträge sin. D'Haaptzil soll a muss sin, dass Europa innerhalb vu sänge Grenze gestärkt a méi sécher gët. Duerch Maastricht gët esouwuel eng Wirtschafts- a Währungsunioun geschafen, déi eis op ekonomeschem Gebitt renforcéiert a Sécherheet garantéiert, wéi och eng politesch Unioun, duerch déi déi Länner vun der europäescher Communautéit méi no zesummewuessen, gemeinsam Standponkten an dene verschiddene politesche Beräicher wäerte vertrieben an duerch gemeinsam Sécherheetspolitik mat gréisster Waarscheinlechkeet och an Zukunft - an dat as essentiell an dat hätte missen e puer Virriedner haut de Moiën erwähnen - a Fridde kënne liewen.

Et kann een driwwer streiden, ob déi Maastrichter Verträge dat géegentst Mëttel si fir déi grouss Iddi vum verenegten Europa ze realiséieren. Ech mengen, jidfer Land hätt gären an deem engen oder deem anere Punkt eng aner Léisung gehat. Jidfer Mënsch, deen denke ka, wäard och d'Schwaachpunkte vun dene Verträge selbstverständlech erkennen. Ee vun dese Schwaachpunkten as zum Beispill deen ze niddregen Niveau, deen déi gemeinsam Sozialpolitik

wäard hun. Mä grad d'Beispill vun der Sozialpolitik, wou jo nëmmen e Protokoll zu II konnt erreecht an ausgehandelt gin, well Groussbritannien dese Schrëtt nët wollt matgoën - an dat as bedauerlech - beweist wat fir en Effort muss gemaach gin, fir déi 12 Länner mat all hiren Eenzelwësch a Virstellungen ënnert een Hutt ze kréien. A wann ech dat berücksichtegen, da muss ech soën, dass des Verträge nach relativ gutt ausgefall sin, quitte dass ech mer gewënscht hätt, dass d'Texte zur Aussen- a Sécherheetspolitik e bësse manner vague ausgedréckt gi wieren, wat awer an engem gewësse Sënn verständlech as. Mä dorobber kommen ech nach zréck.

Maastricht huet séng Feler a séng Onzoulängelechketen. Maastricht as nët perfekt. Dat as och scho vum engem vun de Rapporteur, der Mme Lydie Err, déi ech vun deser Plaz aus felizitéiere fir hire wierelech ausféierleche Rapport, erwähnt gin. Mä déi Iddi vum enger europäescher Unioun, déi dohannert stécht, as den eenzege Wee, deen Europa an Zukunft kann a muss goën. An dese Wee dierf nët geopfert gi jhust well deem engen oder deem aneren, deen een oder anere Punkt nët gefällt, vläicht zu Recht nët gefällt, zumools wou jo am Artikel N an do speziell am Paragraph 2, festgehal gouf, dass d'Verträge fir Ännerungen, déi sech als néideg erausstellen, op sin an dass 1996 eng Konferenz virgesinn as, wou dann aus denen Erfarungen, déi ee bis dohinner gemaach huet, Konklusiounen gezu gin an den Traité dorobberhin och reviséiert gët. Ech soën nach eng Kéier, déi Iddi vum engem verenegten Europa dierf nët geopfert gin.

D'europäesch Unioun kritt e puer Aufgabe méi, déi an de Beräich vun hirer Zoustännegkeet falen. Och dorunner gesäit een, dass Europa amgang as méi enk zesummen ze wuessen. Des nei Aufgabebidder erstreckt sech vum der Emweltpolitik iwwer d'industriell Politik, den Transport op europäesche Réseauen, de Konsumenteschutz, d'Gesondheetspolitik, d'Kultur, d'Edukatioun an d'Beruffsausbildung bis hin zur Entwécklungshëllef.

Ech géif vun deser Plaz aus gären zu dräi vun denen neie Gebidder Stellung huelen, an zwar zur Santé, zur Kultur an zur Entwécklungshëllef.

Ech komme fir d'éischt bei d'Kultur. Et schéngt mer evident ze sin, dass d'Kultur eng Vermëttlerroll muss spillen. Nëmme duerch d'Kultur kënnen sech déi Länner, déi duerch Maastricht méi enk verbonne gin, och kennelieren an e Gefill vun Zesummegehieren entwëckelen. An do muss vill gemaach gin. Do muss och an de Schoule geschafft gin, fir Verständnis a Wëssen iwwer déi aner Länner vun der Communautéit ze vermëttelen. Leider muss ech awer bedauern, dass d'Verträge a méngen Aën éischter eng Deklaratioun vu guddem Wëllen ofgi wéi eng Obligatioun

festzeschreiwien, dëse kulturellen Austausch an d'Kulturliwwen a sénger Gesamtheit ze förderen. Terme wéi se am Vertrag stin „l'action de la Communauté vise à encourager la coopération entre les Etats membres et, si nécessaire, à appuyer et compléter leur action dans les domaines suivants, favorise la coopération avec les pays tiers” si ménger Ansicht no zevill vague a bëinhalte keng technesch Verflichtung fir eppes op d'Been ze stellen.

Am Traité as keng Garanti enthalen, dass iwwerhaapt eppes walables geschitt. Ech appréciiéieren awer op d'äer anerer Säit, dass wann eppes ënnerholl a geplangt gët, de Comité des Régions, dee mat dem Artikel 198A geschafe gët an deen e reng konsultative Charakter huet, muss konsultéiert gin.

An der Entscheidungsprozedur as allerdéngs d'Europaparlament no der Prozedur vum Artikel 189B, also no dem Prinzip vun der Co-décision, intégréiert. An dat as wichteg a richtig, well jhust déi zwou Institutiounen sin am beschten op der Plaz wann et ëm d'Kultur an hir Verbredung geet.

Bei der Santé par contre geet d'Veerflichtung, déi d'Communautéit sech operleet, scho méi wäit wéi an der Kultur. Ech mengen effektiv, dass de Stellwäert vun der Kultur ënnerschätzt gouf. An der Santé gesinn d'Terme schon anescht aus. Hei gët dovunner geschwat, dass d'Protection de la Santé op engem héijem Niveau ze assuréieren as an zwar am Beräich vun der Präventivmedezin, wat ech als Medeziner begreissen, well et as gewosst, dass d'Präventivmedezin an Zukunft nach méi e grouse Stellwäert an der Santé publique wäard kréien an dass nëmme duerch eng effikass Präventivmedezin en héije gesondheetleche Standard ka gewährleisten gin. Do as natierlech och d'Toxikomanie abegräff, déi jo europawäit, wann nüt weltwäit e Problem as a wou nëmme gezielt Gesondheetsprogrammer op grousem Gebitt eppes kënnen erreechen. Do soll ménger Meinung no nüt jidfer Land fir sech selwer fueren.

Ech mengen, dass et näischt géif hëllefen, wann zum Beispill mir hei zu Lëtzebuerg e Programm fir eis eleng géifen ausschaffen.

1) Si mer e klengt Land, dat vu séngen Nopeschlänner, och am Beräich vun der Santé, staark beaflosst gët a wou esou e Programm dowéinst nüt géif gräifen an

2) huet eng grouse Organisatioun wéi déi zukünfteg europäesch Communautéit vill méi Méiglechketen, d'Ursaache vun der Toxikomanie zum Beispill ze erfaassen a fir géint den Drogemissbrauch ze kämpfen. Eng Sensibiliséierung fir dëse Problem, mä och fir d'Präventivmedezin, muss op europäischem Niveau stattfannen. Ech fannen et och e grouse Schrëtt no vir, dass Drëttlänner och an d'Santépolitik sollen a kënnen matabezu gin, grad esou wéi et wichteg as fir mat internationalen Organisatiounen, wéi zum Beispill d'OMS, op dësem Gebitt ze schaffen. Dat verlaangt eben de Maastrichter Traité.

Et as iwwerengschon um Niveau vun den aktuellen 12e Programm ausgeschafft gin, fir d'medezinesch Date vun de Patienten zentral ze erfaassen a jidfer Dokter, deen den Dossier vu séngem Patient brauch, dës Date ka kréien. Nüt méi spéit wéi d'lescht Woch as esou e Gesetzprojet um Programm gewiescht an ech si frou ze héieren, dass deen d'nächst Woch ërem op den Ordre du jour gesat gët, well un dësem Projet hun iwwerengschon och Lëtzebuergere Doktere matgeschafft. Et gët also scho gutt Initiativen, déi elo nach méi systematesch solle weidergefouert gin.

Nun zur Entwécklungshëllef. Ech begreissen et, dass Maastricht décidéiert an dëser Matière a fir d'éischt kloer Prinzipie vun enger effikasser a mënschegerechter Entwécklungshëllef festleet. Maastricht seet, dass eng gutt an erstriewenswäert Kooperatioun mat dene Länner vun der Drëtter Welt muss op der Basis vun de Mënscherechter, vun de Grundfräihete vum Mënsch a vun der Demokratie a vum Rechtsstat ausgoen. Wat fir Ziler sollen dann op Grund vun esou enger Basis ausgeschafft gin? Et soll eng stabil ekonomesch a sozial Entwécklung an dëse Länner erbäigefouert

gin. Als zwete Schrëtt sollen dës Länner an d'Weltwirtschaft intégréiert gin an un drëtter Stell - an dat stéiert mech ganz vill - steet éreischt, dass géint d'Aarmutt soll gekämpft gin.

Ech hu mat der Reienfolg vun de Paragraphen am Artikel 130U Schwiregketen. Ech hätt et vill méi valabel fond, wann d'Basis vun de Mënscherechter, vun de Grundfräiheten, vun der Demokratie a vum Rechtsstat den éischte Paragraph an d'Ziler éreischt en zwete Paragraph duergestallt hätten. Ech hätt et méi logesch fond, fir fir d'éischt de Prinzip an dann d'Aktioun festzesetzen. Mä soit, esou Detailler kann een iwwerengschon och an anere Punkte vum Traité feststellen.

D'Communautéit hëlt den Eenzelstaten am Beräich vun der Coopération au développement hir Verantwortung nüt of, wéi se dat iwwerengschon ménges Wëssens no a kengem Fall mécht. Dat géif och géint de Prinzip vun der Subsidiaritéit verstoussen. Mä si huet d'Absicht fir déi eenzel Programmer ze koordinéieren an och gemeinsam Programmer vun eenzelne State mateneen oder vun der Communautéit als Ganzes ze organiséieren. Wëlle mer also hoffen, dass aus dene gudde Grundgedanken, déi am Artikel 130U bis 130Y stin och eppes an d'Realitéit kann ëmgesat gin.

Mme Presidentin, ech sin elo méi genee op déi dräi nei Kompetenzberäicher vun der Communautéit agaangen, well ech fannen, dass et och wichteg as, fir esou eenzel Beräicher méi genee ënner d'Lupp ze huelen, wéi jhust ëmmer nëmme iwwer d'grouse Linnen an d'Generalitéiten e Wuert ze verléieren. Grad an dene klenge Beräicher kann een awer gesi wéi d'Communautéit hir Prioritéite setzt a wat fir Aarbechtsmethode si sech operluegt huet.

An do muss ech soen, dass ech hoffen, dass dat Prozedurgeplänkel, notamment iwwer den Artikel 189B, nüt zevill laangwierig Forme wäard un huelen, och wann ech ganz fir eng Co-décision vum Europaparlament sin a méi Pouvoire fir dës Institutioun völeg gerechtfäertegt fannen.

Mä ech fäarte ganz, dass den ominösen Artikel 189B dem Europaparlament nüt vill méi Pouvoire wäerd bréngen, well d'lescht Wuert - op d'manst hun ech dat esou verstanen - awer ëmmer nach beim Conseil bleift.

Ech kritiséieren an deem Artikel konkret zwou Saachen. Dat éischt hun ech elo grad gesot, dat as, dass de Conseil d'lescht Wuert behält. Dat zweet as, dass déi ganz Prozedur, wa se vum éischte bis zum leschte Schrëtt duerchgezu gët, immens laang dauert a kapabel as, fir wichteg Entscheidungen op d'laang Bänk ze schiben oder ganz onméiglech ze maachen. Déijéineg, déi an dësem Zesammenhang vun engem Demokratiedefizit schwätzen, hun effektiv Recht. Den Demokratiedefizit mécht sech awer och doduerch bemierkbar, dass d'Prozedur vun der Codécision - also vum Artikel 189B - nüt ëmmer ugewannt gët, an d'Europaparlament an enger Rei vu Froë jhust ëm säin Avis muss gefrot gin. Doriwwer raus wir et ménger Meinung no héich Zäit, dass d'Europaparlament och dat Initiativrecht fir d'Gesetz kritt. Ech sin iwwerzeegt, dass ech domat zu vill vu ménges Kollegen am Widdersproch stin. Firwat hu mir eis esou e groussen Debattierklub geschafen, wann an dësem Klub keng ege Kreatioun a keng egen Initiativ d'äerf gestart gin?

Loosse mer elo, Madame Presidentin, zu engem Punkt kommen, dee virun allem, nüt eleng an onsem Land, d'Gemitter erhëtz huet, e Punkt, deen op de Stroossen, am Staminet, bal deen eenzeggen Aspekt vu Maastricht war, iwwer deen diskutéiert gouf: Dat as d'europäesch Citoyennetéit.

Wat an de Maastrichter Vertrag am Artikel 8 bis 8E zu dëser Problematik festgehale gouf, fënt méng voll a ganz Zoustëmmung. Dëst Kapitel am Traité as dat eenzegt, wat ech 100%eg kann ënnerschreiwien, wougéint ech soss deelweis méng Awänn dem Prinzip muss ënneruerdnen.

D'europäesch Staatsbürgerschaft bréngt dem Bürger an der Communautéit, an zwar jidferengem, och dem Lëtzebuergere - och wann en dat deelweis nüt wëllt gléwen - nëmme Virdeeler.

Grad fir e Land wéi Lëtzebuerg as een Aspekt zum Beispill, deen an der ganzer Diskussioun dobaussen an och heibannen deelweis vergiess gët - d'Mme Err huet en allerdings gëschter erwänt - séier avantagéis: Dat as d'Protection diplomatique. Lëtzebuerg als klengt Land huet nët an all Land vun der Welt eng diplomatesch Verriedung. Sou as et fir e Lëtzebuerger, deen an e Land reest, wou mir keng Représentatioun hun, awer ganz essentiell, dass e sech am Fall, wou en Hëllef brauch, un all Ambassade oder Konsulat vun engem aneren EG-Land ka wenden, an do - op d'manst an der Theorie - grad esou gutt bedängt gët, wéi an enger Lëtzebuerger Ambassade oder engem Lëtzebuerger Konsulat.

Och datt all EG-Staatsbuerger sech am EG-Raum fräi bewege kann a sech do usidele kann, wou hien dat gären hätt, kann eis nëmme Virdeler bréngen. Et as gewosst, dass d'Mataarbecht vun auslännesche Matbuerger op där aner Säit, an der Vergaangenheet bis zum heitegen Dag, grouss Virdeler bruecht huet; a grad dës auslännesch Matbuerger hun e signifikanten Deel zu eisem Wuelstand bäigedroen. Ech erënneren do nëmme un d'Beispill vun den Italiéiner ëm d'Joerhonnertwend.

Ech glewen och nët drun, dass Lëtzebuerg elo, jhust well Maastricht virun der Dir steet, vun engem groussen Afflux vun EG-Buerger wäerd iwwerrannt gin. A Portugal zum Beispill huet sech d'wirtschaftlech Situatioun zënter 1986, dem Bäitritt zur EG, esou wesentlech verbessert, dass och vun do keng grouss Awanderungsstréim méi ze erwaarde sin. Et soll een an dëser Fro keng kënschtlech Ängschte schüeren, wéi et e puer onverantwortlech Leit mengen, si missten dat maachen, an dobäi oft eng Demagogie vun där iwwelster Zort bedriewen.

Wa mir, dir Dammen an dir Hären, mat engem gréisseren Awanderungsproblem an der Zukunft musse rechnen, da kënt deen aus dem Oste vun Europa, wann do nët séier sur place konkret an effikass Schrëtt, fir ze hëllefen, ënnerholl gin, mä ganz sécher nët aus dem EG-Raum.

Dat wat ech elo ugeschwat hun, sin och ganz wesentlech Aspekter vun der Citoyenneté, nët nëmme d'Walrecht fir EG-Buerger um konumunalen an europäesche Plang. Ech fannen et nëmme richtig, dass all Leit, déi zum Wuelstand vun engem europäesche Land bäidroen, och wa se nët Buerger vun dësem Land sin, awer déi minimalst politesch Rechter musse kréien an domadder och d'Méiglechkeet, fir hir perséinlech Geschécker matzebestëmmen.

Wann d'europäesch Unioun sech wëllt als eppes Ganzes an enk Verbonnenes duerstellen, da muss se hiren europäesche Buerger wirklech e Minimum vu politesche Rechter zougestoen, déi am ganze Gebitt vun dëser Unioun hir Gültigkeet hun.

Ech fannen et op alle Fall verfréit, fir dene Lëtzebuerger, déi fäärten, si géifen an Zukunft vun den Auslänner dominéiert gin - wat am Fong geholl a méngen Aë Blödsinn as - Modalitéitszenarië fir dës Walen auszemolen, a vun Derogatiounen nach nët. Si gin eréischt bis den 31. Dezember 1993 fir d'Europawalen a bis den 31. Dezember 1994 fir d'Gmengewalen ausgehandelt. Ech gesinn zwar d'Absicht, déi derhannert stécht, nämlech fir der Bevölkerung hir diffus Ängschten ze huelen, mä ech mengen, dës But gët duerch een ze fréit, ze onkonkret a speklatiiv Schwätze vun dësen Derogatiounen vereitelt.

Dofir wëll ech och haut op dëser Plaz nët zu denen Derogatiounen am eenzelne Stellung huelen. Loosse mer emol ofwaarden, wéi se konkret kënten ausgesinn! Da kann een och nach doriwwer schwätzen.

An iwwregens, Dänemark huet scho laang d'Auslännerwalrecht. Doriwwer hu si sech beim Referendum ganz bestëmmt nët opgereegt. Si hate méi konkret Grënn fir hire Vote.

D'Citoyenneté européenne as fir mech de „moyen par excellence“, fir dem Buerger Europa gräifbar ze maachen an him direkt virun

Aën ze féieren, wouhinner den Zuch fiirt: nämlech zu enger geschlossener europäescher Unioun, an där déi eenzel Memberlänner wesentlech Partië vun hirer politescher Aktioun koordinéieren a probéieren, fir sech no baussen eenheetlech duerzustellen.

Dozou gehéiert natierlech ganz onerléisslech och déi gemeinsam Aussen- a Sécherheetspolitik, déi um Sommet vu Maastricht beschloss gouf.

Datt dës zwee Aspekter Hand an Hand gin, schéngt mer evident ze sin, an datt Europa esou eng gemeinsam Aussen- a Sécherheetspolitik brauch, schéngt mer virun allem um Beispill Jugoslawien klöer gemaach ze gin. Ech sin der Iwwerzeugung, dass d'Krisis a Jugoslawien nët bis haut géif daueren, wa mir esou en Instrument scho virun engem Joer zur Verfügung gehat hätten. Si wär op jidde Fall nët esou bluddeg verlaf. Mä esou, wéi d'Communautéit Schwiregketen hat, fir iwwerhaupt emol kloer Stellung ze huelen an hir Haltung vis-à-vis vun den eenzelne State vum ale Jugoslawien ze definéieren, konnt nët vill erreecht gin.

Ech wëll nach eng Kéier betounen, weder onsen Ausseminister nach en aneren Ausseminister huet do d'Verantwortung vum Defizit vun deem, wat elo soll am Maastrichter Vertrag stoë vun enger gemeinsamer Aussepolitik.

Ech ka mer virstellen, dass d'Leit, déi am Krisengebitt ebe jhust mat enger effikasser a virun allem séierer Hëllef gerechent haten, oder op d'manst drop gehofft haten, enttäuscht ware vun der Onentschlossenheet, déi d'EG un den Dag geluegt huet.

Et muss an engem Krisefall séier gehandelt gin. An ech mengen, den Traité léisst dat zou. Dat war eben nët de Fall fir Jugoslawien, well deen Traité nach nët bestanen huet. Vü dass déi entscheidend Décisioun jhust am Conseil geholl gin an och d'Méiglechkeet vun ausseruerdentleche Sitzunge virgesinn as, wann en dréngende Fall virläit, as déi néideg Flexibilitéit garantéiert.

Et muss een nët mengen, sou wéi verschidener dat wollten duerstellen, dass duerch déi gemeinsam Aussen- a Sécherheetspolitik Europa sech verbarrikadiert. Ganz am Géigendeel, dat Europa, dat zu Maastricht beschloss gouf, an dat hoffentlech Realitéit gët, as sech bewosst, dass et nët eleng as. Dofir mussen - an och dat gesäit den Traité vir - vill Aktiounen och mat internationalen Institutiounen am Aklang gin.

International Organisatiounen, wéi d'KSZE oder d'UNO, an och d'Ziler, déi sech dës gemeinsam Aussepolitik setzt, weisen an d'Richtung vun enger internationaler Kooperatioun. De Fridden an Europa, an zwar an der Communautéit wéi am reschtlechen Europa, soll eben erhale bleiwen. Sou einfach an esou schwireg as dat! Et soll fir de Fridden an d'Sécherheet fir d'Mënschen op der ganzer Welt geschafft gin an d'Demokratie an de Rechtsstat sollen iwwerall de Status kréien, dee se an eise Bredegrade schon hun.

Dat sin déi ganz idealistesche Objektiv, déi nët einfach, vläicht och nach nët direkt, ech si mer dat bewosst, ze realiséiere sin. Mä et as wichteg, dass se kloer definéiert goufen an de Maastrichter Vertrag. Dat stellt eng héich Verflüchtung duer, déi Europa sech operluegt huet!

Maastricht geet och an d'Richtung vun enger gemeinsamer Verteidegung. Dat heescht am Kloertext, dass déi europäesch Streitkräften am Noutfall sollen d'Interesse vun deem Verenegten Europa verteidegen.

Mä wat fir eng Institutioun as dann dofir zoustänneg? Dat as déi grouss Fro, déi sech hei stellt. Am Traité seet den Artikel J.6, dass d'UEO, „qui fait partie intégrante du développement de l'Union européenne“, zoustänneg wir, fir dës gemeinsam Verteidegung opbauen. Et gëtt do awer e Problem, dee vläicht nët jidferree wëllt gesinn. Dat as nët de Problem, deen d'UEO vläicht mat der NATO kënt kréien, well d'Roll vun der UEO als europäesche Piler vun der Verteidegung innerhalb vun der NATO jo awer festgeschriwwen

as. D'UEO soll am Kader vun de Maastrichter Verträge eenzeg an eleng d'Interesse vun der zukünfteger europäescher Unioun verdedegen. An do läit den Hond begruwen!

Et sin nämlech jhust 9 vun denen 11 oder 12 - je nodeem wéi Dänemark, dat net an der UEO as, sech nach decidéiert - also nëmmen 9 Memberlänner an der UEO vertrueden. Ech froë mech, ob dat net am Eeschtfall béist Blut geing maachen. Ech muss allerdings aschränken, ech hun elo vun denen 11 Länner geschwat, ech hu mer awer soë gelooss, dass effektiv als neit Land, dat derbäikënn, Griechenland säin offiziellen Antrag gestallt huet, fir an der UEO opgeholl ze gin, an déi aner iwwreg Länner op d'manist als Observateur kënnen an dee Gremium erakommen. Mä soulaang wéi dat net um Pabeier Realitéit gin as, froen ech mech, ob dat am Eeschtfall net béist Blut géif maachen, wann Zaldoten aus der Benelux, aus Däitschland, Spuenien, Frankräich, Italien, Portugal a Groussbritannien solle fir Dänemark, Irland a Griechenland matkämpfen. Ménger Meinung no as dat net richteg.

D'UEO huet zwou Deklaratiounen am Kader vum Maastrichter Traité gemaach:

- Déi éischt geet iwwer d'Roll vun der UEO a bezuch zur Union européenne an zur NATO, an där haaptsächlech iwwer d'Mesüre geschwat gët, déi d'UEO wäerd treffen, fir d'Union européenne a puncto Sécherheetspolitik mat opzebauen.

- Déi zweet schéngt mir an dësem Zesammenhank méi wichteg, well an dëser zweete Deklaratioun gin déi Memberlänner, déi nach net an der UEO sin, invitéiert, der UEO bäizetrieden oder op d'manist Observateur ze gin.

Do begréissen ech, wat ech éineschter gesot hun, dass eleng, ouni dass emol de Maastrichter Vertrag scho ratifizéiert as, dat schon als Projet d'Resultat huet, dass Griechenland offiziell gefrot huet, der UEO bäizetrieden. Dat as schon e gewëssen Erfolleg vun engem vun den Aspekter vum Maastrichter Vertrag, an dat soll hei erwänt gin.

Et wir gutt, wann déi felend zwee aner Länner nach géife Member vun der UEO gin. Eréischt da kënn een a méngen Aë vun enger europäescher gemeinsamer Verteidegung schwätzen, déi hiren Numm och géing verdéngen.

Dee Problem bleift also nach ze léisen. Op Grond vu méngen Informatiounen, déi jidferengem zougängelech sin an déi och déi meescht scho wëssen, sin ech ganz optimistesesch, dass dat an nächster Zukunft och geschitt.

Madame President. Ech mengen also, dass Maastricht net perfekt as, an dass bestëmmt e puer essentiell Saachen op der Konferenz vun 1996 musse revidéiert gin, mä d'Richtung, déi duerch dës Traitéen ageschloë gët, stëmmt. EG-Europa wäerd duerch d'Maastrichter Verträge en nach méi grouse Stabilitéitsfaktor an der Welt gin. A Stabilitéit brauche mir bestëmmt an dene Joren, déi kommen, virun allem an Europa, wou sech am Osten eng Kris no där aner ofzeechent. Si gi sech d'Klensch an d'Hand!

No dem Verfall vun der UdSSR, no deem schreckleche Krich a Jugoslawien, no dem Zerfall, wou ech nach ëmmer hoffen, dass et net geschitt, vun der Tschechoslowakei an den innenpolitische Krisen a bal alle Länner vum fréieren Ostblock, muss et jidferengem kloer sin, dass dës Problemer jhust duerch vill politesche Wellen an enger kohärenter gemeinsamer europäescher Politik vläicht kënnen eng Léisung fannen.

Dëse politesche Wëlle muss sech souwuel op d'Wirtschafts-, d'Sécherheets- a virun allem op d'Aussepolitik erstrecken. Maastricht as dat eenzeg Instrument - dat as déi unanim Meinung vun der sozialistescher Fraktioun - dat dëse politesche Wellen a séng Emsetzung an d'Praxis ka méiglech maachen.

Ofschléissend, Madame Presidentin, wann Der erlaabt, géif ech nach ganz speziell denen dräi Rapporteurs merci soen, der Mme

Lydie Err, mä och dem Här Fernand Rau als Finanzexperten, well hie ganz sécher fir de Rapport iwwer d'Union économique et monétaire dee richteg Mann op där richteg Plaz as; ech wëll awer och den Här Charles Goerens erwänen, deen an dëser ganzer Evolutioun vill Ausdauer bewisen huet, an dat besonnesch a séngen egene Reien.

Ech soen Iech merci.

**Mme la Présidente.**- L'orateur suivant est l'honorable M. Hoffmann.

Je prierais les collègues de garder un peu le silence. C'est très fatigant s'il y a des discours privés.

**M. André Hoffmann (KPL).**- Madame Presidentin, dir Dammen an dir Hären. Den 22. Abrëll hun d'Majoritéitsparteien hei eng Resolutioun gestëmmt, an där et heescht, virun der Ratifikatioun géif en öffentlechen Débat gefouert gin. Ech zitieren: „d'organiser avant la ratification du Traité un débat public approfondi.“

En öffentlechen Débat iwwer déi kruzial Froë vum Maastrichter Vertrag, iwwer d'Orientéierung vun der Europäescher Gemeinschaft huet net oder kaum stattfond; eng objektiv pluralistesche Oplklärung vun der Bevölkerung as kaum gemaach gin.

An deem Moment, wou mir hei dëse Vertrag solle stëmme, weess d'Majoritéit vun eiser Bevölkerung net, em wat et geet, geschweigs dass se sech eng ege Meinung kënn bilden oder an den Entscheidungsprozess aktiv kënn agräifen.

D'Regierung huet eng Informatiounscampagne ugekënnegt. Gemaach huet se eng Publizitéitscampagne. Maastricht wéi Zahnpasta, sot de Michel Raus op RTL! Eng eesäiteg Propaganda!

Kritesch, differenziéiert Stëmme, déi och Alternativen opgezeechent hätten, sin do net zu Wuert komm.

Madame Presidentin. Den Demokratiedefizit geet net un um Niveau vun der Europäescher Gemeinschaft, e geet hei zu Lëtzebuerg un, hei!

Wie sech kritesch Gedanke mécht iwwer dee Vertrag, wie sech d'Fro vun den Alternative stellt an doriwir haart nodenkt, gët zesummegeklaakt - an ech zitieren den LSAP-President - an engem „Kartell der Neinsager und Nichtssager“.

Op deem Niveau gët hei zu Lëtzebuerg vu sougenannte Spätzepolitiker diskutéiert iwwer eppes, wat eng entscheidend Weichstellung fir d'Zukunft vun Europa a vun eisem Land soll sin.

An denen nächste Walprogrammer steet awer bestëmmt erëm, d'Kanner missten an eise Schoulen zu kritesche Bürger erzu gin!

Ech gin dem Romain Kohlen am „Lëtzeburger Land“ vun der leschter Woch Recht, mat enger klenger, awer wichtiger Variatioun: „Der Politik de Konsens opkënnegen“, iwwerschrift hien en treffenden Artikel iwwer d'Maastricht-Diskussioun hei zu Lëtzebuerg.

Ech géif soen: Där Politik - net der Politik am allgemengen - mä där Zort vu Politik de Konsens opkënnegen!

Ech maache mer et mat den Amalgamen net esou einfach wéi den Här Fayot. Bei denen, déi net mam Vertrag vu Maastricht d'accord sin, gët et ganz ënnerschiddlech, bis entgéintgesaten Opfaassungen; a bei denen, déi fir de Vertrag sin, as et genau d'selwecht.

Dat as normal fir esou eng komplex a villsäiteg Problematik, wéi de Vertrag vu Maastricht se duerstellt.

Den Trennungsstréch geet also fir mech net einfach téschent dem Neen an dem Jo. Dee wichtigsten Trennungsstréch leeft fir mech téschent denen, déi sech engem ultra-liberalen Europa, wou d'ekonomesch Kompetitivitéit Selbstzweck as, verschreiwen oder ënnerwerfen, engem Europa, dat iwwer d'Käpp an d'Interesse vun de Leit ewechgeet, an denen op där aner Säit, déi fir eng sozial, demokratesch, ekologesch Orientéierung vun der Europäescher Gemeinschaft antrieden.

An ech gi mat enger Portioun Optimismus dervun aus, dass ee vun dene wéinege Verdéngschter vum Maastrichter Vertrag deen as, dass en an där Hinsicht eng nei Dynamik ervirbréngt, datt en dene Parteien, Gewerkschaften, Associatiounen, dene Bürger, déi sech no esou Ziler orientéieren, déi elo ze schwach sin oder Verspéidung hun, einfach eng nei Bewegung, eng nei Zesummenaarbecht opzwéngt.

An an där Dynamik fanne sech der dann, esou hoffen ech, och erëm, déi elo „jo...mä“ soen, mä déi sech dann awer der dominanter Stréimung am Moment bécken, spéider awer vläicht nët méi.

Den dänesche Referendum war signifikativ, virun allem, wat d'Reaktiounen drop ubetrëfft.

Wie sech do nach Illusiounen gemaach hätt iwwer d'Demokratieverständnis vun de politesche Spëtzen, deen hätt se do spéitstens misste verléieren.

Bis dohinner goug ëmmer mat grousser Emphase Rieds vum europäesche Bürgertum, der „citoyenneté européenne“. A wéi do déi éischt europäesch Bürger sech tatsächlech zu Wuert gemellt hun an hir Bedenken a Reservén ausgedréckt hun, ware se och scho keng europäesch Bürger méi. Do goufe se topeg Dänen, déi näscht verstanen haten. Do waren e puer dausend Stëmme, déi e Prozess géinge blockéieren, e Prozess wuelverstanen, deen ouni wirklech demokratesch Entscheidungs- a Kontrollmechanismen a Gank gesat gin as.

Den dänesche Referendum war eng Pann, e Schock an esou weider, eppes war en offensichtlech nët an denen offizielle Kommentaren: den demokrateschen Ausdrock vun den europäesche Bürger, vun denen, déi sech Froë stellen iwwer hir an iwwer der Europäescher Gemeinschaft hir Zukunft.

Elo mussen d'Dänen esou laang beschafft a beléiert gin, bis se esou stëmmen, wéi d'EG-Politbürokratie et gären hätt!

E bësschen hu se zwar bewiirkt. Um Conseil vu Lissabon as duerch de Referendum vun den Dänen e bëssche méi wéi bis elo iwwer d'Demokratie an der Europäescher Gemeinschaft geschwat gin, an e bëssche méi iwwer d'Uwendung vum Subsidiaritätsprinzip, awer Konkretes as och dobäi nach näscht erauskomm.

Um Traité selwer däerf jo och näscht méi geännert gin. Ech kommen nach drop zrëck.

Wéi wéineg aus dem dänesche Referendum geléiert gouf, gesäit een zum Beispill och dorunner, dass am ofschléissende Rapport vum Conseil zu Lissabon zwar eng Dose Säite stin iwwer d'europäesch Sécherheets- a Militärpolitik, awer nëmmen 3 Zeilen - ech betounen 3 Zeilen - iwwer d'Sozialpolitik!

Nom dänesche Referendum besteet eigentlech den Traité nët méi. Domat as Europa nët ausernanergefall, och nët d'Europäesch Gemeinschaft, well déi bestehend Verträge si selbstverständlech nach ëmmer gülteg.

Dass den Traité duerch dee Referendum „caduc“ as, as d'Schlussfolgerung vu ville Juristen. An ech zitieren nët den Alex Bonn, sondern e Jurist, deen am „Luxemburger Wort“ ënner der „Tribune libre“ en Artikel geschriwwen huet, mat dem Titel „Le Traité de Maastricht ou la collision entre le droit et la politique“, wou e genau déi Schlussfolgerung zitt. De Schluss vu sengem Artikel gesäit esou aus: „Dans leur sagesse, les anciens Grecs disaient qu'une cité qui ne respecte pas le droit sombrera dans l'anarchie d'abord, dans la tyrannie ensuite.“

Puissent les fondateurs d'une nouvelle Union européenne méditer cette vérité!”

De Staatsrot, dee soss ganz pingeleeg as op Verfassungsfroen, och bei wéineger wichtege Saachen, huet hei op eemol kee Problem méi gesinn. Do gët et anscheinend Ursachen derfir; wann ech dem „Lëtzebuurger Land“ vum leschte Freideg ka glewen, gët et souguer

perséinlech Ursachen dofir. An dofir wëll ech d'Fro hei stellen, an ech kréien hoffentlech eng Äntwert drop: Stëmmt et, datt dee Beamten, deen den Exposé des motifs vum Ratifizierungsgesetz geschriwwen huet, well en och de Vertrag mat ausgehandelt huet, och a sénger Fonktioun als Mitglied vum Staatsrot maassgeblech do den Avis vum Staatsrot matbestëmmt huet? Wa jo, wéi as et da mat der Gewaltentrennung hei zu Lëtzebuerg?

Den dänesche Referendum wär eng exzellent Geleënheet gewiescht, eng Otempaus anzeleeën, op d'Froen ze lauschteren, déi d'Leit sech stellen, sech ze soen, mir hun eis vläicht géiert, loosse mer eis erëm zesummesetzen an aner, méi sozial, méi demokratesch, méi ekologesch Akzenter setzen.

Mä déi Hären - et si jo meeschtens Hären - déi iere sech natiirlech nët, ni! Dat dänescht Vollek huet sech géiert, elo musse mer eis en neit wielen, wat da fir de Maastrichter Vertrag stëmmt!

Eist Parlament kënn och nach haut e Bäitrag leeschte fir eng Otempaus, fir e kluge Schrëtt, fir eng nei Iwwerleung.

Ech weess, datt d'Majoritéit dat nët mécht. Ech wëll se awer virun hir Verantwortung stellen a bréngen dofir eng Resolutioun eran, d'Chamber géif dee Vertrag nët ratifizéieren, mä 't wir nei ze verhandelen, fir aus politeschen a juristesche Grënn nei Akzenter ze setzen um sozialen, ekologeschen an demokratesche Plang.

Ech gin dervun aus, dass déi Resolutioun ofgeleent gët. Ech proposéieren dofir eng Motioun. Déi Resolutioun, Madame Presidentin, muss wuelverstanen zum Vote komme virun der Ratifizierung vum Traité. Wann den Traité hei an der Chamber sollt ratifizéiert gin, da géif ech de Vote froen iwwer eng Motioun, déi ech eragin, wou dann dra steet, och no der Ratifikatioun soll noverhandelt gin, fir nei Akzenter ze setzen, fir nei Konvergenzkriterien ze setzen an der Wirtschafts- a Währungunioun - do kommen ech nach drop zrëck - an endlech fir eng europäesch Konstitutioun auszeschaffen.

Ech wëll ënnersträichen, wéi dee Vertrag spéider iwwerhaupt nach ka geännert gin. A l'unanimité selbstverständlech! Et as kloer, dass déi, déi elo den dänesche Referendum onbedingt wëllen ëmgoen an do guer nët méi op d'Unanimité pochen, schon op déi Unanimité wäerten insistéieren, wann ee sech da spéider sollt trauen, sozial Verbesserungen, demokratesch Mechanismen, verbindlech héich ekologesch Normen ze proposéieren.

Madame Presidentin. Fir dass kee Mëssverständnis opkënn, ech si fir eng Europäesch Gemeinschaft, ech si fir d'Erweiterung an d'Verdeiwung vun der bestehender Europäescher Gemeinschaft, an och fir nei politesche, ekonomesch a sozial Instrumenter am Dëngscht vun där Verdeiwung an Erweiterung. An ech wëll och erkläre firwat.

1. Déi ekonomesch Interdependenz vun de westeuropäesche Länner as esou grouss gin, dass en neien, zesummenhängenden, ekonomesche Raum entstanen as, deen och bestëmmte Forme vu politescher Kooperatioun an Integratioun verlaangt.

2. Eng europäesch Integratioun, eng Europäesch Gemeinschaft, déi vun de Leit, vun de Bürger matbestëmmt gët, matgedroë gët oder géif gin, wär e wichtege Beitrag zur Iwwerwannung vun den nationalistesche Bornéiertheten an Ofgrenzungen, an e Faktor vu friddlecher Zesummenaarbecht, géigesäiteger Beräicherung am fruchtbaren Austausch, mä och am Respekt vun Identitéiten an Ennerscheder.

3. Eng staark Europäesch Gemeinschaft kënn en effikas Instrument sin, fir um internationale Plang eng nei, aner Weltwirtschaftsuerdnung, fir eng sozial an ëmweltverdreeglech Entwécklung an alle Regiounen vun der Welt ze stimuléieren an ze favoriséieren, an deen néidegen Transfer vun de Ressourcé vun de räichen zu den arme Länner ze organiséieren.

4. D'Europäesch Gemeinschaft an de Grenze vun haut - dat as jo nët Europa, dat wëll ech och nach eng Kéier betounen - kënn

awer den Ausgangspunkt si fir e Kooperationsnetz, dat sech iwwer de ganzen europäesche Kontinent géif erstrecken, an dat d'Prinzipie vun der sozialer Gerechtheet, der lieweger Demokratie an der Protektioun vun der Biosphär an deem ganzen Europa géif verankeren a permanent weiterentwéckelen.

5. D'Europäesch Gemeinschaft kënnt domadder en Instrument sin, fir Ongläichgewichter ofzebauen, ekonomesch a sozial Ongläichgewichter téschent de Länner, téschent de Regiounen, an domadder och d'Dominatioun vu groussen, staarke Länner, déi jo elo deelweis gefaart gët, a vun denen hiren ekonomesch-politische Muechtzentren, iwwer déi aner ze verhënneren, duerch eng Partnerschaft, an där jidferen als gläichwäerteg gëlt.

6. Mat am wichtigsten as mer awer dat hei: Déi ekonomesch Pouvoiren hu sech esou wäit internationaliséiert, esouguer iwwer Europa eraus, hiren Aflossberäich, hir Verflechtung as esou grouss gin, datt se am Kader vun dem Nationalstat kaum nach enner Kontroll ze brénge sin, kaum nach ze bändege sin.

D'Europäisierung an d'Internationalisierung vun der Ekonomie verlaangt och eng international, eng transnational Regulatioun, an d'Europäesch Gemeinschaft - wéi erweidert och ëmmer - kënnt d'Instrument si fir esou eng Regulatioun, déi sech u sozialen, ekologesche Kritäre géif orientéieren, an an demokratesche Mechanisme géif funktionnéieren.

Dat si 6 Ursachen, firwat ech prinzipiell fir eng Europäesch Gemeinschaft, fir eng europäesch Integratioun mat spezifischen Instrumenter a spezifischen Institutioone sin, déi iwwer de Kader vun den Nationalstaten erausgin.

Mä all déi Ursache sin eben och Ursachen, fir net mat dem Maastrichter Vertrag zefridden ze sin, well de Maastrichter Vertrag leeft streckeweis an déi entgéintgesate Richtung vun engem Europa, wéi et fir d'Mënsche wünschenswäert wär: op wesentlech Problemer, déi sech haut dringend stellen, geet e guer net oder net adequat an, an d'Prioritéite gi falsch gestallt.

Eng Bewäertung vun de Maastrichter Vertrag setzt eng Bilanz vun der europäescher Integratioun viraus, där vergaangener, also där an dene leschte Joren, zënter dem Acte unique an dem Prozess vun europäesche Bannemaart. An dat wëll ech och kurz maachen.

Déi enorm ekonomesch Impulser, déi vun deem Bannemaart scho virun 1993 sollten ausgoen, an déi Moossnahme si jo elo zu 90%, as zu Lissabon festgestallt gin, realiséiert sin, déi ekonomesch Impulser sin iwwerhaupt net evident. De Wirtschaftswuesstum an der Europäescher Gemeinschaft as vun 1982 bis 1988 an d'Luucht gaangen; zënterhier geet en erëm zrëck oder stagnéiert. 1991 war dat + 1,3%, wat ganz niddreg as.

D'Aarbechtslosegkeet as zwar vun 1985 bis 1990 vun iwwer 10% op iwwer 8% zrëckgaangen, awer zënterhier geet se erëm an d'Luucht, och ouni d'Berücksichtigung vun der Ex-DDR, wou se iwwerduerchschnëtlech grouss as. Si läit 1991, also ouni déi nei Bundesländer, bei 8,6%, e skandaléis héijen Taux. An hannert deem Taux sti jo Mënschen! Dat si skandaléis Zoustänn an enger Regioun, déi zu den entwéckeltste vun der Welt gehéiert.

D'Präsentwécklung, respektiv d'Inflatioun, as vun 1985-1987 erfogaangen, geet zënterhier awer erëm däitlech an d'Luucht.

Deen eenzegen ekonomesche Parameter, dee regelméisseg a permanent wiisst an deem leschte Joërzéngt, dat as dee vun der Konzentratioun, dem Zesummeschluss vun de Betriber, virun allem zënter dem Acte unique.

Am Joër 1986 waren et 562 Zesummeschlëss pro Joër an 1990 1.384, also dat Duebelt. Dat as eng enorm a rapid wirtschaftlech Konzentratioun. Do also huet déi fräi Zirkulatioun vun Kapital am Bannemaart hiren manifesten Effekt. Ob dat awer, gesamtgesellschaftlech gesinn, positiv Konsequenzen huet, zum Beispill sozialer, as héchst fragwürdig.

Eng vun den Erwaardunge vun Bannemaart as jo déi, dass duerch d'Liberalisierung vun Maart d'Konkurrenz verschärfert gët, dass also d'Käschte mussen erofgesat gin, dass dat sech a méi niddrege Präisser erëm spiegelt, dass méi niddreg Präisser d'Nofro beliewen an domadder d'Produktioun an d'Beschäftegung ukuerbelen.

Esou as zum Beispill zesummegefaasst de Raisonement vun deem berühmte Cecchini-Rapport iwwer d'positiv Auswierkunge vun Bannemaart.

Awer grad déi zounehmend Konzentratioun um ekonomesche Plang, mécht et héchst zweifelhaft, dass Käschtesenkung a Produktivitätssteigerung sech an neien Aarbechtsplazen auswierken. D'Bilanz vun dene leschte Jore weist jo och näischt an där Hinsicht op.

Trotz der Schafung vun Regionalfond 1975 huet d'regionaalt Ongläichgewicht an der Europäescher Gemeinschaft net ofgeholl, mä zougeholl, esouwuel wat d'Pro-Kapp-Akommes wéi och wat d'Aarbechtslosegkeet ubetrëfft, wat jo zwee wichteg Parameteren an där Fro sin.

D'Thees, dass d'Liberalisierung vun Maart vu sech aus en iwwerregionalen Ausgleich géing schafen, as manifestement falsch. Am Géigendeel, doduerch riskéiert d'Luft méi grouss ze gin. Dat weist sech jo net nëmmen innerhalb vun der Europäescher Gemeinschaft, mä och um Plang vun der ganzer Weltwirtschaft mat där wuessender Kluft téschent nächsten an äärmste Weltregiounen.

Hei misste massiv reguléierend, wirtschaftspolitesch a strukturpolitesch Interventioone geschéie mat Beschäftigungsprogrammer, mat Entwécklungsprogrammer. Dat awer entsprécht net der ultraliberaler Ideologie déi an der Europäescher Gemeinschaft dominéiert.

Dofir wäard och dee Kohäsionsfond, deem am Maastrichter Vertrag festgehalten as an deem séng Finanzierung jo nach an der Loft hänkt, och nom Sommet vu Lissabon - dat as elo verluegt an d'Präsidenschaft vu Groussbritannien - souwiesou nëmmen eng Dréps op e waarme Steen sin.

Wann een a Betracht zitt, dass d'gesamt wirtschaftlech Entwécklung sech an den 90er Joren net verbessern, mä verschlechteren däerft, gët et nach méi schwéier fir d'Kritäre vun der Konvergenz ze errechen a Gläichgewichter ze schafen.

Virun allem fir déi méi schwach Länner entsteet en enormen Drock a si riskéieren an engem Europa mat zwou Vitesse hannendrun ze bleiwen, wann et net nach méi där Vitesse sin.

Gewëss, d'Realitéit vun der Europäescher Gemeinschaft as kontradiktöresch, weder ganz schwaarz nach ganz wäiss, ganz einfach aus deem Grond well jo och ënnerschiddlech Kräften an Interesse um europäesche Plang géintänner wierken.

Ech behaupten och net vun der EG kéim ëmmer de soziale Réckschritt an den demokrateschen Ofbau.

1) Sin ech der Meinung, dass d'Entwärtung vun den nationale Parlamenter zum groussen Deel hir ege Schold as an net d'Schold vun der Europäescher Gemeinschaft an dass eng Neiopwärtung duerch aus méiglech as wann se wirklech gewëllt as an de Parlamenter selwer.

2) Et gët duerch aus Beispiller wou positiv Impulser vun der Europäescher Gemeinschaft, och fir Lëtzebuerg, ausgaange sin a wou d'Regierung selwer offensichtlich fir déi positiv Impulser net capabel war, zum Beispill a puncto Gläichberechtigung vu Mann a Fra, zum Beispill a puncto bestëmmte Sozialprogrammer, genre „action locale pour jeunes“, déi vun der Europäescher Gemeinschaft ausgaangen as, zum Beispill a puncto bestëmmten Erziigungsprojekter etc.

Et as och richtig, dass mer d'Ausländerwalrecht um kommunale Plang - fir mech d'Realisierung vun engem elementaren,



fundamentale Recht - nët kréichen ouni d'Europäesch Gemeinschaft an de Maastrichter Vertrag, well och dozou eis grouss Parteiën eleng offensichtlech nët capabel wären.

Ech behaupten awer och, déi grouss Problemer an a vun der Europäescher Gemeinschaft, déi grouss Problemer vun der Regionalpolitik, vun der Sozialpolitik, vun der Umweltpolitik, vun der internationaler Kooperationspolitik, d'Fro vum Demokratiedefizit, bleiwen trotz feierlechen Erklärungen ongeléist.

Amplaz déi ongeléiste Problemer unzegoën an op nei Erausforderungen nei Äntwerten ze fannen, huet een den Androck vun enger Précipitatioun, enger „fuite en avant“, bei där d'gemeinsam Währung eng staark symbolesch Zuchkraaft soll ausüben, a Wirklecheit awer, esou wéi se konzipéiert as, nei Problemer, nei Gefore mat sech bréngt.

Et gët behaupt, déi Accélération vun der europäescher Intégratioun a virun allem vun der Wirtschafts- a Währungsunion wir bedéngt duerch déi enorm schnell Changementer an Europa zënter 1989.

Selbstverständlech as eng grondsätzlech nei Situatioun entstanen, awer

1) d'Weihe fir d'Wirtschafts- a Währungsunion a fir de Maastrichter Vertrag sin iwwerhaupt nët éreischt 1989 gestallt gin.

2) Wann dat eng nei Situatioun as, da muss ech awer soën, amplaz op déi nei Situatioun ze äntwere mat neien Iwwerleungen, neien Orientéierungen, schreift de Maastrichter Vertrag ausgerechent déi al Rezepten fest.

Am ekonomesche Beräich mat der liberal ekonomistescher Ausrichtung.

Am sécherheetspolitesche Beräich mat der Verfestegung vun ale Konzeptionen, ale militäreschen Allianzen.

Wann ech de Rapport vum Sommet vu Lissabon liesen, hun ech esouguer den Androck vun enger neier aler Monroe-Politik, zougesechnidde op Europa. Den Hannerhaff as do nët Latäiname-rika, mä d'Méttelmier.

Allgemeng mat enger Politik vun der Ofgrenzung an Ausgrenzung, der Dominatioun, eigentlech eng Groussmuechtspolitik, wéi mer se nët méi brauchen haut.

Dass d'Europäesch Gemeinschaft an hire verschidde Etappen, vum CECA-Vertrag 1951, iwwer d'Reimesch Verträge 1957 an den Acte unique vun 1986 bis zum Traité vu Maastricht un alleréischter Stell eng ekonomesch Konstruktioon as, bedéngt duerch ekonomesch Entwécklungen, verwonnert mech nët.

Ech hu schon d'Beispill op enger anerer Plaz zitiiert vun den Nationalstaten am 18. an 19. Joërhonnert. Och do waren et déi ekonomesch Entwécklungen, déi déi regional Barrière gesprengt an no neien Unitéite verlaangt hun.

Allerdéngs as Europa nach keen Nationalstat an därft och nach esoual kee gin.

D'Haaptfro as awer jhust déi hei: wéi gët déi ekonomesch Entwécklung orientéiert a reguléiert? Wat fir engen Ziler gët déi ekonomesch Entwécklung ennerworft? An da si mer bei der zentraler Problematik vun de Maastrichter Vertrag an zwar déi Problematik iwwer déi hei zu Lëtzebuerg am mansten diskutéiert gouf.

Dass am Vertrag vu Maastricht aus der Communauté économique européenne eng Communauté européenne gët, dass d'Union européenne agefouert gët, soll zwar den Usproch verdäitlechen, dass et sech ëm méi wéi eng Wirtschaftsunion handelt, mä deen Usproch gët kaum erfëllt.

Dass den Traité nei Beräicher wéi Kultur, Gesondheet, sozial Froën an d'Kompetenz vun der Europäescher Gemeinschaft aféiert, soll och den Usproch konkretiséieren. A Wirklecheit bleift awer alles

dat dem ekonomesche Kader ennergeuerdnet a well dee Kader geprägt as vum ekonomesche Liberalismus as och alles deem Liberalismus ennergeuerdnet.

Grouss ugeluegten Déreguléierung, Privatiséierung, Kommerzialiséierung vu staatlechen, öffentlechen Dénsgichter an Dénsgchleeschungen, Kompetitivitéits- a Produktivitéitssteigerung op Käschte vu sozialen, ekologeschen, kulturellen, demokratesche Considératiounen bleift d'Zilrichtung vun der Europäescher Gemeinschaft a gët deelweis duerch den Traité verschäarft.

Sozial an ekologesch Reguléierung, demokratesch Mechanisme passen an dee Kader nët eran.

Dofir as also déi schwach Sozial- an Umweltpolitik, deen Demokratiedefizit an der Europäescher Gemeinschaft fir mech nët einfach eng Vergiesslecheit oder op eppes ähnlech zréckzeféieren, mä hänkt strukturell zesumme mat der Orientéierung vun der europäescher Konstruktioon.

Dofir gët och esou wéineg geschwat an diskutéiert iwwer eng europäesch Konstitutioun oder en europäesche konstitutionelle Vertrag, wat sech jo bei esou enger Konstruktioon, bei esou engem Usproch, eng federal oder och nëmme konfederal Unitéit ze schafen, géif opdrängen.

Awer an de Kader vun där EG, wéi se elo besteet an och mat de Maastrichter Vertrag weidergeschriwwen gët, passt eng Verfassung déi sozial Gerechtegkeet, ekonomesch Reguléierung, demokratesch Mechanismen an iwwerhaupt de Prinzip vun allgemengen, kollektiven Interesse géif konkret festschreiwen, nët eran. Dofir gët et keng, dofir gët d'Kommissioun vun der Europäescher Gemeinschaft sech mat esou Froën nët of an och de Ministerrot nët.

Den dramatesche Punkt awer, dee bis elo ëmmer verharmloost gin as, dat as deen, dass déi national Verfassungen, déi elo op d'manst am Prinzip eng gesellschaftlech Reguléierung an eng demokratesch Kontroll erméiglechen, lues a lues ausgehillegt gin.

Déi dominant ekonomesch Kräften, déi neo-liberal Stréimunge si fir Europa, grad well se sech der nationalstaatlecher sozialer Reguléierung wellen entzéien.

Ech zitiiere den Edgar Pisani, nët nëmme fréiere fransésische Minister, mä fréieren EG-Kommissär: „Ils (les néolibéraux) sont pour l'Europe dans la mesure où elle a une capacité moindre que celle de chacun des Etats. La construction européenne fait pour eux partie d'une stratégie globale tendant à réduire le politique, le social et le culturel à la portion congrue“.

Ech wir frou gewiescht wann de President vun der zweetgréisster Gewerkschaft hei zu Lëtzebuerg zum Beispill och hei zu denen Aspekter Stellung geholl hätt. Ech hun en awer nët gesinn op der Lëscht vun de Riedner.

Déi real Virentschedungen an der Europäescher Gemeinschaft falen an enger nëtöffentlecher, nëtkontrolléierter Zon tëschent Regirungs- a Verwaltungsapparater, Interesselobbyën, wirtschaftlechen natiirlech, an aus dene Virentschedunge gin dann Entschedungen, déi och nët Géigestand vun enger öffentlecher Debatt mat alternative Méiglechete gin, an dann natiirlech als inévitable duergestallt. Et gët ni eng aner Méiglecheit.

Esou alternativlos a schicksalhaft wéi den Traité als Ganz duergestallt gët, esou och all eenzel Entschedung, déi vun deem bürokratesch-ekonomeschen Apparat ausgeschafft gët.

Ech wëll zitiiere iwwer déi Mechanismen aus engem Buch dat viru kurzem erauskomm as vun engem, deen den Här Fayot och géif zu denen Nichts- und Neinsager rechnen. André Gauron heescht de Mann, Ekonomist a Conseiller vum Pierre Bérégovoy, dee Minister vun der Wirtschaft a vun de Finanzen a Frankräich war, emol mët en Unhänger vum Chevènement, e Member vun dem PS, deen nët zu deem Courant gehéiert.

Ech zitieren an ech géif deem engen oder anere Kolleg a Kollegin vun der LSAP „André Gauron - Les remparts de l'argent" emol als Vakanzlecture ernelen.

„Jamais dans l'histoire, des pays démocratiques n'avaient encore accouché un pareil monstre institutionnel, que le contrôle de légalité assuré par la Cour de Justice européenne ne suffit pas à rendre acceptable.(...)“

Le pouvoir délégué à la Commission, avec son cortège de comités, a fait le lit des groupes d'intérêts économiques. Bruxelles est devenu un haut lieu du lobbying.(...)

Les organisations nationales ont toutes pris pied à Bruxelles pour s'y regrouper en fédérations européennes - on en comptait plus de cinq cents fin 1989 - mais aussi pour y intervenir directement.(...)

Les grandes entreprises tendent de plus en plus à intervenir directement pour faire valoir leur point de vue”...

Während am Traité vu Maastricht d'Kompetenze vun der Gemeinschaft erheblech erweidert gin, gët weineng un denen ondemokratesche Strukture geännert.

De risege Pouvoir vun der Kommissioun, déi eigentlech Exekutiv, déi permanent Initiativen hëlt, déi iwwer en enorme bürokrateschen Apparat verfüügt, déi a permanenter Osmose mat den ekonomesche Lobbyë steet, gët kaum ugetaacht.

Zwar kritt d'Europaparlament en „Investiturrecht" bei der Ernennung vun der Kommissioun als Ganz, an iwwer d„Codécision" och e Matsproocherecht a bestëmmte Beräicher, awer dat parlamentarescht Recht bleift esou beschränkt an as mat esou komplizéierte Prozedure verbonden, ëmfaasst praktesch keen egent parlamentarescht Initiativrecht, datt een deen europäesche Parlamentarismus do ëschter un déi allerëischt Forme vu parlamentaresche Versich virun 200 oder 300 Joer erënnert, als wéi un eng modern parlamentaresch Demokratie.

An et kommen, virun allem mat der Wirtschafts- a Währungsunioun, nei exekutiv Instrumenter derbái.

Un der Spëtzt eng Zentralbank, an der leschter Etapp, vu kengem kontrolléiert, eng richteg Wirtschafts- a Finanzregirung, schreift de „Monde diplomatique", mat engem Pouvoir, wéi keng national Zentralbank se am Moment huet.

Absolut onofhängeg muss se sin - steet am Traité - vun de Regirungen an allen anere gesellschaftlechen Instanzen; onofhängeg vun de Finanz- a Bankiersmilieuën as se mat Sécherheet nët, an och nët vun denen hirer Opfaassung vun enger „gesonder Wirtschaft", esou wéi elo schon den Traité selwer dervu gepräägt as.

Signifikativ sin déi Kritären, déi e Land muss erfüllen, fir an d'Wirtschafts- a Währungsunioun kënnen opgeholl ze gin. Et si reng budgetär a monetär Kritären; an dat sin iwwerhaapt déi eenzeg Objektiv, déi am ganzen Traité mat präzise Chifferen, mat engem feste Kalenner, opgefouert sin, déi en zwéngende Charakter hun!

De Bernard Cassen schreift am „Monde diplomatique", de bestëmmt nët zu den anti-europäeschen Demagoge gehéiert, déi och schon hei genannt gi sin: „En ne retenant comme critères pertinents pour la «convergence» des économies, préalable au passage à la monnaie unique et au règne de la Banque centrale, que la stabilité monétaire, l'ampleur des déficits budgétaires, les taux d'intérêts à long terme et les taux d'inflation, Maastricht, non seulement se soucie comme d'une guigne d'autres critères tels la croissance et le chômage, donc de la société, mais commet un important contresens économique.”

Ech plaidieren nët - an dee Journalist och nët - fir budgetären Avenirismus oder monetär Instabilitéit. Awer fir d'ekonomesch a sozial Entwécklung vun engem Land ze bëuertelen, gët et dach nach aner Kritären, wéi den Taux de chômage a séng Entwécklung, d'sozial Ofsecherung, den Zoustand vun den öffentleche Servicer,

d'Gestioun vun den natiirleche Ressourcen. Dat awer zielt nët oder - sou wäit et am Traité opgefouert as - et bleift a vagen an onverbindleche Formulierung stiechen.

An dat huet natiirlech séng Konsequenzen, well fir déi cesäiteg Kritären ze erfüllen, riskieren d'Regirungen, virun allem vun denen ekonomesch schwache Länner, dann och hirersäits eng monetaristesche Austeritéitspolitik duerchzebaatschen, eng Sanéierung vun den öffentleche Finanzen an esou weider, op Käschte vun de sozialen Ausgaben - Beispill schon a Spuenien - op Käschte vun den Aarbechtsplazen, vun de Sozialversécherungen an esou weider.

Déi regional Ongläichgewiichter riskieren sech ze verschärfen, well wat déi strukturschwach Regiounen brauchen, dat si spezifesch Interventiounen, déi kaschten, déi nët direkt rentabel sin, well se op Laangzäitwirkung ausgeriicht sin, wéi beispillsweis Infrastrukturen, Formatioun vun de Leit an esou weider.

Madame Presidentin. Ec wesentleche Problem vun der Europäescher Gemeinschaft as fir mech dee vun der Demokratie. An d'Fro vun der nationaler Souveränitéit, vun där an der Vergaangenheet och hei zu Lëtzebuerg esou vill geschwat gin as, gesinn ech haaptsächlech an deem Kader vun der Demokratie.

D'national Souveränitéit as en zweedäitege Begrëff: lassgelist um demokrateschen Inhalt, as et kee positive Wäert, well wem gehéiert d'Souveränitéit ouni Demokratie? Hitler-Däitschland war en héchst souveräne Stat! War dat e positive Wäert?

Wat zielt, as also d'demokratesch Souveränitéit.

An déi prinzipiell Fro am Zesammenhank mat der europäescher Integratioun as also déi heiten: As d'demokratesch Souveränitéit nëmme méiglech am Kader vum Nationalstat, oder as et och méiglech, eng demokratesch Souveränitéit op engem supranationalen Niveau méiglech ze maachen, a wa jo, op wéi eng Aart a Weis?

Ménger Meinung no schléisst dat cent dat anert nët aus. Allerdings muss dann och bei de groussen a klengen Parteien an Europa de Wëlle bestoen, fir déi demokratesch Souveränitéit op dene verschiddenen Niveauë seriö ze huelen.

Wat mer brauchen, mengen ech, as eng grondsätzlech Demokratisierung um nationalen an um europäesche Plang.

Wat mer brauchen, as d'Inventioun, d'Erfassung an d'Realisierung vun enger realer neier Citoyennetéit, Bürgerschaft, déi sech nët beschränkt op d'fräi Zirkulatioun vun den Aarbechtskräften - mat engem europäesche Pass - an och nët op dat limitéiert kommunalt Walrecht, mä eng Citoyennetéit, déi op där enger Säit d'Opwärtung vun alle gewielte Gremië beinhalt, vun de Gemengen iwwer d'national Parlamenter, bis zum europäesche Parlament, eng Citoyennetéit awer virun allem, wou d'Leit an Europa selwer d'Méiglechkeet kréie vu realer Interventioun, vu realer Participatioun an der Konstruktivitioun vun Europa, mä och am nationale Kader, am kommunale Kader, an do, wou dat praktesch iwwerhaapt nach nët besteet, op hirer Aarbechtsplaz.

An domadder, mengen ech, misste mer deem Begrëff vun der „Demokratie" déi Bedeutung eigentlech erëischt gin, déi an deem Wuert selwer läit.

Madame Presidentin. Ech gin eng Resolutioun of, wou d'Chamber géif decidieren, den Traité nët ze ratifizieren, mä en ze renégociieren, fir aner Akzenter ze setzen. Déi Resolutioun soll virum Ratifizierungsvote ofgestëmmt gin.

#### Résolution 2

1) *Considérant que le Traité de Maastricht doit modifier notamment les Traités instituant la Communauté économique européenne et la CECA;*

*que l'unanimité des Etats membres est requise pour changer ces Traités;*



que le *Traité de Maastricht* prévoit en conséquence dans son article R du Titre VII que celui-ci „entrera en vigueur le 1er janvier 1993, à condition que tous les instruments de ratification aient été déposés, ou, à défaut, le premier jour du mois suivant le dépôt de l'instrument de ratification de l'Etat signataire qui procédera le dernier à cette formalité”;

que suite au refus du Danemark de ratifier le *Traité de Maastricht*, celui-ci devient donc caduc en la forme actuelle, l'unanimité requise en matière de droit européen n'étant plus donnée;

2) considérant que des dispositions de la Constitution luxembourgeoise risquent d'être invalidées respectivement „suspendues” par le nouveau *Traité* en cas de mise en vigueur de celui-ci avant les changements constitutionnels nécessaires (selon le principe de la supériorité du droit international sur le droit national);

qu'il n'y a même pas de garantie que la majorité requise à ce changement constitutionnel puisse être trouvée ultérieurement;

que la ratification anticipée du *Traité de Maastricht* provoquerait par conséquent un malaise constitutionnel latent voire une crise institutionnelle flagrante;

3) considérant que le *Traité de Maastricht* institue une politique monétariste rigide et contraignante, d'inspiration néo-libérale, sans contre-parties suffisantes dans les domaines notamment social et écologique etsans contrôle démocratique réel;

4) considérant que les intérêts des petits Etats risquent d'être gravement mis en cause dans la Communauté de l'après-Maastricht, comme le montrent les menaces pesant sur le Luxembourg comme siège européen;

5) considérant donc que le *Traité de Maastricht* ne saurait être ratifié en l'état et à l'heure actuels sans gravement mettre en danger la sécurité juridique, la souveraineté du peuple, le bien-être social, la sauvegarde de l'environnement et les intérêts de notre pays;

la Chambre des Députés

- décide de ne pas ratifier le *Traité de Maastricht*;

- demande au Gouvernement de renégocier le *Traité* avec les autres partenaires de la Communauté européenne, avec l'objectif d'y faire inscrire l'engagement ferme d'une politique sociale et écologique de haut niveau, garantissant le contrôle et la participation démocratiques des citoyennes et des citoyens;

- propose d'organiser préalablement un large débat public et d'y associer tous les courants politiques, ainsi que les associations syndicales, de protection de la nature et de défense des droits civiques;

- décide de veiller à l'avenir à la conformité de la Constitution avec les traités internationaux préalablement à toute ratification.

(s.) André Hoffmann, François Bausch, Nick Clesen, Jean Huss et Jup Weber.

Ech gin och eng Motioun eran, wou am Fall wou den *Traité* ratifizéiert wär, d'Regierung opgefuerdert gët, duerno ze négociéieren, fir aner Akzenter ze setzen, aner Konvergenzkritären derbäizesetzen an der Wirtschafts- a Währungsunion an derzou bäizedroen, eng europäesch Konstitutioun auszeschaffen, déi esou eng Citoyennetéit garantéiert, wéi ech se elo ganz kuurz skizzéiert hun.

Motion 4

Considérant la ratification du *Traité de Maastricht* par la Chambre des Députés;

que ce traité est insuffisant à bien des égards;

que des modifications importantes des traités de la Communauté européenne s'imposent avec force, avec l'objectif d'y faire inscrire l'engagement ferme d'une politique sociale et écologique de haut niveau, garantissant le contrôle et la participation démocratiques des citoyennes et des citoyens;

la Chambre des Députés

demande au Gouvernement de négocier dans le plus bref délai des modifications importantes des traités de la Communauté européenne insistant notamment sur les objectifs suivants:

- prémunir efficacement les acquis sociaux et écologiques des différents pays membres contre tout nivellement vers le bas par l'effet des décisions européennes et veiller au contraire à en assurer une extension substantielle;

- prévoir pour l'Union économique et monétaire, des critères de convergence économique axés notamment sur la réduction des taux de chômage, une couverture sociale élevée, la sauvegarde et l'efficacité des services publics, la gestion économe des ressources naturelles, la protection de la biosphère;

- élaborer une constitution européenne redéfinissant la séparation des pouvoirs, renforçant ceux des assemblées élues à tous les niveaux (communal, régional, national, européen), élargissant la démocratie participative, notamment dans le domaine de l'économie et des entreprises, dont elle est pratiquement absente, et définissant ainsi une citoyenneté européenne digne de ce nom.

(s.) André Hoffmann, François Bausch, Nick Clesen, Jean Huss et Jup Weber.

Ech gin drëtten eng Resoloutioun eran, wou d'Chamber décidéiert, sech an Zukunft aktiv, mä och verbindlech an de Prozess vun den europäeschen Décisiounen, vun den europäesche legislativen Akten anzeschalten.

Résolution 3

Attendu que les directives et réglementations européennes influencent d'ores et déjà d'une manière considérable les politiques nationales;

que cette „législation” européenne provient du Conseil des Ministres dans lequel siègent les représentants gouvernementaux des différents pays, et est préparée par la Commission européenne, elle-même nommée par les Gouvernements nationaux;

que les parlements nationaux se trouvent ainsi exclus de la procédure législative européenne;

qu'il faut rétablir la souveraineté démocratique tant au niveau national qu'au niveau européen;

la Chambre des Députés

décide de soumettre dorénavant tous les actes législatifs européens à l'appréciation préalable de la Chambre des Députés;

décide d'organiser à cette fin une procédure de consultation préalable obligatoire prévoyant au moins l'avis d'une commission dont feront partie tous les courants politiques représentés à la Chambre des Députés, ainsi que pour les actes législatifs européens les plus importants une nouvelle forme de débat en séance publique, étant entendu que cette consultation doit déboucher sur un mandat impératif de négociation pour le Gouvernement;

décide de collaborer activement avec les autres instances élues aux plans communal, régional et européen et notamment avec le Parlement européen.

(s.) André Hoffmann, François Bausch, Nick Clesen, Jean Huss et Jup Weber.

Ech soen Iech merci.

Mme la Présidente.- L'orateur suivant est l'honorable M. Bollendorff.

M. Léon Bollendorff (CSV).- Madame le Président, Mesdames, Messieurs. Dans mon intervention, je voudrais me concentrer sur un seul point, à savoir le Comité des Régions et des Communes.

Le *Traité de Maastricht* comporte une innovation institutionnelle très importante en ouvrant la voie à la représentation des régions et des communes.

Il prévoit en effet, à son article 198A, la création d'un Comité des Régions à caractère consultatif, composé de représentants des collectivités régionales et locales. Dans cette enceinte, le Luxembourg se voit attribuer 6 mandats sur un total de 189.

Cette représentation est identique à celle au Conseil économique et social, identique aussi à celle de la Conférence permanente des Pouvoirs Locaux et Régionaux à Strasbourg, organe consultatif du Conseil de l'Europe.

La création d'un tel organe consultatif auprès du Conseil et de la Commission représente une exigence ancienne du Conseil des Communes et Régions d'Europe qui avait comme objectif statutaire l'intégration dans les institutions européennes de la représentation des collectivités locales et régionales (résolution du 23 mars 1992).

Dans la résolution votée lors de la 2<sup>e</sup> Conférence Parlement/Régions de la Communauté, à la date du 29 novembre 1991, il est dit que les Régions de la Communauté s'adressent aux chefs d'Etat et de gouvernement des Etats membres de la Communauté, ainsi qu'à la Commission des Communautés européennes, afin que, dans le cadre des réformes qui seront adoptées à l'issue des Conférences intergouvernementales en cours à ce moment, soit prévue la constitution d'un Comité des Régions, indépendant, constitué par des élus désignés par leurs pairs, et capable d'initiatives, qui puisse être consulté, non seulement par le Conseil et la Commission, mais aussi par le Parlement européen.

Les compétences du Comité des Régions sont fixées comme suit à l'article 198C du traité: „Le Comité des Régions est consulté par le Conseil ou par la Commission dans les cas prévus au présent traité et dans tous les autres cas où l'une de ces deux institutions le juge opportun.

Lorsque le Comité économique et social est consulté en application de l'article 198, le Comité des Régions est informé par le Conseil ou la Commission de cette demande d'avis. Le Comité des Régions peut, lorsqu'il estime que des intérêts régionaux spécifiques sont en jeu, émettre un avis à ce sujet. Il peut émettre un avis de sa propre initiative dans les cas où il le juge utile.”

Quelles sont donc les questions sur lesquelles le Comité des Régions est consulté d'office?

En principe, cette consultation devrait se rapporter à toutes les questions qui sont du domaine de la politique régionale et communale et où le principe de la subsidiarité est en cause.

Il s'agit surtout de six domaines dans lesquels le Comité des Régions peut devenir actif.

a) dans le domaine de la culture;

L'article 128 traite de l'épanouissement des cultures des Etats membres et prévoit l'adoption par le Conseil d'actions d'encouragement pour contribuer à la réalisation des objectifs en matière de politique de la culture. Le Comité des Régions doit être consulté.

b) dans le domaine de la santé;

L'article 129 traite de l'adoption par le Conseil d'actions d'encouragement pour contribuer à la réalisation des objectifs en matière de politique de santé publique (assurer un niveau élevé de protection de la santé, prévention des maladies, notamment des grands fléaux, y compris la toxicomanie). L'avis du Conseil des Régions est de rigueur.

c) dans le domaine des transports;

A l'article 129D il s'agit de l'orientation et des actions décidées par le Conseil en matière de réseaux transeuropéens. L'avis du Comité des Régions est obligatoire.

d) L'article 130A énumère les actions spécifiques en matière de cohésion économique et sociale.

L'alinéa 2 de cet article dit: „En particulier, la Communauté vise à réduire l'écart entre les niveaux de développement des diverses

régions et le retard des régions les moins favorisées, y compris les zones rurales.” L'avis du Comité des Régions doit être demandé.

e) L'article 130D parle de la définition des missions des objectifs prioritaires et de l'organisation des fonds à finalité structurelle.

f) L'article 130E parle des décisions d'applications relatives au Fonds européen de développement régional.

Dans tous les cas l'avis du Comité des Régions est demandé.

Il faut à mon avis applaudir au fait que l'avis du Comité des Régions est de rigueur dans six domaines, comme la culture, la santé, les transports, la cohésion économique, les fonds structurels, le Fonds de développement régional, qui sont des domaines intéressants au plus haut degré les régions et les communes.

Toutefois, il est regrettable que l'avis obligatoire du Comité des Régions fait cependant défaut dans d'autres domaines tout aussi importants, comme par exemple celui de l'éducation ou celui de la formation professionnelle.

Dans ce contexte se pose la question de savoir si l'appréciation de l'opportunité d'une consultation du Comité des Régions par le Conseil ou la Commission offre des garanties suffisantes pour écarter le risque de voir placées les régions devant un fait accompli. Il y a lieu d'articuler des doutes à cet égard, étant donné notamment que le traité s'abstient de prévoir la saisine automatique du Comité des Régions dans des cas intéressant directement les régions et les communes, par exemple en rapport avec la formation professionnelle.

Ce dont il faut se réjouir cependant, c'est que l'autonomie du Comité des Régions a finalement été reconnue. En effet, au début il était proposé d'en faire une annexe du Conseil économique et social. Cela aurait été inadmissible pour les élus politiques, appelés à siéger au Comité des Régions.

Le Conseil d'Etat approuve la création de ce nouvel organe, sans pourtant approfondir ni sa raison d'être ni ses compétences.

Il se contente de souligner que l'aspect régional deviendra sans aucun doute une dimension importante de la future Europe, parce qu'il répondrait aux réalités européennes profondes et à la mise en oeuvre du principe de subsidiarité.

Je cite deux phrases de l'avis du Conseil d'Etat: „Les régions n'ont-elles pas souvent existé avant les Etats?... L'Europe des régions est déjà en train de devenir une réalité.”

Cette évolution est positive dans la mesure où elle va aussi à l'encontre de toute centralisation excessive. Il faudrait ajouter que la création du Comité des Régions va sans doute dans la direction d'une plus grande démocratisation de la vie politique.

Le Conseil d'Etat suggère au Gouvernement d'établir des modalités relatives à la nomination des représentants qui, en l'occurrence, devront être des élus communaux, même si le texte actuel ne le précise plus, à l'encontre du texte initial.

En effet, l'article 198 retient que les membres du Comité des Régions ainsi qu'un nombre égal de suppléants sont nommés, sur proposition des Etats membres respectifs, pour quatre ans par le Conseil statuant à l'unanimité.

Le Gouvernement serait donc bien inspiré si, pour ces propositions, il s'orientait à la procédure de la nomination des six délégués luxembourgeois pour la Conférence permanente des Pouvoirs Locaux et Régionaux.

Pour ces nominations, le Gouvernement demande des propositions au Syvicol, seul organisme qui groupe toutes les communes du pays. Il va sans dire que le Syvicol est prêt à faire des propositions tenant compte des principaux groupements politiques ainsi que des quatre circonscriptions électorales du pays. Il faudrait proposer des

représentants compétents de la vie luxembourgeoise qui représentent par ailleurs les différentes familles politiques, les différentes régions du pays et les différentes tailles de communes.

Il va sans dire aussi que le caractère politique du futur Comité soit préservé par la tenue d'un nombre limité de sessions plénières annuelles, le travail du Comité étant organisé en commissions. Le Comité devrait donc se structurer solidement et soumettre son règlement intérieur à l'approbation du Conseil aussitôt que possible.

La mise en place du Conseil des Régions soulève certainement beaucoup moins de passions que l'introduction de la citoyenneté européenne, d'une monnaie unique ou d'une politique de défense commune.

Pourtant, ce Conseil des Régions pourra offrir aux régions et communes européennes, mais également aux villes et communes luxembourgeoises, l'enceinte privilégiée pour y défendre dans une Europe élargie et approfondie les intérêts légitimes des cellules les plus petites du jeu démocratique, et ceci dans l'esprit du principe de subsidiarité.

Cela est une des raisons pour laquelle je vais donner mon appui à ce projet de loi.

Je vous remercie.

**Mme la Présidente.**- L'orateur suivant est l'honorable M. Grethen.

**M. Henri Grethen (DP).**- Madame Presidentin, dir Dammen an dir Hären. Et as scho ganz laang hier, zënter dass esou eng leidenschaftlech, lieweg an heftig Ausernanersetzung an der Lëtzebuurger Politik gefouert gouf, wéi em déi Maastrichter Verträge.

Hei gouf vun Ufank u mat immens vill Demagogie op der Majoritéitssäit operéiert, déi sech ganz kloer an d'Defensiv begin hat.

Et gouf vun Ufank un och vun de Majoritéitspartei versicht, der Oppositioun e Maulkuerf unzehänken.

Dat goug un, andeems op eng hannerhåltig Aart a Weis versicht gouf, de Skeptiker, dene Leit, déi dene Politiker net getraut hun, déi zu Maastricht verhandelt haten, schlechte Wëllen a schlecht Absichten ze ënnerstellen.

Jidferen, deen hei am Land eppes u Maastricht aussetzen hat, gouf dohinnergestallt, wéi wann en e Rassist wir. An dat nëmme, well verfassungsrechtlech Bedenken, déi och elo nach laang net aus de Féiss geraumt sin, ugemellt goufen.

Et as nun awer net eis Schold, datt et grad d'Walrecht fir d'EG-Ausländer zu Lëtzebuerg war, dat net mat eiser Verfassung iwwereneestëmmt.

Datt dat esou as, dat hun eminent Juriste konfirméiert. Dat huet souguer de Staatsrot zouginn. An d'DP krut schliisslech Recht, well grad de Staatsrot huet gesot, dass d'Verfassung misst geännert gin.

Elo kann een natiirlech driwwer streiden, ob et och richteg as, wann d'Verfassungsrevisioun no der Ratifizierung vun de Verträge geschitt.

Dorobber wëll ech net weider agoen, dat huet mäi Frënd a Kolleg Jean-Paul Rippinger hei ausgibeg gemaach.

Et gët awer nach aner Froen, déi eis musse beschäftegen, well se un d'Substanz vu Lëtzebuerg gin.

Wéi gesot, et hätt misse méiglech sin zu Maastricht, Lëtzebuerg beim Artikel 8 B eng sougenannt „Opting-out-Klausel“ zouzege-stoen.

Wann d'Dänen et fäerdegbruecht hun, hiren däitschen Noperen ze verbidden, op hire Stränn Weekendhaiser unzeschaffen, dann hätt et dach fir Lëtzebuerg missen eng einfach Saach sin, kloer an déi Maastrichter Verträge festzeschreiwien, datt mir bei engem Ausländerundeel vun iwwer 30% och eng Extrawurscht gebröde kritt hätten.

Et muss een dach verstoën, dass d'Leit Schwiregkete mat esou enger Neierung hun. Dofir hun déi Häre Santer a Poos zu Maastricht awer kee Versteesdemech gefrot!

D'Iddi vun der Citoyenneté européenne gouf vun de spuenesche Sozialiste favoriséiert. An et kënn een sech och Gedanken iwwert hir Beweggrënn maachen. Hiirt Uleies war sécherlech net den EG-Pensionären op der Costa Brava d'Walrecht bei de Gemengewalen anzeräumen. Vill éischerter war et d'Beméien hire Bürger, déi an denen aneren EG-Länner a besonnesch am Norde vun Europa liewen, nei, zousätzlech Rechter anzeräumen.

A vläicht dāerf een och d'Absicht ënnerstellen, dass versicht gët géintiwwer den Nordländer en zousätzlech Drockmëttel an der Hand ze hun. Wéi effikass d'Spuenier zum Beispill si wann et em d'Erstriede vun zousätzleche Gelder fir Spuenien geet, hu mer jo an dene leschten Deg bezüglech dem Delors II-Paquet erlieft.

Awer wéi gesot, et goufen nach immens aner wichteg Saachen zu Maastricht vun eise Regierungvertrieder vergiess.

Mir erliewen dēser Deg, no Lissabon, dass Lëtzebuerg an der Sëtzfro gewëssermoossen ausgespillt huet.

Här Staatsminister, Här Ausseminister, Dir hut an dene leschte Wochen a Méint drop gedrängt, dass Lëtzebuerg zu denen éischerter Länner gehéiert déi Maastricht ratifizéieren. Dir woort offensichtlech der Meinung, dass Lëtzebuerg séng Roll als Musterschüler irgendwéi, irgendwann vu sänge Partner honoréiert géif kréien an Dir hut vun Ärer „presse amie“ verbede gelooss, d'Chancë vu Lëtzebuerg, Sëtz vun der europäescher Zentralbank ze gin, wesentlech kënnte verbessert gi wann Dir Äre Partner op dem Lissabonner Sommet kënn matdelen, „mission accomplie, c'est dans la poche“.

Den Timing vun den Aarbechte vun der Spezialkommissioun war esou geplangt, dass nach viru Lissabon d'Rapporen adoptéiert konnte gin. Muer wärd Dir Iech mat der Erfolgsmeldung kënn bretzen, dass Lëtzebuerg tatsächlech als éischerter Land ratifizéiert huet an dat obwuel nach ëmmer komplett Onkloerheet besteet wéi et em de juristesche Status vun deem Vertrag, deen am Februar zu Maastricht ënnerzeechent gin as, nom negativen Ausgang vum dänesche Referendum, bestallt as.

Eng méi wichteg Fro as awer déi, wat déi iwwerstierzte Prozedur, déi mir hei am Begrëff sin duerchzeezéieren, eis am Endeffekt bréngt. Wéi gët de Lëtzebuurger „good will“ vun eise Partner honoréiert? Wat as d'Contre-partie dovunner, dass mir elo gewëssermoosse virun den europäesche Won lafen?

Mir hun als Fraktioun Iech de Gefale gemaach déi Prozedur matzedroën. Engersäits well mer eis bewosst waren, dass am anere Fall Dir net géift zécken eis dofir verantwortlech ze maache fir de Fall wou d'Zentralbank eis géif laanscht d'Nues goën. Anerersäits, well mer Iech de Réck wollte stäipen an Iech an d'Lag wollte versetzen, d'Lëtzebuurger Aspiratiounen optimal ze verrieden. Eist Entgéintkomme war also kloer mat enger „obligation de résultat“ verbonnen.

Ech gin d'Gefill net lass, Här Staatsminister, Här Ausseminister, dass Är Rechnung zu Lissabon net opgaangen as an dass mir am besonneschen an der Sëtzfro net nëmme net d'Zentralbank zougestane kréien, mä och nach doriwwer eraus Gefor lafen gehéireg geplëmmt ze gin. Mir hun eist gemaach. U wat läit et dass Lëtzebuerg trotzdem awer bei der Sëtzfro Gefor leeft bei d'Lisett gelooss ze gin?

Och wann nach näischt Endgülteges zu Lissabon an dāer Fro festgehale gin as, sti mir elo gewëssermoosse mam Fanger am Mond do an diirften doriwwer eraus wéinst eisem „excès de zèle“ vun eise Partner als guttmiddegen, mä awer naive Partner betruucht gin.

Mir fārten elo, dass déi europäesch Zentralbank, wou den Här Staatsminister net midd gin as ze soën, dass déi nëmme heihinner bei eis kënn kommen, elo definitiv fort as.

Mir hun an der sozialistescher Zeitung kënne liesen, dass den Här Santer vergiess huet och zu Lissabon de Lëtzebuenger Standpunkt kloër ze maachen, wéi déi penibel Virentschedung an der Sëtzfro gefall as.

Mir gin elo an der Zeitung vum Ausseminister gewuer, wéi schlecht de Staatsminister zu Lissabon hantéiert huet. Dat muss eis ze denke gin, well wann dat an der Zeitung vum Ausseminister steet, da weess den Här Poos sécher fir wat et do steet.

**Une voix.**- Dir musst nët alles glewe wat do steet!

**M. Henri Grethen (DP).**- Den Här Staatsminister soll also, zu Recht oder zu Onrecht, de schwaarze Péiter an der Sëtzfro zougeschoustert kréien.

Wann et esou geet wéi mer gelies hun, da gin all Servicer vun der europäescher Kommissioun zu Lëtzebuerg fort. Nëmme den Eurooffice bleift. Et as also nët nëmme esou, dass mir d'Zentralbank an d'Haascht hänke kënnen, mä mir kréien och nach aner Servicer ewechgeholl an dat mécht herno e puer Dausend Leit aus, wat sech op d'Lëtzebuenger Economie drastesch auswierke wärd.

**M. Jacques Santer, Premier Ministre, Ministre d'Etat.**- Dat as jo nët wouer!

**M. Henri Grethen (DP).**- Mme Presidentin, den Här Staatsminister ënnerbrécht mech déi ganzen Zäit a seet, et wir nët wouer. Ech hun haut mat groussem Intérêt am „tageblatt“ gelies: „La proposition portugaise chiffrée“ an do steet, dass à terme 2.175 Plazen a Gefor sin, dass à terme bei Eurostat, am Office des Statistiques, wou 400 Plaze sin, 1.500 méiglech Plazen nët do sin. Dat as dat wat mir an der Zeitung vum Ausseminister dëser Deg konnte liesen.

**Mme la Présidente.**- M. Grethen, vous permettez que M. le Ministre d'Etat vous pose une question?

(Assentiment)

**M. Jacques Santer, Premier Ministre, Ministre d'Etat.**- Dir sot mat Recht, dass eng Proposition portugaise um Dësch louch, déi ech och ganz gutt kennen, mä wat Der awer nët sot, dat as, dass ech nët mat där Proposition d'accord war an dass och aner Propositionen nët ugeholl gi sin. Ech hun de Moië ganz däitlech gesot, dass mer näischt cédiert hu wat d'Décsioun vum 8. Abrëll 1965 ubelaangt. Déi steet also integral do an esou wéi déi Propositione vu Portugal nët ugeholl gi sin, esou sin och déi Propositione vum Här Lübbes senger Zäit nët ugeholl gin an ënner dem Här Andreotti as et och zu kengem Accord komm.

De Problem vum Siège steet nach integral am Raum an et as nach näischt préjugéiert, weder an där enger nach an där anerer Fro. Huet dat wann ech gelift zur Kenntnis. Ech hun dat iwwregens de Moië scho gesot.

**M. Henri Grethen (DP).**- Mme Presidentin, ech huelen déi Deklaratioun vum Här Staatsminister ganz gären zur Kenntnis an ech kann elo, ouni méng Kollege gefrot ze hun, den Engagement fir méng Fraktioun huelen, dass mir him an där Fro de Réck wäerte stäipen. Mä gläichzäiteg soll en awer och bei sengem Koalitiounspartner an an deem senger Zeitung dofir suergen, dass en do de Réck gestäipt kritt an dass do nët déi Intoxe gemaach gët, déi an dene leschten Deg gelaf as.

Och wann dat elo esou an der sozialistescher Zeitung duergestallt gët wéi wann zu Lissabon eis Chancen total verpasst goufen, da muss een awer an dëser Debatt drun erënneren, dass et zu Maastricht war wou nët nëmme den Här Santer, mä och den Här Poos matverhandelt huet an dass also zu Maastricht d'Geleënheet gewiescht wir, fir Lëtzebuerg eng definitiv Regelung an der Sëtzfro erauszuschloën.

**M. Emile Krieps (DP).**- E war awer ëmmer beim Iessen derbäi!

**M. Henri Grethen (DP).**- Zu Maastricht hun eis Leit also fir d'ëischt versot. Si hun e Memorandum, dee mir als Oppositioun matënnerschriwwen haten an deen 1991 déi italiensch Présidence iwwerrecht kritt huet, total ignoréiert, wouranner klipp a kloër festgehale gouf, dass mir vun enger Konsolidéierung vum Europasëtz Lëtzebuerg ausgin. Vun enger Konsolidéierung geet elo keng Rieds méi.

Hei geet et elo ëmgedréint. Hei gët den Ausverkauf vum Europasëtz Lëtzebuerg, deen esou eng grouss Tradition huet, nach beschleunegt.

Den Här Staatsminister an den Här Poos sin um gudden Wee d'Doudegriewer vum europäesche Standuert Lëtzebuerg ze gin.

A wann ech liese wat haut am „tageblatt“ stong, dann zitieren ech, well et esou schéin as: „Avant Edimbourg, les ministres du gouvernement devront prendre leur bâton de pèlerin pour aller plaider la cause luxembourgeoise dans les onze capitales. Et le chef d'équipe devra mettre une bonne fois un bémol aux velléités bruxelloises de M. Delors avec lequel il s'était pourtant entretenu (de tout, sauf de sièges) lors d'un déjeuner précédant le sommet de Lisbonne“.

**M. Jacques Santer, Premier Ministre, Ministre d'Etat.**- Ce qui n'est pas juste!

**M. Henri Grethen (DP).**- Mais c'est écrit dans le „tageblatt“, M. le Ministre. Je cite uniquement.

„Depuis Albert Borschette jusqu'à Jos Weyland, les représentants permanents successifs s'étaient battus comme des diables pour défendre ce qui était considéré comme un „intérêt vital“ luxembourgeois. L'heure est venue de sortir la grosse artillerie. Sans quoi il sera trop tard et le Grand-Duché n'aura plus qu'à se consoler en faisant tourner sur son territoire des films de zone B pour lesquels on recrutera du personnel à durée très déterminée“!

Dat as dat wat an der Press vum Här Ausseminister haut stong a wou mäi kleng Fanger mer seet, dass nët de Journalist, mä dass en aneren d'Fieder gefouert huet.

Elo waarde mer dann op Edinburg a wann et dann esou geet wéi ze färten as, da wäerte mer eis drun erënneren kënne wat d'lescht Woch an Däitschland geschitt as wéi déi nei Regelung iwwer den Avortement gestëmmt gouf.

Da kënne mer eis sécher um Enn vun dësem Joër, wann zu Edinburg d'Damokles-Schwert iwwer den Europasëtz Lëtzebuerg erofgefall as, sämtlech Klacken am ganze Land an et nëmme zu Schiere lauden a mir kënnen esouguer nach d'Pompjeën an d'Protection civile froën, fir dass déi och nach all Sirenen aschalten. Awer dat alles kann dann näischt méi déngen.

Et kënn een och froën, fir wat a Saache Finanzplaz nët dofir gesuergt gouf, dass déi Ongewëssheden aus de Féiss geraumt goufen, déi mer elo kennen.

E japanesch Banquier huet nach virun e puer Wochen an enger Beilag vum Lëtzebuerg Wort onverblimmt folgendes gesot: „Wie bereits erwähnt, üben verschiedene Stellen, unter anderem die EG-Kommission, erneut einen erheblichen Druck aus, zum Beispiel in bezug auf das Bankgeheimnis und die Quellensteuer, bei denen Luxemburg einen Sonderstatus genießt. Sollte dieser verlorengehen, so würde dies zweifellos die künftige Entwicklung beeinträchtigen. Es wird weitgehend die Meinung vertreten, dass Luxemburg nach der EG-Integration langfristig seine Sonderstellung allmählich verlieren und mit den anderen Finanzplätzen gleichziehen wird. Zu jenem Zeitpunkt werde ich oder mein Nachfolger wohl erneut über ein weiteres Verbleiben in Luxemburg nachdenken müssen“.

Aner Banquierën, Mme Presidentin, wäerten dat och an d'A faassen.

Et gët awer nach eng Rei aner Froën, déi grad an dësen Debatten ëmmer ërën mussen opgeworf gin.

D'Majoritéitsparteien hun sech zum Sport gemaach grad der Demokratescher Partei Onenegkeet an der europäescher Fro virzwerfen.

Dat as e staarkt Stéck wann ee weess, dass bei der CSV an an der LSAP nëmmen dofir keng Oneenegkeet konnt opkommen, well do d'Diskussioun vu vireran ënnerdréckt gouf.

*(Interruptions diverses)*

An der CSV an an der LSAP huet nët dierfen iwver Maastricht diskutéiert gin. Dofir gouf et an dene Parteien och nëmmen eng eenzeg Meinung an zwar déi vun hire Regirungsleit, respektiv Fraktiounspräsidenten.

As dat Demokratie, dir Dammen an dir Hären? Verstit Dir esou Är politesch Aufgab?

An dach koumen ausserhalb vun hire Parteié Meinungsverschiedenheten op. Ech wëll eng ervisträichen, déi besonnesch opgefall as. Et as de parlamentaresche Sekretär vu gläich 3 sozialisteschen Deputéierten, deen de leschte Freideg am „Lëtzebuerger Land“ geschriwwen huet: „Wenn das Parlament den Text tatsächlich am 2. Juli verabschiedet, dann wäre das, was Poos und sein engster Vertrauter, Nicolas Schmit, vorexerzieren, Ausdruck einer unbeschreiblichen Arroganz der Macht. Dat klingt überzogen? Eher ist es eine Untertreibung. Dass Schmit als Staatsdiener den Unionsvertrag mitaushandelt, ein völlig normaler Vorgang; dass er anschließend das Exposé des motifs des Zustimmungsgesetzes mitformuliert, ebenso. Danach wird die Sache bereits komplizierter und spannender“.

Wat gët ënner onbeschreiflicher Arroganz vun der Muecht verstanen? Den engste Regirungsmataarbechter vum Ausseminister handelt zu Maastricht de Vertrag mat aus an da geet en an de Staatsrot 2/3 vum Avis schreiwen.

As dës Tatsaach, eng ongeheier Saach, froën ech? Muss ee sech froë wéi et em d'Séparation des pouvoirs hei am Land gestallt as? Gin hei nët déi zwee, wann nët esouguer déi dräi Pouvoiren duerchernee gehäit? Dierft et dat an engem Rechtsstat nët gin? Brauch een sech dann nët ze wonnere wann d'Leit d'Flemm mat der Politik kréien? Mécht d'CSV-LSAP-Majoritéit nët alles, dass et domat nach méi schlemm gët?

Dee selwechte ganz couragéierte fräie Journalist am Dénsgscht vun der LSAP schreift jo och vun engem „traurigen Höhepunkt“, woumadder hien ee vun dene villen Artikele vu séngem Parteipresident Fayot viséiert, dee schäinhelleg sech den Avis vum Staatsrot zu Recht geluecht huet, fir dat falscht Taktéiere vun der Koalitioun och nach ze rechtfäertegen.

A wann de sozialistesche Mataarbechter mengt, „wir befinden uns gegenwärtig in der tiefgreifendsten aller denkbaren institutionellen Krisen, doch die Regierung tut gerade so, als sässe man gemütlich beim Kaffeekränzchen beisammen und das grösste Unglück bestünde darin, dass jemand die Sahne auf dem Kuchen vergessen hätte“, da kann een do nëmme mat him d'accord sin.

Wann ech dann nach liesen, dass de Jean Jaans, deen all dënschesde séng Chämberchronik am „Luxemburger Wort“ schreift, sech driwwer iergert, dass d'Leit an dene vergaangene Méint a Wochen nët informéiert gi wiren, an dass eng verspéiten an deier Publizitéitscampagne et nët erlaabt, politesch Inhalter ze „verkafen“, da gesäit ee jo wou d'Widderspréich leien.

Et kënnt een nach vill aus Zeitungen zitieren, jhust vun dëser Woch, wou téschent de Koalitiounsparteien an hiren Zeitungen sou munch Konfusioun entstanen as.

Ech wëll mech haut nët zevill domadder ophalen, awer betounen, dass déi Demagogie, mat där virgaange gouf, engem seriöse Parlament onwürdeg as, a fir eng Regirung eng Zoumuddung as.

Jhust een Hiwäis nach op dem Jean Jaans séng Chronik, deen op déi Veronsécherung higewisen huet, déi entstanen as, weil d'Leit Schwiregkete mam Ausländerwalrecht hun, wat awer nët diirf heeschen, dass déi Leit gläich als Nationalisten duergestallt diirf gin.

Déi Veronsécherung hätt jiddefalls kënne verhënnert gin, wann d'Majoritéit der DP-Fuerderung no engem Referendum nokomm wir, amplaz dëst ze verdamen.

Wéi richteg mer lougen, dat huet jo déi Menungsëmfro ergin, déi d'ILRES am Optrag vun der Zeitung „The European“ hei am Land duergefouert huet.

Doraus goug ervir, dass 55% vun de Lëtzebuerger gären dëse Referendum gehat hätten.

D'Regirung huet gemengt, si hätt dat nët néideg.

D'Regirung an d'Majoritéitsparteien hun also, wéi se d'DP-Fuerderung ofgewisen hun, ganz kloer géint de Wëlle vun der Majoritéit vum Vollek gehandelt.

An dëser Emfro huet et och geheescht, dass 50% vun de Lëtzebuerger fir eng Ratifizierung vun de Maastrichter Vertrag sin, an nëmmen 13% sech dergéint ausgeschwat hun.

80% vun dene Leit hun awer och gesot, dass si entweder iwverhaupt nët oder schlecht informéiert wiren.

Och dat huet gewisen, wéi recht dass mer als Liberal haten, wéi mer eng groussugeluegten Opklärungscampagne gefuereert hun.

Wann dat gemaach gi wir, da wir de Prozentsaz vun de Maastrichtbevirworte ganz sécher wäit iwver 50%, a waarscheinlech souguer iwver eng 2/3-Majoritéit geklommen.

Dat alles wollt d'Regirung nët, och wann dës Menungsëmfro ergin huet, dass all hir Argumenter géint e Referendum hifälleg sin.

Et war jiddefalls eng falsch Opfaassung, et war verkéiert, wéi gesot gouf, bei engem Referendum, wat e politesch Abenteuer wir, kënnt déi Saach schifgoen.

Den Ausseminister Poos hat dofir Onrecht, wéi hien déi Leit, déi fir e Referendum agetruede sin, alleguer als Feiglinge bezeechent huet, well se nëmmen hir Europafeindlechkeet hannert e Referendum verstuppe wëllten.

Den Här Poos soll wëssen, dass d'Feiglingen an der Regirung sätzen. Si sin et, déi dem Vollek eng verantwortungsbewusst politesch Entscheidung nët zoutrauen.

Och dofir huet dës Regirung d'Quittung verdingt!

Elo dann zu deem, wat geschitt, wa mir haut ratifizieren.

An de Maastrichter Vertrag steet, dass se nëmme gültig sin, wann déi 12 ënnerschreiwen.

Dat as elo e Problem.

Wa mir haut ratifizieren, ratifiziere mir dann eppes, wat iwverhaupt kee Wäert huet? Well, wann Dänemark oder soss ee Land nët ratifiziert, da sin dës Vertrag jo hifälleg, da muss vu vir ugefaange gin.

Wat geschitt dann elo?

Wann also Noverhandlung muss virgeholl gin, hun dann déi aner d'Méiglechkeet, fir Nobesserungen ze maachen, a sti mir, déi esou presséiert sin, fir ze ratifizieren, nët mat eidelen Hännd do?

Och dat wir en Argument gewiescht, fir eis Zäit ze loossen, fir dësen Termin zrëckzestellen.

Et as jiddefalls nët richteg, wann d'Regirung elo an hire Wäschpolverreklammen déi Maastrichter Vertrag als e Succès fir Lëtzebuerg verkafte wëllt.

Maastricht ka beschtefalls eng Chance fir Lëtzebuerg sin, alles aneschtens as aus der Loft gegräff.

Do muss awer nach viles geschéien, wat e rezent Beispill beweist. Wou as dann déi gemeinsam europäesch Aussepolitik, déi schon a Jugoslawien versot huet, wann um Dag vun Sommet vu Lissabon ee franséische Staatspräsident eng Extratour reit, mat där déi aner elf glat a guer näischt ze din hun?

Wou as dann dat soziaalt Europa, dat mat enger Extrawurscht fir d'Englänner quasi gestrach gouf? D'Lëtzebuerger Gewerkschaften, déi der Regierung net widdersprieche daerfen, hale sech verdächtig roueg. Wéi wir et anescht ze erklären, dass deen Deputéierten aus der CSV-Majoritéit, dee gläichzäitig LCGB-Präsident as, an diesen Debatten, wéi mäi Virriedner et scho betount huet, d'Wuert net ergräift?

Iwwer Maastricht as hei a bei anere vill a laang diskutéiert gin. Et gouf zum Deel hefteg Kontroversen. Mä et as awer esou, dass waarscheinlech no Maastricht eng Diskussioun op eis zoukënnt, déi nach méi komplex an déi nach méi kriddelech an hefteg ausfale kënn.

Et geet em den institutionelle Problem repektiv iwwer d'Roll vun dene klenge Länner am groussen Europa.

Hei geet et fir eis Lëtzebuerger em d'Wurscht.

Wann ee weess, wat scho verschidde Leit, wéi zum Beispill den EG-Commissaire Leon Brittan oder och de Kommissiounspräsident Delors an dieser Saach plangen, da gesäit et net grad roseg aus.

Wann et hinnen nogéing, krite mir keng Présidence méi. Mir hätte kee Member an der Kommissioun méi zegutt. Lëtzebuerg hätt nëmmen een eenzege Verrieder méi am Europaparlament.

Bei dieser Diskussioun musse mir Faarf bekennen.

A mir mussen decidéieren, ob Lëtzebuerg einfach irgengend Regioun an Europa soll sin, oder ob mir wirklech wellen als egestänneg Natioun am Europa vun der Zukunft weider bestoen!

Wa mer elo awer gesinn, wéi schlecht dass Lëtzebuerg an der Sätzfro verhandelt huet, da mussen engem am Hibleck op déi Diskussioun, déi nach net gefouert gouf, d'Dronkenellen ausgoen.

**M. René Kollwelter (LSAP).**- Diirf ech eng Fro stellen?

**M. Henri Grethen (DP).**- Wann d'Mme Presidentin erlaabt.

**Mme la Présidente.**- M. Kollwelter a la parole.

**M. René Kollwelter (LSAP).**- Den Här Grethen huet elo grad d'Schreckgespenst un d'Mauer gemoolt, dass et enner verschiddene Szenarioë kënn méiglech sin, dass Lëtzebuerg op där enger oder anerer Plaz manner Verrieder hätt. Do well ech hie froen, ob hie scho weess, dass mer souwisou haut schon de facto nëmme 5 Mann am Europaparlament hun, déi aktiv sin?

**M. Henri Grethen (DP).**- As dee sechsten den Här Fayot?

(Hilarité)

Madame Presidentin, dir Dammen an dir Hären. D'DP-Fraktioun weess, dass et fir Lëtzebuerg kee Wee aus der Europäescher Gemeinschaft gët!

D'DP-Fraktioun weess, dass et fir Lëtzebuerg nëmmen eng Chance an Europa gët!

D'DP-Fraktioun weess awer och, dass Maastricht kee Succès fir Lëtzebuerg as! Et as en neien Défi, eng vun dene gréissten Erausforderungen, mat denen eis Hemecht an hiner Geschicht konfrontéiert war!

Am Kader vun de Verhandlungen vu Maastricht gouf leider verpasst, d'Intérêt vu Lëtzebuerg mat leschter Konsequenz ze verrieden.

Verpasst gouf och, eiser Verfassung Rechnung ze droen. Ech gehéieren zu denen, fir déi eist Grondgesetz net nëmmen eng Fatz Pabeier as. An ech gehéieren zu denen, déi - obwuel eng Verleênheetsléisung fond gouf - net glécklech driwwer sin, nëmmen de Choix zwëschen Europa an eiser Verfassung ze hun, deen net houfreg as, mar eist Grondgesetz mussen ze béien. Fir net méi mussen ze soen!

D'DP-Fraktioun wäerd trotz alle Bedenken hir Zoustëmmung zu diesem Vertrag gin, wëssend dass mir keen anere Choix hun, wëssend dass Maastricht eng Chance ka sin, dass fir eist Land awer och gewëss Geforen aus Maastricht erwuesse kënnen.

Eise „Jo“ as e „Jo“ zu Europa! Ganz sécher awer kee „Jo“ fir des Regierung, déi eiser Meinung no zu Maastricht kee Succès fir Lëtzebuerg dervugedroen huet.

**Mme la Présidente.**- L'orateur suivant est l'honorable M. Krecké.

**M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Madame Presidentin, dir Dammen an dir Hären. Et huet elo grad ee vun den DP-Kollege mer gesot: Du hues et schweier no esou enger Ried. Et as wouer! Esou e Slalom bréngen ech net fäerdeg, dass as wirklech iwwer méng Moyenen!

Deen dat hei nogelauschtert huet, huet sech jo awer missen erwaarden, dass no dene ville Kriticken d'Konklusioun misst sin: Ech kann dat do net stëmmen. Dann as een allerdings erstaunt, wann den Här Grethen an dene leschten zee Sätz op eemol muss déi Kéier huelen. Ech hoffe fir Iech, Här Grethen, Dir hut de Poids, dass Der d'Schleidergesetzter an enger Kéier kennt, fir dass Der net bei esou engem Manöver ausrutscht!

Ech ka mech nëmme wonneren, wéi e Fraktiounschef et fäerdegbréngt, mat esou wéineg Nuancen hei ze schwätzen, wéi Dir dat hei gemaach hut!

Mä ech iwwerloossen dat méngem Fraktiounspräsident, dee sech diirf eng Freed draus maachen, eng Rei vun Äre Sätz hei ausernanerzuehelen, well ech muss Iech soen: Dat geet wirklech net op eng Kouhaut!

Dir hut hei net ganz vill vun Iech bruecht.

**Mme la Présidente.**- Adressez-vous à la Chambre, M. Krecké, s'il vous plaît!

**M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Madame Presidentin. Ech muss Iech soen, den Här Grethen huet hei net rose vill vu sech bruecht. Hie war frou, dass e puer Leit an den Zeitunge Saachen zu Maastricht geschriwwen hun, well soss hätte mer hei net eng hallef Stonn nogelauschtert, mä 5 Minuten, wa mer nämlech d'Auszich aus der Press ewechhuelen.

Ech muss soen, Här Grethen: „Was der Schelm ist, denkt er von den andern!“ Ech froë mech, wat am „Journal“ d'Journaliste mussen iwwer sech ergoë loossen, wann ech bedenken, wat Dir mengt, wat am „tageblatt“ alles esou vir sech geet, wéi wann do d'Sozialistesche Partei, an doriwwer eraus den Ausseminister de Poids hätt, fir ze bestëmmen, wat déi Journalisten do soen! Dat as an där Zeitung net de Fall. Ech wellt, et wir de Fall, da géingen heiansdo aner Saachen dra stoen, déi mir léiwer dra stoen hätten.

Ech muss Iech allerdings soen, wann Dir mengt, dass et esou am „tageblatt“ vir sech geet, da kann ech mer jo virstellen, bei Ärer wichteger Positioun am „Journal“, dass Dir am „Journal“ esou virgitt. Ech bedauern déi Leit, déi fir déi Zeitung mussen schreien.

**Mme la Présidente.**- Vous permettez une question de la part de M. Grethen?

**M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Wann et eng Fro as, selbstverständlech, Madame Presidentin!

**M. Henri Grethen (DP).**- Madame Presidentin, kann den Här Krecké mer soen, wivill Journalisten an der leschter Zäit am „tageblatt“ gekënnegt hun, an ob et wouer as, dass et der méi sin, wéi de Lëtzebuerger „Journal“ Redakteren huet?

(Hilarité)

**M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Och hei, Madame Presidentin, as et eemol méi esou, dass den Här Grethen wirklech e Champion as a Rieden ouni Nuancen. Hie weess ganz genau, dass do Leit fortgaange sin, well se op enger aner Plaz eng wesentlech méi héich Pai offrériert kritt hun. Mir gënnen hinnen dat. Firwat solle se dann och net fortgoen? Dat as eng Nuance, déi den Här Grethen natierlech bei op der Tribün, wéi esou vill Nuancen, vergiess huet ze maachen.



Den Här Grethen war sech nët ze schued, fir an déi Demagogie, an dee Populismus anzegoen, deen awer wiirklech den Débat hei dobaussen e bëssche gepräägt huet.

Et as een awer nënmen erstaunt, wann ee gesäit, dass dee ganzen Débat iwver Maastricht op eemol e Problem as nëmme méi vu Verfassung, an dann haaptsächlech vum Walrecht fir eng Rei Bürger, déi och an eisem Land wunnen an déi d'Walrecht bei de Gemengewalen a bei den Europawale solle kréien.

Wa Politiker, déi an där Positioun si wéi den Här Grethen, sech nët ze schued sin - wéi hien dat mam Beispill gewisen huet, wéi hien hei iwver d'Spuenier hiergefall as - fir esou Saache vu sech ze gin, da brauche mer eis nët ze wonneren, wann den Débat am Public och nët besser as.

An do gehéieren och d'Kollege vum Aktiounskomitee 5/6 derzou.

Ech hat mer erwaart, wann ee Maastricht nët gutt fënt, dass ee fir d'éischt emol seet, wat een un Europa tout court an un där Europapolitik nët gutt fënt, an dass een da vläicht zur Konklusioun kënn: Vu dass dat nët gutt as, wéll ech och nët weider goen, well effektiv Maastricht e Weidergoen an déi Richtung as. Dat hätt ee sech erwaart!

Et hätt ee sech erwaart, dass et géif eng Diskussioun iwver de Fonktionnement vun der EG gin. Am Rapport as dat nämlech zum Deel dran. Doriwwer gët scheinbar ganz wéineg geschwat, well dann hätt ee missen an där sougenannter Opklärungscampagne, déi den Här Grethen elo grad hei évoquéiert huet, froen: Wat sin d'finanziell Auswirkunge fir eist Land? Wat stécht um finanzielle Plang fir eis hannendrun?

Dat selwecht gëlt fir d'Kollege vum Aktiounskomitee 5/6, déi jhust op engem Thema probéieren, hei Populismus ze dreiwien, fir e puer Stëmme op hir Säit ze kréien, an nët soen, em wat et wiirklech geet.

#### *(Interruption)*

Den Enjeu as effektiv nët esou einfach, Här Mehlen. Ech muss lech awer soen, ech vermessen aus Ärem Mond hei den Débat iwver den „enjeu financier“. Wou war deen da bis elo?

#### *(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)*

Et as vläicht nët den Zweck - wäerd deen een oder anere mer soen - fir zu dësem Zäitpunkt iwver de finanziellen Enjeu ze schwätzen. Ech fannen et awer ëmmer erëm interessant, wann een iwver ee Konzept schwätzt - an hannert dem Traité vu Maastricht verstoppt sech jo awer eng Iddi vun Europa - dass een dann awer och schwätzt „en termes de finances“.

Mir geet d'Konzept nët duer, ech muss heiansdo och d'Zuele gesinn, déi sech hannendru verstoppen!

Ech probéieren, dat och elo hei ze maachen, mat dene Méiglechketen, déi mir als Parlamentarier haten, a mat denen Informatiounen, un déi mir konnten erukommen.

D'Situatioun as de Moment déi, dass d'EG-Ausgabe bei ronn 1,15% vum PNB am Joer 1992 sin, déi mer an där EG erwirtschaften.

1980 loug deen Niveau nach bei 0,7% PNB. Et stellt ee fest, dass et eng Explosioun vun de Recetten, awer haaptsächlech vun den Ausgaben, an där europäescher Politik gin as.

Wann haut nach Leit soen, dee Budget as modest vis-à-vis vun de Budgetën, déi déi eenzel Staten hun, dann as dat richtig, mä da muss een awer ennersträichen, dass et eng extrem schnell Steigerung an deem Budget gët.

Ech wéll dat nët einfach tout court verdamen. Vun 1980 bis 1992 as de Budget véiermol méi héich gin. Da kann een zumindest froen: As dat alles berechtigt gewiescht? Et brauch een nët en Hurra-Europäer ze sin, fir awer eng seriö Debatt ze féieren iwver déi Problemer, déi sech an dësem Débat stellen. Ech soen nët, dass dat nët ganz de Fall war, mä ech vermessen awer och esou Punkten.

Vun 1987 bis 1992 hun déi Ausgaben ëm 30% zougeholl. Dat as e wichtege Facteur, deen engem ze bedenke gët. Firwat? Well téschent 1992 an 1997, laut de Propositionen, déi ee Moment um Dësch loughen, déi nët ugeholl gi sin, déi Dépensen nach eng Kéier ëm 32% sollte gesteigert gin.

Wat huet dat fir Lëtzebuerg bedeit?

1970 hate mir eng Kontributioun vun 12 Milliounen un d'EG. 1980 war dat schon eng hallef Milliard. 1985 ware mer bei 1,8 Milliarden.

Wat 1991 ubelaangt, do sin d'Chifferen, déi mer vu Säite vun der Regierung kritt hun, Här Staatsminister, nët ëmmer déi selwecht. Ech hun zwee Tableaü gesinn, déi nët onbedingt op dee selwechte Chiffer fir 1991 kommen. Ech gin op alle Fall vun deem Chiffer aus, dee seet, dass mer 1991 ronn 4,9 Milliarde Kontributioun un d'EG bezuelen.

Ech hun, wéi gesot, zwee verschidden Tableaü gesinn, mat Szenarioën, wou et mir nët ganz kloer war, ob mer dann elo bei 4,9 Milliarde sin, sou wéi dat am „Annuaire statistique: Tableau K.111“ steet, oder ob dee Chiffer vun anere Regierungsdokumenten richtig as, wou een am Fong geholl dervu kënn ausgoen, dass dee Chiffer eréischt 1992 erreecht gët.

D'Diskussioun wir och falsch, wann ee géing soen, de Paquet Delors II as d'Facture vu Maastricht. Dat hun ech scho munchmol héieren. Dat as falsch, et as ouni Nuancé geschwat. Firwat? Mir wësse ganz genau, dass de Paquet Delors II éischtens emol eng Weiderféierung as vun deem, wat an der europäescher Politik bis elo gelaf as. Et kommen eng Rei Facteuren derbäi, déi eben iwver den Traité vu Maastricht festgehale gi sin, wéi eng Politique de cohésion. De Rescht as Choix vun der Kommissioun als solches gewiescht. Et war eng Proposition, a si as fir de Moment och nët ugeholl gin.

Wou komme mer an deem System hier? Fir d'éischt as vun engem Paquet financier am Juni 1984 zu Fontainebleau um Conseil européen geschwat gin.

Deemools hate mer Problemer mat der Kontributioun vun den Englänner. D'Spuenier an d'Portugiese waren derbäi komm. Mir haten och, wat d'Agrikultur ubelaangt, eis Dépensen nët méi am Grëff. Zousätzlech huet d'Kommissioun nei Ressourcé gefrot. Do as fir d'éischt vun engem Paquet geschwat gin.

Deen eigentleche Paquet Delors I as eréischt de Februar 1987 op d'Tapéit komm. Firwat? Zum Deel as dat duerch den Acte unique noutwendeg gin, wat d'konkret Realisatiounen ubelaangt. Deen as dann eréischt am Februar 1988 um Conseil européen zu Bréissel konkretiséiert gin.

Wat waren d'Objektiver dovunner?

- Et war nei, et sollt eng Programmation financière fir e puer Joer gemaach gin. Dat war bis dohinner nët de Fall. Et huet een deen zimlech triste Spektakel op der Distanz missen nokucken, all Kéier wann déi Verhandlungen do waren iwver den EG-Budget, déi Problemer, déi et mam Europaparlament gin huet. Hei as sech emol eng Kéier géenegt gin iwver eng Programmation, déi 1992 ze renouveléieren as. Dat as de Grond och, firwat dass elo dee Paquet um Dësch läit. Et as also nët, well mer den Traité vu Maastricht um Dësch leien hun.

- Et war och de Schluss vun Hëlfehen, déi reng Projeté betraff hun, mä et war den Ufank vun Hëlfehen, déi a Richtung vu ganze Programmer gaange sin.

- Et war och den Ufank vun enger Technik, déi e Plafong virgesinn huet, iwver deen et nët sollt erausgoen.

- Et war véiertens den Accord institutionnel, dee virgesäit, dass et en Accord gët zwëschen Europaparlament, Kommissioun a Conseil.

Wat war den Haaptpunkt beim Paquet Delors II?

D'Kommissioun freet fir déi Problemer, déi sech stellen, fir weider Ressourcen ze kréien. Dorëm geet et schlussendlech. Bis 1992 huet se d'Méiglechkeet, fir bis 1,20% vum PNB Ausgaben ze tätegen. Mir sin nach nët op deem Niveau, mir leien elo bei ongeféier 1,15%.

Wat as proposéiert gin? Bis 1997 sollen déi Ausgabeméiglechkeet gesteigert gi bis op 1,37%.

Wat heescht dat? Dat as eng Steigerung vun 20 Milliarden ECU bis 1997. Wat soll an de grouse Linne mat dene Suë geschéien? - Et sollen 11 Milliarden an de Fonds de cohésion goen, fir déi wirtschaftlech a sozial Politik ze bedriewen.

- 3,5 Milliarde si bestëmmt, fir d'Kompetitivitéit vun eisen Entreprises ze förderen.

- 3,5 Milliarde sollen an d'Actions extérieures goen.

Wann een deen exzellente Rapport vun denen dräi Rapporteurs - Lydie Err, Fernand Rau a Charles Goerens - liest, da gesäit een, dass do noutgedrongen Ausgaben op eis zoukommen.

Am Rapport iwwer d'UEM gesäit een, dass dat sech doudsécher nët eleng mécht.

Et as kloer, dass d'Cohésion an d'Konvergenz ganz staark zesumme sin. Dat as ee vun eise Problemer. Dat gët waarscheinlech och ee vun eise Problemer an der Duerstellung spéiderhin.

Mir kënnen jo nët dene Länner, déi méi schwaach op der Broscht sin, soen: Passt op, an Ärem Déficit budgétaire musst Dir elo dat an dat maachen, fir dass Dir an der Rei sid a matmaachen diirft! An dat, ouni dass mer hinnen hëllef. Dofir as dee Fonds de cohésion noutwendeg.

*(M. René Kollwelter prend la Présidence)*

Ech sin hei d'accord mam Här Hoffmann. Déi europäesch Gemeinschaft gët waarscheinlech op e puer Punkte jugéiert, mä op engem doudsécher: dat as deen, wa se nët fäerdegbréngt, d'Problemer vum Emploi an de Grëff ze kréien. Dat as sonner Zweifel de Fall, an dat as eng vun den Erausforderungen. Ech hu méng Zweifel, ob mer dee Problem an de Grëff kréien, well mer heiansdo pervers Situatiounen a pervers Resultater an där Politik kruten.

Passt op, et as vläicht nët ëmmer dat, wat Der mengt! Et sin do Suën a Regiounen gepompelt gin, wou ee festgestallt huet, dass d'Aarbechtslosenzuel nach an d'Luucht gaangen as. Et as een awer dann héchst erstaunt, wann een d'Grënn dovou gesäit. Dat as nët ëmmer ganz rühmlech, weder fir d'Kommissioun, nach fir d'Regioun selwer.

Et as och nët esou, dass hei de Conseil an doriwwer eraus d'Kommissioun ëmmer responsabel sin, wat wirklech um Terrain mat dene Suë geschitt. Dat as ee vun de wesentleche Punkten!

Mir soën, Verstärkung vun der Kompetitivitéit vun eisen Entreprises um Niveau vun der Forschung a vun der Industriepolitik. Och do muss een nët all Kéiers en Hurra-Europäer sin, wann ee seet, dass d'Qualitéit vläicht nët ëmmer dat as, wat d'Quantitéit am Moment as, wat mir an déi eenzel Secteuren do stiechen.

Et huet een heiansdo déi nett Impressioun, dass eng gewëss Vergeudung an den Aidé besteet, déi mir do ausbezuelen. Et as nämlech eng Fro, ob mer wirklech solle mat der Géisskan ronderëm goen, peu importe wat déi Leit an hire Programmer hun, oder ob mer nët besser hätten, mir géinge wesentlech méi op d'Qualitéit vun dene Programmer kucken an nëmme déi gutt Programmer ënnerstëtzen, déi virleien.

Et as och esou, dass d'Forschung eleng ze ënnerstëtzen nët duergeet fir eng Industriepolitik. Dat as awer dat wat bis elo geschitt as. D'Industriepolitik op europäeschem Plang huet sech zu engem groussen Deel résuméiert op Ennerstëtzung vun der Forschung. Dat geet nët duer, well d'Resultat léisst sech nët gutt weisen.

Mir gi wesentlech méi aus wéi Japan, mä mellen emol nët 1/3 vun de Patenter un, déi d'Japaner umellen a wann een doriwwer eraus och nach d'Qualitéit kuckt vun deem wat d'Japaner umellen, da muss een sech Froën doriwwer stellen.

Et geet och zum Deel laanscht d'Besoinë vun de Betriber. Mä et as awer och sécher, dass mer eng transnational Wirtschaftspolitik op Punkte musse féieren. Wéi wëlle mer dat an de Grëff kréien, à moins dass een einfach seet, Schluss mat der Waffenindustrie a mir maachen eis keng Suerge wat mat dene Leit soll geschéien.

Et as sonder Zweifel, dass an dene leschte Joërzénge vill Leit an där Waffenindustrie geschafft hun an dass duerch déi glécklech Zoustänn, déi mer mëttlerweil an Europa hun, dat nët méi an dem Mooss noutwendeg as. Mä do kann et dach nëmme eng transnational Wirtschaftspolitik sin, déi eis hëllef déi Betriber op en anere Wee ze kréien an dene Leit weiderhin en Emploi ze garantéieren.

Et as nëmme iwwer dee Wee wou mer et vläicht fäerdeg bréngen e materiell Gutt, wéi zum Beispill den Auto, endlech emol e bësse méi propper ze kréien, méi ëmweltfrëndlech ze kréien. Et geet nët, dass ee Land bei deem anere luusst, wéi mer dat beim Katalysatorproblem gesinn hun, wou laang Zäit blockéiert gin as well déi eng fäerdeg waren a konnten domadder op de Maart goën an déi aner nët.

Ähnlech Problemer hu mer an der Elektronikindustrie an och an der Aerospatial.

Den Här Goerens huet a séngem Rapport iwwer d'Subsidiaritéit geschwat. Den Delors huet viru kuerzem an engem Interview mat der „Libération“ gesot: „On ne doit faire ensemble que ce que l'on fait mieux ensemble, pas plus“.

Och do hun ech heiansdo méng Zweifel. Ech soën nët, dass dat effektiv zu engem groussen Deel geschitt, mä wann ech awer d'Beispill huele vun eiser Loi-cadre économique, déi wéinst den Aiden, déi mir zu Lëtzebuerg un eis Wirtschaft verdelen, vum Sir Leon Brittan verdaamt gët, da verstin ech dat nach. Hien as zoustänneg fir d'Konkurrenz an e seet, do as „distorsion de concurrence“.

Wann ech awer da gesi wat e virschléit oder wou en d'Aën zoumécht, da muss ech mech awer froën ob do déi wirklech Wirtschaftspolitik an Zukunft soll gemaach gin.

Wann ech bedenken, dass dee Mann als Kommissär seet, e kënn net mam Régime général vun eisen Aiden d'accord sin, mä e kënn awer d'accord si mat weidere 17% Hëllef un défavoriséiert Regiounen, wéi d'Ballongsgebitt vun der Stad Lëtzebuerg, da stellen ech mer awer weiderhi Froën.

A wann de Wirtschaftsminister seet, ech bréngen et nët fäerdeg deem Mann kloer ze maachen, dass d'Ballongsgebitt vun der Stad Lëtzebuerg nët méi déi défavoriséiert spillt an dass een au contraire vläicht de Réidener Kanton oder aner Kantone géing virgesinn an dass en dat zu Bréssel nët duerchkritt, dann hun ech, Här Staatsminister, méng grouss Bedenken, wa mer Industrie- a Wirtschaftspolitik an Zukunft méi iwwer Bréssel solle maachen, ob mer ëmmer dee richtege Wee gin.

Dat do as zum Beispill e ganz schlecht d'Beispill wat d'Kommissioun gët an Dir kënn hinnen dee Message roueg vun eiser Chämber aus mathuelen.

**M. Robert Mehlen (Aktionskomitee 5/6).**- Dir hut Iech bis elo nach mat gemeinschaftlecher Agrarpolitik beschäftegt, soss géngt Der dat do verstoën.

**M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Ech hu mech effektiv mat der Agrarpolitik bis elo ganz wéineg befaasst, mä dat as vläicht Äart Gléck, well soss hätt ech vläicht och emol d'Chance eenzel Transfertën ze analyséieren, well wann ech e Bericht kucken, deen ech an engem franséischer Zäitschrëft gesinn hun, wou eng Analys gemaach gin as, do as festgestallt gin dass et a Frankräich haaptsächlech jhust e puer Décker sin, déi alles an d'Täsch stieche bei de Baueren an dass effektiv ganz vill Bauere schlecht ewechkommen. Ech froë mech,

wa mer emol eng Kéier eng seriös Analys hei zu Lëtzebuerg maachen, ob mer dann nët och op eemol zu där Konklusioun kommen. Dofir, Här Mehlen, forcéiert mech nët a stëppelt mech nët, fir dass ech mech nët och mat de finanziellen Auswierkunge vun der Politik ofgin an dann zu ähnleche Schlëss kommen.

*(Interruption)*

Ech hun dat nët gesot, Här Hengel. Ech muss hei vläicht déi eng oder aner perséinlech Bemierkung ubréngen wat d'Duerstellungen, déi mir als Politiker an och d'Regierung vun där Problematik vun de Maastrichter Verträge maachen, ugeet.

Dir hut e ganz excellent Dokument erausgi fir de Public, eng Vulgarisatiounsbrochschür, déi ech ganz flott fannen.

Här Staatsminister, dat wat ech awer e bësse vermessen, dat as, dass mer do awer bal keen Toun fond hu fir ze soën, dass et nëmme Virdeler wäard gin. Et as eppes wat ech nët gutt fanne fir d'Glaubwürdegkeet vun deem wat Der schreift. Ech stëmmen dee Maastrichter Vertrag well ech mengen, dass et fir eis wichteg as an dass mer souwisou keng aner Alternativ hun. Mä et hätt awer zur Glaubwürdegkeet vun deem Débat bäigedroë wa mer och vläicht an esou engem Dokument drop higewisen hätten, dass et nët ka sin, wéi den Englänner seet: „Everyone can't be the winner“. Et kann nët sin, dass een e Vertrag aushandelt an deem nëmme Positives fir Lëtzebuerg steet.

De **Fernand Rau** huet a sénger Analys zumindest op de Volet Finanzplaz higewisen, dass d'UEM eng ganz Rei gutt Auswierkungen op eis huet, mä dass et sécher as, dass mer och deen een oder aneren Nodeel wäärten hun, dass mer domadder musse liewen, dass mer et mat Zäite wëssen an dass mer deen Appell och musse maachen, dass d'Leit op der Finanzplaz sech op eenzelne Punkte mussen emstellen.

Ech mengen, et hätt vläicht dem Débat gehollef wann een ouni Demagogie dorop higewisen hätt. Ech hu Vertrauen, dass d'Regierung et fäerdeg bruecht hätt, dat do och ouni Demagogie ze maachen.

Well fir wat as déi Stëmmung opkomm, déi eenzel Leit elo wëllen e bësse fir sech accaparéieren? Dat hu mer am Här Grethen sénger Ried héieren, mir hun et och bei de Kollege vum Aktiounskomitee 5/6 gemierkt.

*(Interruptions diverses)*

Dat as nët de Problem. Dir hut villes verzielt am Virfeld. Mëttlerweil as dat jo zur grousser Praxis gin. Mir fänken elo geschwënn un d'Chamber ofzeschaffen an där Form, well mer jo alleguer méindes eng Pressekonferenz maachen, wou mer da bekannt gi wat mer sollen hei soën.

*(Interruptions diverses)*

**M. le Président.**- Dir Hären, den Här Krecké huet d'Wuert. Här Gibéryen, Dir kommt jo nach drun!

**M. Jeannot Krecké (LSAP).**- As et dann nët esou, dass mer och aus deem Sondage erausspieren, dass de Problem méiglecherweis nët bei Maastricht läit? Dofir as d'Matière ménger Meinung no ze komplex, dass deen eenzelne Biirger sech iwwer d'Auswierkunge ka kloër sin, well eis as et emol vläicht nët ëmmer kloër wat genau déi positiv an déi negativ Effet vu Maastricht kënne sin. Et as nët am allgemengen esou, dass en eng komesch Impressioun huet vun där Europapolitik, déi esou wäit ewech vun engem gefouert gët, wou een d'Impressioun huet, dass vill Verbiage geschitt, dass tonneweis geschriwwé gët wat ni ausgewäert gët, dat ni Verwendung fënt, dass deen Apparat relativ schwéierfälleg as, dass en nët effikass as, dass mer eng Explosioun vun den Ausgaben hun an dass en heiansdo vläicht dat vermësst wat elo den Appell vun der Regierung as un eis Chamber, nämlech „to choose is very difficult, more than to add“.

Do muss ech soën, ech weess nët ob zu Bréissel nët awer e bësse no deem Prinzip gefuer gët, dass ëmmer nei Saachen dobai komm sin, déi hir Berechtigung hun, mä dass vergiess gin as och heiansdo e Choix ze treffen.

Iwwregens wat fir d'EG gëlt, gëlt och fir d'Lëtzebuurger Politik. Och do kann een déi selwecht Kritik maachen, mä do huet de Wieler an doriwwer eraus de Biirger d'Impressioun, dass en heiansdo eng Sanktioun ka maachen.

Wann en Iech Här Staatsminister oder eis begéint a seet wat e vun eis denkt, dann huet en d'Impressioun, dass e konnt séngem Ierger Ausdrock gin an dass et ukomm as, well mir nach gräifbar Politiker sin, déi en nach begéint.

Mä déi Leit, déi zu Stroosbuerg sëtzen, déi zu Bréissel d'Saach bestëmmen, un déi kënnt den normale Biirger nët méi. Et as déi Hëlleflosegkeet, déi sech vläicht och e bësse an deem Sondage ausdréckt an ech mengen, et as en Appell un eis Politiker alleguer an och un Iech, déi systematesch jo awer do kënne awierken, dass d'EG an doriwwer eraus d'Kommissioun mat all hire Leit och de Bewäis muss bréngen, dass dat, wat am Subsidiaritätsprinzip festgehale gin as, richteg as nämlech dass et besser as eenzel Saachen zesummen ze maachen, wéi dass jiddereen se eenzel mécht. Ech mengen, dat as e bësse de Message, deen ech aus dene Sondagen eraushuelen. Ech verstin et nët als en Nëtwellé vum Maastrichter Vertrag, mä ech verstin et als Onverständnis vläicht vis-à-vis vun eenzelene Décisiounen oder eenzelne Prozedure wat d'Europapolitik ugeet. Dat as mä perséinlecht Gefill.

Ech hu gesot, mir hu keng aner Alternativ, obschon deen een oder deen anere Punkt fir eis nët e riesen Avantage duerstellt. Ech weess nët ob d'Emweltpolitik, wéi se méiglecherweis zu Bréissel konzipiéiert gët, fir eis e riesege Fortschrétt duerstellt. Et wir sonder Zweifel fir eis méi einfach a méi flott, wa mer eis kënnten heiansdo unhänken un dat wat an Däitschland geschitt, wat an Dänemark geschitt, wat wierklech méi fortschrëttlech Länner sin.

Ech hoffen, dass mer et fäerdeg bréngen, dass mer eist Wuert widerhin do kënne matschwätzen an dass et nët zu engem Dumping op denen Theme kënnt. Och nët um soziale Gebitt. Dat sin Ängschten, déi d'Leit hun.

Virdrun huet och een Angscht hei ausgedréckt, déi sécher am Parlament nët onberechtigt as. Dat as déi, wéi staark as eis Stëmm nach an Zukunft zu Bréissel? Dat heescht, mir mussen eis Representatioun op denen eenzelnen Ebenen effektiv garantéieren.

Ech sin och iwwerzeegt, dass d'Kommissioun dat do verstanen huet, mä et as heiansdo onglécklech wéi eenzel Leit sech op deem Niveau ausdrécken an et as nët ganz hilfreich wann esou Message kommen, déi waarscheinlech nët begrënnt sin, mä déi da ganz liicht zu populisteschen Aussoë wéi déi vum Här Grethen kënne féieren, deen einfach seet, an Zukunft wäarte mir dann nach een Europaparlamentarier hun. Dat as zevill simplistesches, mä ech muss lech soën, et gin eenzel Aussoë vu Bréissel, déi een heiansdo kënne dozou verleden.

Och d'Maîtrise vun den Ausgabe gët ee vun dene wichtige Punkten, fir dass een hei zu Lëtzebuerg och ka beweisen, dass déi Suën, déi mir an Europa gin, och gutt gebraucht gin.

Ech wëll nët verheemlechen, dass do Efforc gemaach gi sin, déi nët genuch hei ënnerstrach gin. 1986 hate mer nach ronn 21% vun de Kreditter. Déi si guer nët affektéiert gin op dat Joër wou se virgesi ware bei der Kommissioun.

1991 si mer erofgaangen op 1,4%. Dat heescht, de Gros vun de Kreditter gët awer elo zumindest affektéiert zu deem Zäitpunkt wou se virgesi waren.

Och hu mer 1987 nach 3,4% vun de Kreditter gehat, déi einfach vun enger Sektioon an déi aner iwwergewiesselt hun, eppes wat mer

och kennen a wat mer an der Finanzkommissioun jo och oft bemängelt hun. Mä och dat as elo erfogesat gi bis op 0,7% vun de Kreditter, déi elo wierklech affektiert gi fir dat wou se virgesi waren.

Wat och positiv as, dat as deen Accord institutionnel, deen zustane komm as. Et kann een also soën, d'EG muss eng Rei Beweiser bréngen, huet awer am Moment Usätz, déi gutt sin. Mä et as wichtig, dass d'Kontroll vun den Ausgabe besser gët.

Et si Berichter komm vum Rechnungshaff, dee bemängelt huet, dass op séng Kriticken nëmme ganz onverständlech Äntwerte vu Säite vun der Kommissioun komm sin. Dat si Saachen, déi engem op Distanz ze bedenke gin an dat si Saachen, déi sollen nët passéieren. Dat heescht, et soll uerdentlech Ried an Äntwert gestane gin.

Et as e weidere Punkt, dee ménger Meinung no wichtig as, deen zwar lücht zur Demagogie ka féiere wann een doriwwer schwätzt, mä deen awer reell as.

Déi Kontributionen, déi déi eenzel Staten an deen EG-Pott gin, dierfen nët herno zu engem ganz grouse Mooss verschwannen a Konsumausgabe vum Funktionnement vun där selwechter EG. Mir musse vill méi orientéiert gin op eng Emverdelung, déi mir jo bezwecken an nët op renge Konsum vun den EG-Institutione selwer. Dat as och e Message, deen d'Leit solle mat op Bréssel huelen.

Well mir musse systematesch Rechenschaft vrun eise Wieler ofgin. Anerer si wäit ewech a fir mech as dat op alle Fall e Message, deen ech am Virfeld vun där Debatt hei matgeholl hun.

Et ase wichtige Moment, dass mer dat wat d'Bevölkerung dobausse spiert seriö huelen, wann et och vläicht nët dat as, wéi et hei duergestallt gët, dass et jhust e Problem mat de Maastrichter Verträge as.

Ech kommen dann awer kurz op e puer Problemer ze schwätzen, déi déi eenzel Politicken ugin, wéi beispillsweis d'Politique agricole commune, wou ech mengen, dass mir als Parlament kënne jo soën zu där Linn, déi ageschloë gin as.

Et as waarscheinlech deen een oder deen aneren heibannen nët frou, deen aus deem Sektor kënnt.

*(Interruption)*

Här Mehlen, ech versti ganz gutt, dass Leit, déi an deem Sektor sin, selbstverständlech frou wire wann déi Explosioun, déi am Agrarsektor an hiren Ausgaben op EG-Niveau waren, och weiderhin esou géinge goën. Et gët gesot, an Zukunft sollen déi Ausgaben nëmme méi ëm 2% pro Joër steigen. Si sin nët agefruer, mä si solle méi lues weidergoën an de Prozentsaz vun gesamte Paquet, deen an d'Agrarwirtschaft geet, kann nët nach weider bei 50% vun ganzen EG-Budget leien.

Här Mehlen, wann Dir nët där Meinung sid, da verstin ech dat well Dir aus deem Sektor kommt, mä Dir musst awer och verstoën, dass mäin Denken e bësse méi wäit muss goë wéi jhust déi 3 Leit, mat denen ech zesummeschaffen.

**M. Robert Mehlen (Aktiounskomitee 5/6).**- Här President, den Här Krecké huet elo grad gesot, mir kënne mat där Richtung d'accord sin. Ech stelle fest an ech froën den Här Krecké ob e scho vergiess huet, dass d'Lëtzebuerger Châmber an hirem Débat d'orientation eng ganz aner Richtung virgin huet an dass de Lëtzebuerger Agrarminister mat deem Optrag, deen en hei kritt huet, an déi Verhandlung gaangen as an nawell zougestëmmt huet, wann ech richtig verstanen hun, well Unanimitéit an där Décisioun war, an enger Politik, déi an eng ganz aner Richtung geet.

**M. le Président.**- Kënnt Der vläicht Är Fro formuléieren, Här Mehlen?

**M. Robert Mehlen (Aktiounskomitee 5/6).**- Ech wollt froën ob den Här Krecké dat zur Kenntnis geholl huet wann en hei seet, d'Lëtzebuerger Parlament wir mat där Richtung d'accord.

**M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Sait 1988 brénge mer et fäerdeg déi Explosioun op e verstännegt Mooss ze reduzéieren an et as virgesinn, dass och d'Steigerung nëmme bei 2% as. Dat as virgesinn. Ech hun nët gesot, dass dat soll kommen.

Wat méng Fraktioun ubelaangt si mir domat d'accord dass et an déi Richtung weidergeet. Dir kënnt mer dach nët soën, dass nët e Renversement de tendance war a mir soën dat as richtig. C'est tout ce que j'ai dit.

**M. Robert Mehlen (Aktiounskomitee 5/6).**- Dir désavouéiert hei dat wat d'Châmber virun engem Mount décidéiert huet.

**M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Här Mehlen, ech hun heiansdo d'Impressioun, dass hei Leit awer wierklech nëmme méi „pro domo“ schwätzen. Dat as de Verdacht, deen ee geschwënn nët méi lass gët an dass een un d'Mauer geprangert gët wann ee jhust emol méi wäit kuckt wéi een eenzege Sektor.

**M. Robert Mehlen (Aktiounskomitee 5/6).**- Dat wat mir gäer als Châmber gehat hätte géing manner kaschte wéi dat wat d'Kommissioun wëlles huet.

**M. Jacques F. Poos, Ministre des Affaires étrangères, du Commerce extérieur et de la Coopération.**- Dir sid hei als 5/6 gewielt an nët als Bauer!

*(Hilarité)*

**M. Robert Mehlen (Aktiounskomitee 5/6).**- Déi do hätt ech mer awer erspuert, Här Minister!

*(Interruption)*

**M. le Président.**- Här Bausch, weit e bëssen Är Wieder!

**M. François Bausch (GAP).**- Den Här Poos soll séng Wieder weien!

**M. le Président.**- Den Här Krecké huet d'Wuert.

**M. Jeannot Krecké (LSAP).**- De Fonds de Cohésion, esou wéi en elo virgesinn as, as effektiv schwéier zu dësem Moment ze évaluéieren. Et si Länner an och Leit, déi reduzéieren sech drop fir ze kucken, wien as dann elo an der EG an haaptsächlech och iwuer d'Fonds structurels, de Contributeur nët. Ech hun d'Impressioun, dass um Niveau vum Sommet bei den Ausseminister an tout court bei dem Conseil des Ministres och heiansdo déi Rechnung do gemaach gët, well mir hu jo eng ganz Rei Leit, déi gefrot hu fir an d'EG ze kommen. 4 Stéck si virgesinn an engem éischte Waggon, wéi dat gesot gin as.

Ech verstin och wann den Ausseminister an de Staatsminister nët ëmmer dat soë wat ech elo vläicht dierf soën. Ech gin de Verdacht nët lass, dass mer awer och kucken, dass comme par hasard bei denen éischte 4, déi mer elo am Waggon hun, méiglecherweis lauter Contributeurs nets dierfte sin. Dat dierft e wesentlecht Argument si fir ze soën, mir huelen dat eent Land oder dat anert.

Ech wollt relevéieren, dass et deem engen oder anere vläicht och opgefall as, dass dat de Fall dierft sin, woubai et schwéier as heiansdo ausënaner ze ënnerscheden.

Dat aalt Zuelematerial, dat zrëckgeet op 5 Joër, seet nämlech, dass 0,7% direkt zrëckkënnt vun deem wat een do investéiert.

Wann d'Fransousen et iwuer de Fonds structurel fäerdeg bréngen de Spuenier en aneren TGV ze bauen, dann huet dat séng Auswirkungen op Frankräich, an zwar och séng positiv. Da geet den Emploi an deem Secteur, dee Schinne baut, an d'Laucht, oder e gët zumindest gehalen.

Ech hu mer Méi gin, emol e bësschen ze kucken, wéi d'Exporter vun denen eenzelne Länner sin. Ech hun do Frankräich, Holland, Däitschland a Groussbritannien ënner d'Lupp geholl, wéi denen hir Exporter geännert hu vun 1986 bis 1990 a Richtung vun dene véier sougenannte schwache Länner: Irland, Spuenien, Griechenland a Portugal.

Do gesäit ee Steigerungsrate vun hiren Exporter an déi Länner vun iwwer 100%.

D'Hollänner hun hire Commerce mat Irland ëm 101%, mat Griechenland ëm 104% gesteigert.

Däitschland huet säi Commerce mat Spuenien ëm 123% a mat Portugal ëm 106% gesteigert.

Dee klassesche Phenomeen gët och an der Entwécklungshëllef festgestallt, wou mer esouvill Geld drastiechen, a wou mer dat dann heiansdo bedauern, well et lücht as, der Bevölkerung ze soen: Kuckt, wat mir Geld an déi dote Regioun stiechen, an dat gët schlecht gebraucht. Wat mer nët soen oder oft verheemlechen, dat as, dass mir awer als Industrienatioun ganz oft erëm d'Nutziesser dovunner sin, iwwer en Emwee.

Wat geschitt dann, wa mer soen, um Niveau vun Ären Investissemerter ënnerstëtze mer Iech mat Aiden? Wou gi se dann déi technesch Investissemerter meeschtendeels sichen? Da gi se an Däitschland, loossen do Etüde maachen, bestellen a Frankräich a loossen et nach kontrolléieren aus England. Dat heescht, do as e Réckfloss vu Geld. An dofir kann ee ménger Meinung no nët einfach „en termes de bénéficiaire net“ schwätzen.

Däitschland hat 1985 ee ganz interessante Chiffer. Zu deem Zäitpunkt war säin Export am Innere vun der Gemeinschaft identesch „en termes financiers“ mat séngem Export op aner Plazen. Deemools hate si fir 120 Milliounen ECU Exporter souwuel no banne wéi no bausse vun der EG.

Am Joer 1990 huet dee Commerce sech natüerlech gesteigert, mä am Innere vun der EG as dat vun 120 op 169 Milliounen ECU geklommen, während de Commerce mat Länner ausserhalb vun der EG nëmme bis op 142 Milliounen ECU eropgaangen as. Dat heescht, och beim Commerce extérieur vun Däitschland miirkt ee ganz genau, dass do e kloer Réckfloss as.

Ech hun eis Chifferen nët hei leien, mä bei eis gët et doudsécher och e Réckfloss. Et kann een dofir nët einfach soen, vun dene Suen, déi mer drastiechen, gesi mer näischt a mir hun Zweifel an iwwer hir effikass Utilisatioun.

Wat sin d'Retombée fir Lëtzebuerg, op eis öffentlech Finanzen, wann d'EG sech weider an deem Mooss wäerd entwéckelen?

Fir 1991 huet et 3,6% vun eisem Gesamtbudget uitgemaach, wat mir an d'EG gin. Et as awer waarscheinlech vill méi schwéier ze chifferen, wat d'Retombée fir Lëtzebuerg sin.

Ech hoffen, Här Staatsminister, dass Der eis vläicht eng Kéier och d'Resultat vun där Etüd zoukomme loosst, déi Der vun auslänneschen Expäre maache gelooss hut, déi sollte feststellen, wat dann elo de Coût an och d'Retombée fir Lëtzebuerg sin, einfach duerch d'Presenz vun all denen Institutiounen hei zu Lëtzebuerg.

Ech hun an engem vun Ären Dokumenter gelies, dass Der een domadder beoptraagt hätt. Als Parlament wire mer frou, fir dat emol ze gesinn, well dat hëllef nët nëmme Iech an Ären Debatten, mä et géing och dat eent oder dat anert versachlechen.

*(Interruption)*

Et géif eis Debatte versachlechen. Dir kënnt jo an d'Kommissioun kommen, Här Staatsminister. Wat Dir zu Bréssel mathuelt, dat kontrolléiere mir nët, mä mir wiren awer frou, wa mer emol eng Kéier doriwwer géifen Opschloss kréien.

Wat d'Präsenz vun denen Institutiounen ubelaangt, do hut Der jo anscheinend e Groupe de travail interministériel agesat, fir d'wirtschaftlech Retombéen ze studéieren, déi iwwer d'Fonds structurels op Lëtzebuerg zréckkommen.

Wat sin am Moment eis Kontributiounen?

D'EG huet eng Rei Kontributiounen, déi hir ege sin:

- de Prélèvement bei der CECA,
- d'Droits de douane an
- d'TVA.

Déi Kontributiounen hu véier Feileren. Fir déi zwee éischt kann een nët soen, dass dat eng Kontributioun vun eis as, mä déi zwee lescht awer. Déi drëtt Kontributioun geschitt nämlech iwwer d'TVA, wat bis elo e ganz wichtige Bestanddeel vun de Ressourcen vun der EG war.

Am Joer 1992 komme 55% vun deem, wat d'EG als Recetten huet, iwwer d'Kontributiounen vun der TVA, déi déi eenzel Länner bréngen.

Der EG hir ege Ressourcen - d'Droits de douane an déi Prélèvementen, déi iwwer d'Politique agricole erakommen - maachen nëmme 25% aus. Déi hun awer am Joer 1980 nach 50% uitgemaach. Dat heescht, et as e staarke Réckgang vun dene Ressourcen do.

Wann d'Ausgaben an d'Luucht gin, dann as et evident, dass dat eenzelt Land méi muss kontribuieren.

Mir hun also véier Feileren:

- déi zwee éischt maache 25% aus;
- d'TVA mécht 55% aus;
- dat, wat sämtlech EG-Länner iwwer de PNB zousteieren, mécht 21% aus.

Do as nët mat agerechent, sou wäit ech weess, dass mer méiglecherweis eis Ressource bei der EG nach mussen erfroschrauwen no denen nächste Verhandlung beim GATT. Mir mussen dervun ausgoen, dass mer vläicht 30% manner Ressourcen iwwer deen dote Wee diirften hun.

Elo sollen zwou Korrektur virgeholl gin an deem Finanzéierungsmodus:

1. De Plafong vun der Assiette vun der TVA soll vu 55 op 50% erfrogesat gin.
2. Den Taux d'appel, dee bei 1,4% läit, soll op 1% kommen.

Et as evident, wa mer an Zukunft an der EG manner iwwer déi drëtt Ressource, iwwer d'TVA, sollen eranhuelen, da muss méi erakommen iwwer de Wee vum PNB. Ech mengen, dat wir u sech eng richtig Approche, well wann een dervun ausgeet, dass een d'Berechnung op dem Produit national brut mécht, da gët jo och engem wichtige Kritär Rechnung gedroen, nämlech dass déi räich Länner e bëssche méi solle bezuelen.

Et as een e bësschen erstaunt, wann een da feststellt, dass deen neie Modus fir Lëtzebuerg nach méi gönschteg as, an dass doduerch Lëtzebuerg nach 5 Milliounen ECU manner d'Joer géing bezuelen. Dat huet séng Grënn.

Wa mer eis Kontributioun iwwer d'TVA erfrosetzen, dann as et kloer, mir hun eng grouss Base d'assiette, vill méi héich wéi d'Moyenne vun der EG, mir hu virun allem ganz vill Ausländer, wat mat sech bréngt, dass d'Consommation privée bei eis wesentlech méi héich as, wéi se eigentlech misst sin. Mir wëssen, aus welleche Grënn dat esou as. Wann also d'Kontributioun, déi berechent gët op der TVA, erfrogeet am allgemengen, dann as et kloer, dass eis Kontributioun och iwwer dee Wee erfrogeet.

Ech froe mech allerdings, ob déi aner Länner mat enger däeraarterer Regelung d'accord sin, well och si wäerte jo waarscheinlech berechent hun, wat dat fir deen eenzelnen ausmécht, an notamment fir eis. Mir si jo awer nët onbedingt bekannt, dass mer en aarnt Land sin.

Derbäi kënnt natüerlech, dass mer eng Balance commerciale absolutement déficitaire hun. Mir produziere wuel, exportéieren en Deel, mä mir importéiere wesentlech méi. Dir wësst, dass mer haaptsächlech lieue vum Secteur vun de Services. Op deem, wat mir importéieren, fënt d'TVA selbstverständlech säin Nidderschlag. Wat mir exportéieren, do as et wesentlech manner, do fënt et nët säin Nidderschlag, well dat jo exonéré vun der TVA as.

Wat awer bis elo guer nët zur Sprooch komm as, dat as, dass och Rieds gaangen as, fir e fënnefte Feiler an der EG fir de Finanzement virzugesinn, an zwar eng europäesch Steier. Also nët nëmme méi déi iwver d'Droits de douane an iwver de Prélèvement bei der Politique agricole, nët nëmme iwver d'TVA an de Produit national brut, mä et geet méttlerweil Rieds vun enger fënnefter europäescher Steier.

Ech hu mer nach kee Bild driwwer gemaach. Et kënt liicht sin, dass deen een oder aneren Nationalpolitiker dat vläicht mat engem gudden A géing gesinn. Firwat? Da missten nämlech op engem aneren Niveau, beim Parlement européen oder bei der Kommissioun, Décisionne geholl gin, déi géinge mat sech bréngen, dass d'Steieren erhéicht gin, oder dass iwverhaapt emol Steieren agefouert gin. Et wir lackelech fir deen eenzelnen Nationalpolitiker, fir sech kënnen dohannert ze verstoppem.

Wat geschitt nämlech? Wa mir eis Kontributioun mussen an d'Luucht driwwen, da musse mir hei irgendwann décidéieren, wann et nët opgeet, dass mir d'Steieren erhéijen, fir dass mer denen Aufgaben, déi mer vun der Kommissioun gestallt kréien, där finanzieller Kontributioun, kënnen nokommen.

An dann as et fir deen eenzelne Politiker vläicht „tentant“, fir ze soen, wa si dat decidéieren, da kréie mir hei zu Lëtzebuerg vläicht keen décke Kapp gemaach.

Ech weess awer nët, ob dat eng gutt Aart a Weis wir, fir virzegoen, well domat gi mer jo awer eppes aus der Hand. Mir kënnen am Moment nämlech nach decidéieren iwver dat, wat eis Kontributioun as, dat heescht, iwver een Deel, wat d'EG u Suen eranhëlt. Mir kënnen als nationaalt Parlament schon nët méi matschwätzen iwver dat, wat mer ausgin. Wa mer och deen dote Votet nach zu engem Deel ofgin, da schwätze mer emol nët méi mat bei deem, wat erakënt.

Dat as ménger Meinung no eng Saach, déi mer eis ganz gutt mussen iwverleën, a wou mer eis eng Kéier méi déifgräifend dermat musse beschäftegen. Et wir ménger Meinung no derwäert, dee ganze Finanzéierungsmodus, sou wéi en elo as, sou wéi e sech an Zukunft diirft entwéckelen, nët eleng dem Conseil des Ministres ze iwverloossen. Mir sollen hei an deser Châmbre emol en Débat driwwer féieren, a wat fir eng Richtung mer solle goen. Ech hoffen, dass deen een oder anere Kolleg derbäi hëllef, fir an déi Richtung ze goen.

Et kann eis nët egal sin, wat fir eng fënneft Ressource do agefouert gët. Mir hun e Steiersystem, wat virgesäit, dass mer d'Méiglechkeet hun, eis Sozialversécherungen op engem ganz niddregen Niveau ze halen. Firwat? Well mir ganz vill vun eise Sozialversécherungen iwver d'Steiere finanzéieren. Mir brauchen nëmme ze kucken, wéi mer an de Krankese virgin, wéi mer an de Pensiounskese virgin. Mir huele ganz vill vun eise nationale Budget, fir eis Sozialversécherungen ze finanzéieren. Doduerch brauche mir vill direkt Steieren, wat aner Länner nët hun.

Et as also nët egal, ob herno e „centime additionnel“ zu irgendenger Akommessteier bei de „personnes physiques“ oder de Betriber geholl gët. Dat kann eis nët egal sin, well mir en héije Stand hu bei eisen direkte Steieren, an en niddrege Stand bei de Sozialausgaben, déi den eenzelnen an de Patron doriwwer eraus muss tätigen.

Et kann eis sonner Zweifel nët egal sin, wa Leit nodenken iwver eng Quellesteier. Ech mengen, ech brauch nët am Detail drop anzegoen.

Et kann eis nët egal sin, wa gerechent gët, fir eventuell eng Steier anzeféieren, déi e „centime additionnel“ zu eiser Betriibssteier kënt sin, well da musse mer emol d'Berechnungsbasis vun de Steieren an den eenzelne Länner harmoniséieren. Mir hun eng aner Berechnungsbasis, wat d'Betriibssteier ubelaangt, hei zu Lëtzebuerg wéi an anere Länner.

Ech weess nët, ob et eis soll egal sin, wann eng Steier op der Energie soll kommen, well mir sin e grouse Verbraucher vun Energie, nët

nëmme well mer dee groussen Transfrontaliersverkéier indirekt ënnerstëtzen, mä och well mir e staark developpéierte Secteur industriel hun, deen och vill Energie verbraucht.

Ech weess nët, ob dat nët nach vläicht „le moindre mal“ wir, wa mer eis eng Kéier kënten derzou hiwenden, fir ze soen, dass eng Energiesteier fir Lëtzebuerg nët nëmme dat bescht wir, mä och dat, wat eis am manste géing wéi doen. Et wir och vläicht dee richtege Geste, wann eng europäesch Steier sollt kommen, well et géing hëllef, e bëssche vun deem Environnement ze preservéieren, deen eis jo awer anscheinend all um Häerz läit.

Et kann eis also nët egal sin, a wat fir eng Richtung déi fënneft Ressource geet.

**M. Georges Margue (CSV).**- Dat bezillt jo dach de Konsument!

**M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Hut Der da léiwer, wann en et iwver d'Steiere bezillt, wann en de „centime additionnel“ zu de Steiere bezillt? Hut Der léiwer, wa mer un d'Quellesteier gin?

**M. Georges Margue (CSV).**- Dir musst d'Betriber forcéieren, aner Säiten opzezéien, awer nët einfach eng Tax!

**M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Ech féiere ganz gären eng Kéier deen doten Débat mat Iech, Här Margue. Et as ménger Meinung no awer nach e bëssche méi komplizéiert, wéi Dir Iech et elo maacht!

Et muss ee sech beispillsweis d'Fro stellen, wann déi Ressourcen an d'Luucht gin: Heescht dat dann nët, dass op där aner Säit vläicht hei zu Lëtzebuerg an eise Haushalt eenzel Punkte mussen erofgoen? As et dann esou, dass mir hei mussen hinhalen, dass weder Steiere bei de Leit nach bei de Betriber opgehewe gin an dass dat einfach derbäiaddéiert gët, an dass nët dat, wat mer do zousätzlech ophiewen, vläicht dat ersetzt, wat mir hei zu Lëtzebuerg am Moment prelevéieren?

Ech muss soen, ech vermessen e bësschen, geschter, haut a vläicht muer, den Débat op denen dote Punkten. Et as nët ze spët.

Den Här Fraktiounsprésident deelt mer mat, dass ech fargement méng Zäit iwverschratt hun. Wann hie mer verspricht, dass hien an der Commission de Travail deen Débat iwver de Finanzéierungsmodus vun der EG eng Kéier op de Leescht hält, da sin ech gäre bereet, zu engem Résumé ze kommen.

De Sommet vu Lissabon huet jo och de Paquet Delors II an där Form nët ugeholl. En huet gemengt, et wir ze fréi. Et geet Rieds, fir dat Ganzt elo ze strecken, fir 2 Joer esou weiderzefueren, wéi mer bis elo gefuer sin, um selwechten Niveau, an dann déi 5 Joer duerno ze kucken, ob een an déi Richtung geet, déi ech am Ufank skizzéiert hun, nämlech a Richtung vun Ausgaben, déi bis zu 1,37% vun PNB kënnen goen.

Ech mengen, déi véier Objektiv, déi am Ufank festgeluegt gi si fir de Paquet Delors I, déi och nach gëlle fir de Paquet Delors II, si richtig. Et as awer vläicht un eis, fir deen Débat hei ze féieren. Mir kréien elo déi eenzegaarteg Geleënheet, well et um Sommet vu Lissabon nët ugeholl gin as, fir vläicht nach drop anzewirke. Wa mir eis eppes musse gefale loossen, dann as et d'Kritik, dass mer eis alleguerte recht weineg bis elo op sämlechen Niveauë mat EG-Politik, an haaptsächlech mam Thema Finanzen, befaasst hun. Dat as en Thema, wat mer ganz weineg hei an der Châmbre héieren hun. Et as vläicht e gutt Rütteln hei duerch d'Leit gaangen, fir sech och e bëssche méi mat Europapolitik ofzegin, anstatt ze maachen, wéi wann dat eis nët direkt betrefft, ouni Populismus allerdings, a mat e bëssche méi Verantwortung, wéi dat am Ufank ugelaf as.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.**- Den nächste Riedner as den Här Gast Gibéryen.

**M. Gast Gibéryen (Aktiounskomitee 5/6).**- Här President, dir Dammen an dir Hären. Vill Leit, wann nët esouguer déi ganz grouse Majoritéit vun onse Bürger, kucken haut mat Besuergebnis an Angscht op onst Parlament, fir dat wat eng sougenannt parlamentaresch,



qualifizéiert Majoritéit vis-à-vis vun onsem Vollek a vis-à-vis vun onser Verfassung hei verbrécht. Dës qualifizéiert Majoritéit, déi sech aus Deputéierte vun den 3 Regierungsparteien, CSV, LSAP an DP, wéi ee vun haut u ka soën, zesummesetzt, stëmmt iwwer de Kapp a géint de Wëlle vun enger Majoritéit vu Lëtzebuerger dem Maastrichter Traité zou a schreckt dobäi zousätzlech emol nüt virun enger Violatioun vun eiser Verfassung zréck.

Déi wichtegst Décisioun an onser 150-järeger Geschicht gët domadder gläichzäiteg dee schwéierste Réckschlag, dee géint déi demokratesch Grondprinzipië vun eisem Rechtsstat gefouert gët.

Hei gët, wéi et nüt besser kënnt sin, ons bildlech virdemonstréiert wéi d'Demokratie „made in Luxembourg“, gutt vun enger Lobby duerchorchestriert, funktionnéiere kann. Lëtzebuerg a säi Vollek, wat leider kee Verfassungsgericht huet, sin domadder veruerteelt - an ech soën et emol esou krass wéi et as - vu Politiker, déi vun enger skrupelloser Herrschucht besess sin, op déi krasste Manéier méssbraucht ze gin.

All Deputéierten an och d'Regierungsmembere leë beim Untrëtt vun hirem Mandat en Eed op ons Verfassung, deen heescht: „Je jure fidélité au Grand-Duc, obéissance à la Constitution et aux lois de l'Etat“.

An dann as anscheinend eng qualifizéiert Majoritéit heibannen, déi dësen Eed muer hei beim Vote wëllt brieche. Dass dat all demokratesch denkendem Mënsch et schwéier mécht an Zukunft nach un dës Rechtsstat ze glewen, as nëmmen all ze verständlech. Den Traité vu Maastricht - an ech mengen, dat as haut am Laf vun den Diskussiounen dës öfteren, och vun dene Leit, déi den Traité stëmmen, erkläert gin - steet a Kontradiktioun mat onser Verfassung.

Et sin eng Rei vun namhafte Juristen zitëiert gin, déi dat op Grond vun Aviën ennermauert hun.

Den Aktiounskomitee 5/6 huet vum 7. Dezember un an deem dote Punkt eng ganz kloer Positioun ageholl an as och bis haut nüt vun där Positioun erogaangen, au contraire, géife mer mengen haut kënnen ze behaupten, dass op Grond vun all den Diskussiounen mer an eiser Linn konfirméiert gi sin.

D'Regierung huet sech en Avis beim Conseil d'Etat bestallt, deen hir de Wee opmécht fir d'Verfassung ze violéieren. Spéitstens de 27. Abrëll, wéi de Conseil national vun der DP decidéiert huet an dëser Fro keng ege Meinung méi ze hun, mä sech einfach der Meinung vum Staatsrot ze ralliéieren, war fir jiddereen hei am Land kloer, dass den Avis vum Staatsrot esou géif ausfale wéi d'Regierung e gären hatt an op där anerer Säit as doduerch der DP eng Méiglechkeet gi gin, fir eben dës verfassungswiddreg Prozedur op eng schäinhelleger Manéier matzemaachen.

*(Mme Erna Hennicot-Schoepges reprend la Présidence)*

D'Belsch hun déi selwecht Konstitutioun wéi Lëtzebuerg. Trotzdeem huet de belsche Staatsrot eng komplett aner Décisioun geholl, déi komplett a Kontradiktioun mat där vum Lëtzebuerger Staatsrot steet.

Entweder sëtzen am belsche Staatsrot Leit, déi hir Verfassung respektéieren oder am Lëtzebuerger Staatsrot. Mir sin awer dovun iwwerzeegt, dass se dës Kéier am belsche Staatsrot sëtzen an dass hei wierklech e politesche Gefällegkeetsavis bestallt gin an och komm as, wat iwwregens vum DP-Präsident an enger Kommissiounssëtzung vun der Spezialkommissioun vu Maastricht bejot gin as.

D'Prozedur, déi de Staatsrot virschlëit, heescht, dass mer fir d'ëischt kënnent den Traité ratifizéieren an dass mer duerno awer missten eis Verfassung änneren, ier déi Artikelen, déi nüt verfassungskonform sin, a Kraaft trieden.

D'Fro, déi sech hei stellt wa mer an der Logik vum Staatsrot iwwerleën: wat geschitt wann déi nächst Châmber, wat eng Constituante soll sin, nüt déi qualifizéiert Majoritéit kritt, fir dës Verfassungsartikelen ze änneren?

Et as eis och an der Kommissioun gesot gin, dass den Droit international den Droit national géif priméieren an dass dann, esouguer wa mir eis Verfassung nüt géifen änneren, den Traité awer géif a Kraaft trieden.

Ech hat an der Kommissioun verlaangt, dass mer sollen en zousätzlechen Avis zu deem spezifesche Punkt beim Staatsrot froën. Déi 3 Regierungsparteien, well vun haut u sin et der 3, wollten dat awer nüt. D'DP huet zwar nach kee Ressort, mä d'CSV an d'LSAP sin esou clever, well si wëssen, dass d'DP och jo seet wann se hir kee Ressort gin, well wann eng Partei, déi der an dene leschte Méint esou vill laanscht d'Bake kritt huet wéi d'DP, heihinner kënnt a seet, mir stëmmen et awer, ech mengen, da wir et domm vun der Regierung, wann se hir och nach géif e Regierungsressort gin, wou se bis elo esou gutt gefollegt huet.

Wa mer also elo higin a mir ratifizéieren den Traité a mir kréien herno keng qualifizéiert Majoritéit an där nächster Châmber fir d'Verfassung ze änneren, da kann den Traité mam Walrecht a Kraaft trieden an dann hu mer nach jhust d'Méiglechkeet iwwer de Wee vun den Derogatiounen mam Vetorecht ze blockéieren. Esou richtig gesinn, trëtt dann d'Walrecht an. Och dat soll ee matiwwerleën an da versteet een och fir wat dass déi 3 Parteien nüt wollten higoën an en zousätzlechen Avis beim Staatsrot froën. Si kréie jo souwisou ëmmer deen, deen se gären hätten an op e weidere wir et dës Kéier jo nüt ukomm.

De richteg Wee, fir mat eiser Verfassung konform ze sin, wir dee vun Neiwale gewiescht oder e Referendum, esou wéi mir ën als Aktiounskomitee 5/6 vum ëischten Dag u verlaangt hun. Mä och Neiwale fäärten dës 3 Parteien, well déi Emfro, déi elo kürzlech gemaach gin as an déi aus logesche Grënn nüt publique gemaach gët, well se fir déi 3 Parteien nüt grad esou gönschteg ausfällt, wou d'CSV géif vun 22 op 20 Sëtz erofgoën, d'LSAP vun 18 op 15 an d'DP vun 11 op 8 Sëtz. Déi gréng Kollege géife vu 4 op 9 Sëtz eropgën a mir vun 3 op 8 Sëtz.

*(Interruption)*

Entschëllegt, Här Hoffmann, d'Kommuniste wiren och nach mat engem Sëtz dobäi. Et huet ee schon ugefaangen lech ze vergiessen, entschëllegt!

**M. Jacques Santer, Premier Ministre, Ministre d'Etat.**- Wann ech dat richtig verstinn, da bleiwen ech nach ëmmer Staatsminister!

**M. Gast Gibéryen (Aktiounskomitee 5/6).**- Här Santer, et schéngt wéi wann Dir an där Hinsicht berouegt wierd fir déi nächst Joerzëngten.

Et as also esou, dass déi 3 Parteien nüt de Courage hu fir nei Walen ze maachen, well se ebe genau wëssen, dass se dës Kéier géife Plomme loossen an dofir gët dann eben iwwer d'Vollek ewech decidéiert an d'Verfassung gët violéiert mat der Hoffnung, dass an 2 Joër d'Leit dat vergiess hu wat hei haut a muer verbrach gët. Mä mir wäerte schon dofir suergen, dass dat bei de Leit an Erënnerung bleift bis zu denen nächste Walen.

Da gët och ëmmer an d'Diskussioun geworf, dass d'Vertrag vu Roum an den Acte unique och mat där Majoritéit an iwwer déi do Prozedur ratifizéiert wire gin an dass den Traité vu Maastricht kënnt duerch déi selwecht Prozedur ratifizéiert gin.

Ech mengen, wann een zweemol e Feler mécht, dann erlaabt dat engem nüt, fir dann och nach eng drëttes Kéier een ze maachen. Et versteet een, dass dat zweemol gaangen as, well zu denen Zäite waren déi 3 Parteien nach ënnert sech, mä Gott sei Dank hun an der Zwëschenzäit d'Bürger dofir gesuergt, dass déi politesche Verhältnissen hei am Land changéiert hun an dass elo och aner Gruppen am Parlament sin, déi déi Verfassungsviolatioun nüt matmaachen. Si gët wuel nach haut gemaach, mä ech sin iwwerzeegt, dass et dës Kéier fir d'lescht war, well an 2 Joër wäerten d'Bürger den 3 Parteien scho soë wat se vun dene Leit halen, déi d'Verfassung violéieren.

Déi 3 Parteië sin dee Wee vu vir un ëmmer zesumme gaangen. Si hate sech virun de leschte Wälen zesummen ofgeschwat, zum Beispill d'Thema vum Ausländerwalrecht nët am Walkampf ze diskutéieren. Si hun an hire Walprogrammer geschriwwen an ech zitéieren der CSV hire Walprogramm, well anscheinend hun se dee verluer: „Staatsangehörigkeit und politische Rechte auf nationaler und lokaler Ebene sind für die CSV weiterhin untrennbar. Wer in Luxemburg aktives und passives Wahlrecht in Anspruch nehmen will muss sich den gleichen Pflichten wie die Luxemburger unterwerfen“. Dat war den CSV-Programm fir an des Wälen ze goën.

„Die DP ist der Meinung, dass die Forderung nach dem kommunalen Wahlrecht für Ausländer der von ihr angestrebten Integration nicht förderlich ist“.

D'Regierungsparteien hun am Lëtzebuurger Wort vum 1. Juli 1989, wéi se hire Koalitiounsprogramm verbrach hun, wat am Fong eng Kopie vum CSV-Walprogramm war, och geschriwwen,...

*(Interruption)*

Här Poos, am Regierungsprogramm mat derbäi an ech hun Iech jo gesot, an der Regel hut Der den CSV-Walprogramm akzeptéiert an domadder hut Der och déi Klausel do akzeptéiert, well do stong dran, dass déi heite Regierung ët och nët géif fir nützlich fanne fir d'Walrecht fir d'Ausländer an dëser Legislaturperiod anzeféieren.

Ech muss also hei kloër feststellen, dass Parteiën a Wäle gaange sin an do de Bürger gesot hun, mir féieren d'Walrecht nët a fir d'Ausländer, an ët elo maachen. Si hun also vum Bürger nët nëmme kee Mandat kritt fir d'Walrecht anzeféieren, mä au contraire, si hu vun de Bürger op Grond vun hire Walprogrammer e Mandat kritt fir d'Walrecht nët anzeféieren. Ech mengen, dat as e ganz krasse Mëssbrauch vum Wielervertrauen, dee vun denen 3 Parteië gemaach gët.

Elo gët versicht fir d'Wäler ze berouegen iwwer de Wee vun Derogatiounen. Den Här Staatsminister hat de 24. Mee sämtlech Parteiën aus der Châmber op eng Versammlung zesummegegruff, wou iwwer déi Derogatiounen geschwat gin as, wou mir och higaange sin, well mer gesot hun, mir si bereet mat iwwer Derogatiounen ze diskutéieren a mir sin esouguer bereet, wann en Accord fond gët, fir déi Derogatiounen mat no baussen ze verrieden an ze verteidegen, mä ënnert zwou Konditiounen, woubäi déi éischt war, dass d'Verfassung misst respektéiert gin, dat heescht, fir d'éischt d'Verfassung reforméieren an dann den Traité ratifizéieren. Déi zweet Konditioun war déi, dass mer iwwer de Wäert vun den Derogatiounen géifen diskutéieren.

*(Interruption)*

Wann ech herno nach Zäit hun, Här Asselborn, kritt der d'Geleënheet. Dir sollt jo anscheinend muer als leschte schwätzen. Profitéiert dann dovunner, fir eppes vun Iech ze gin. Ech wëll eis Meinung emol nach eng Kéier repetéieren.

Mir hu gesot, dass de Wäert vun den Derogatiounen nët dierft dee sin, dass mer e Konsensus am Land fannen, deen de Parteiën hëlleft iwwer d'Châmberwälen an iwwer d'Gemengewälen ewechzekommen an dass dann no de Châmberwälen am Juni 1994, am Hierscht zu Bréissel iwwer d'Derogatiounen diskutéiert gët an dass dann Ofstrécher vun den Derogatiounen gemaach gin.

Mir hu gesot, wann d'Regierung d'Zouso gët, wann en Accord fond gët ënner de Parteien, dass d'Derogatiounen nët tel quel akzeptéiert gin, da géif se vum Vetorecht Gebrauch maachen. Mä déi Zouso hu mer nët vun der Regierung kritt a mir hun och nët d'Zouso kritt, dass d'Verfassung géif geännert gin, esou dass mer ons nët kënne mat den Derogatiounen an dier Form d'accord erklären.

Da gët als Alibi versicht och nach no baussen ze maache wéi wann d'Lëtzebuurger Gemenge géifen informéiert gin. Wann ee weess, dass mer gëschter ugefaangen hun hei ze diskutéieren a virgëschter

sin dann iwwer de Syvicol d'Gemengen um Kiirchberg zesummegegruff gin an do as da gesot gin, haut fänke mer u mat de Gemengen ze diskutéieren iwwer d'Derogatiounen an da fuere mer am Hierscht weider. Mä muer stëmme mer awer den Traité.

Mir stëmme also en Traité wou e wesentleche Punkt, deen hei am Land diskutéiert a kontestéiert as, wou keng kloër Verhältnissen bestin, wou d'Konditiounen vun der Stee an engem wesentleche Punkt nët bekannt sin. Mir stëmme hei eng Kaz am Sak!

D'Informatiounscampagne, déi d'Regierung gemaach huet fir 11-12 Milliounen, wou een sech iwwerhaupt muss d'Fro stellen ob ët mam Recht an Aklang steet wann d'Regierung Steiergelder hëlt fir d'Vollek eesäitig ze verdommen, well nët méi an nët muer as mat dier Zahnpastapropaganda, déi vun der Regierung an dene leschten Deg gemaach gin as, bezweckt gin. Hei as eng eesäitig Informatiounscampagne gemaach gin, wou d'Leit nët objektiv informéiert gi sin. Et si virun allem keng kontradiktöresch Tables rondes um Radio an op der Televisioun gemaach gin. Och hei gesäit ee wéi déi Zesummenaarbecht, wann d'Vollek muss manipuléiert gin, tëscht dene Parteië leeft.

Hei hun och d'Medien, wéi den 92,5 an de Kuck elei, waarscheinlech ënner dem Drock vun uewen, misste matspillen, well an de leschte Wochen sin nëmme Chefredakteren an „Tëscht den Zeilen“ Leit op de Radio an op d'Televisioun komm, déi positiv zu Maastricht stongen. Leit déi kritesch zu Maastricht waren...

*(Interruptions diverses)*

... hu kee Chefredakter a keen „Tëscht den Zeile“ kritt.

Dänemark huet an dene leschte Méint Europa zweemol e groussen Déngscht geleescht. An da komme Leit heihinner a soën, ët wir eng knapps Majoritéit vu 40.000 gewiescht. De Fraktiounspresident vun der LSAP huet esouguer behaupt ët wiren der nëmme 20.000 gewiescht.

Déi 51% zielen anscheinend nët méi! Gët dann hei an der Châmber, wann e Projet mat 28 géint 27 Stëmme ugeholl gët, gesot, et huet een de Projet gestëmmt? Da gët gesot, et hun der 28 e gestëmmt. Sou muss een och wëssen, dass an Dänemark eng Majoritéit deen Traité verworf huet.

Et muss een och wëssen, dass an Dänemark dat selwecht Spill gemaach gin as wéi hei: Do as fir 160 Milliounen vun der Regierung eng Campagne gemaach gi fir deen Traité. Stellt Iech emol vir, do wir och eng Equivalenz gewiescht vun de finanzielle Moeenen, fir déi Propaganda ze maachen, wéi dann d'Resultat ausgaange wir!

**M. André Hoffmann (KPL).**- Do besteet awer d'Ausländerwalrecht, Här Gibéryen!

**M. Gast Gibéryen (Aktiounskomitee 5/6).**- Do sin och nëmme 2 bis 3% Ausländer!

Dese ganzen Traité werft méi Froen op, wéi en Äntwerte gët.

Déi kleng Länner, an dat hun d'Däne bewisen, kréien an dësem Europa nët méi vill ze soen. Hei gin 12 demokratesch State géint hire Wëllen, géint de Wëlle vun hire Bürger, forcéiert, an engem groussen, ondemokrateschen an zentralisteschen Europa zesummegepercht ze gin.

Et laache verschidde Leit heibannen, mä et sin nach keng 14 Deg hier, do huet ee vun den dräi Rapporturen an der Kommissioun den Traité esou an d'Luucht gehalen a gesot...

*(Interruption)*

Här Asselborn, ech loosse mer nët vun Iech a vun kengem aneren heibannen e Maulkuerf opsetzen!

Et geet nët, dass a Kommissiounssätzungen esou geschwat gët, an dass an der Öffentlechkeet aneschters geschwat gët! Wann Deputéierten dat wëlle maachen, dann as dat hire Problem. Mir loosse ons hei kee Maulkuerf opsetzen!

Et huet op jidde Fall ee vun denen dräi Rapporteuren den Traité an d'Luucht gehalen a gesot: „Hei as dat ondemokrateschst Gesetz, wat ech bis haut am Grapp hat! Dat as franséischen Zentralismus op Europa ausgedent!“

Ech mengen, da braucht Der nët ze laachen - well ech war jo nach vill méi schwach, wéi déi Ausso do! - wann ech dat hei répétéieren.

**M. André Hoffmann (KPL).**- Wie war dat dann?

**M. Gast Gibéryen (Aktionskomitee 5/6).**- Et war keng Damm an et war kee Bauer!

(Hilarité)

En anere Punkt as d'Sozialpolitik. An onsem Rapport vun 166 Säite kritt d'Sozialpolitik eng hallef Säit, nët grad, et felen zwou Zeilen, reservéiert. Domadder beweist och eis Kommissioun am beschten, datt d'Sozialpolitik am Traité vu Maastricht jhust als Alibifonktioun ageschriwwen gin as.

Déi komplizéiert juristesche Prozedur, déi den Traité festhält an der Sozialpolitik, doduerch dass d'Engländer nët brauche matzemaachen, an doduerch dass an enger Rei vu wesentleche Punkten eng Unanimitéit verlaangt gët, mécht et kloer, dass an denen nächste Joren hei a Lëtzebuerg an an anere Länner, déi och eng héich sozialpolitesch Entwécklung hun, de sozialen Dumping antrëtt.

Et deet mer leed, dass d'Kommissioun nët higaangen as - well se jo nët vill ze schreiwen hat an hirem Rapport - an de Rapport vun der Commission de Travail et de l'Emploi vum 29. Januar geholl huet, wou den Aarbechtsminister dra komm as an an allen Detailler de Volet social zerspléckt huet, an och an allen Detailler kee gutt Hoer méi un dene Leit, déi en ausgehandelt an déi Texter do gemaach hun, gelooss huet.

Ech zitieren nëmmen ee Saz aus deem Rapport: „Le danger est donc réel que la politique communautaire dans son ensemble, caractérisée par le libéralisme économique et un statu quo social, se fasse au dépens des travailleurs, en ce sens que les pays se situant actuellement en bas de l'échelle du niveau social, ne feraient aucun progrès substantiel, contraignant finalement les pays connaissant un niveau social satisfaisant ou élevé à rabaisser ce niveau, afin de ne pas perdre toute compétitivité.“

Ech mengen, dee ganze Rapport, deen dräi oder véier Säiten déi doten Tounaart huet, hätt d'Kommissioun sollen an hire Rapport integréieren, da wir och e seriööst Kapitel iwwer de Volet social am Rapport vun der Spezialkommissioun „Maastricht“ dra gewiescht!

Et as natiirlech kloer, dass versicht gin as, alles wat negativ as, sou wäit wéi méiglech aus dem Rapport erauszehuelen an nëmme positiv Saachen, och wa se ganz vague a flou sin, dran ze schreiwen.

Op jidde Fall, eleng duerch deen dote Punkt as et fir mech als Gewerkschaftler, an ech géif soen, och fir all Gewerkschaftler misst et onméiglech sin, eleng duerch de Volet social, dem Traité zoustëmme. Well een, deen dem Traité zoustëmmt, muss dann och soen, dass en nët nëmmen dem sozialen Dumping, mä och dem sozialen Ofbau fir d'Zukunft hei zu Lëtzebuerg zoustëmmt. Dat as och mat deem Vote verbonnen, Här Colling!

(Interruption)

Här Colling, Dir sid Deputéierten, sot de Leit emol heibannen, wat Der an der éischter Kommissiounssëtzung „Maastricht“ gesot hut! Sot Dir et, da brauch ech et nët ze zitieren, dass Der gesot hut, dass Der dat heit nët kënt stëmme! An haut faalt Der eis an de Réck, well mir hei mat der Wouerécht erauskommen! Mir loosse eis kee Maulkuerf opsetzen!

Dir Dammen an dir Hären. Nach ee Wuert iwwer d'Kollege vun der DP. Ech mengen, dass déi zwou Regierungsparteien en trauregt Kapitel hei geschriwwen hun, dat as nët unzezweifelen, mä dat allertrauregt Kapitel huet waarscheinlech an där heiter Geschicht

d'DP geschriwwen. Sou wéi déi hin- a hiergefall as an dene leschte puer Méint, méi ka keng Partei hin- an hierfalen! Méi wéi déi d'Baken opgeblosen huet an der da vun de Regierungsparteien op d'Bake kritt huet, ka keng Partei der kréien! Méi ka keng Partei de Geck mat sech maache loosse wéi d'DP!

D'DP huet hei am Abrëll, an der Diskussioun iwwer d'Orientatioun vun der Ratifikatioun, mat ons verlaangt, si misst op den Hierscht zrëckgesat gin, et misst e Referendum gemaach gin. Elo léisst d'DP sech vun enger Majoritéit vun 38 Deputéierten - well méi haten och deemools d'CSV an d'LSAP der nët zesummekritt - diktéieren, datt den Traité den 2. Juli misst gestëmmt gin.

Haut kënt den Här Grethen schéi brav heihinner an zitt eng hallef Stonn géint den Traité zu Feld, e léisst näischt méi dru vu vir bis hannen, an herno seet hien dann: Ech stëmme en awer!

Ech mengen, méi schappeg kann eng Partei sech nët erauszéien.

D'DP huet, nodeem datt se hir Menung opgin huet bei deem wichtige Projet - da bräichst se am Fong bei manner wichtige Projeté sech keng Menung méi ze maachen, da kënt se sech do d'office dem Avis vum Staatsrot ralliéieren - eng Resolutioun deponéiert a gesot: Wann déi nët uegholl gët, da stëmme mir den Traité nët, an do däerf kee Punkt a kee Komma dru geréckelt gin.

Wann ech déi Resolutioun kucken, déi si deemools hei deponéiert hun, an déi, déi den Här Goerens haut hei deponéiert huet - dat as eng, déi an der Regierung fabrizéiert gin as, an déi hien elo däerf am Numm vun der Kommissioun deponéieren - dann as vun deem, wat d'DP an hirer Resolutioun deemools hat, wou se gesot huet, et däerf kee Punkt a kee Komma dru geännert gin, géif ech soen, as jhust de Punkt an de Komma iwwerholl gin an de Rescht feelt! Mä d'DP schléckt, si kuckt nët méi ëm!

Den Här Grethen huet de Mëtteg gesot, d'Regierung géif mat enger gewëssener Arroganz hei optrieden. Dat doten as och eng Arroganz vis-à-vis vum Vollek, fir hei an no baussen eng Scheinoppositioun ze maachen, wéi wa si géifen Oppositioun maachen, an am stillen Kämmerlein as d'DP mat dem Traité d'accord!

A wann hei gesot gët vun der DP - Här Asselborn, loosst mech schwätzen! - den Traité hätt misse méi spéit ratifizéiert gin, an nach gëschter stung am „Lëtzebuurger Journal“ ze liesen, datt deen Traité gutt Zäit gehat hätt, fir am Hierscht ratifizéiert ze gin. Bon, Dir Dammen an dir Hären, déi eenzeg, déi et an der Hand hun, datt et am Hierscht ratifizéiert gët, déi eenzeg, déi et an der Hand hun, fir dass e Referendum duerchgefuert gët, dat as d'DP! Wann d'DP seet, mir stëmme dat mar nët mat, da gët den Traité nët gestëmmt. Dann as en emol nach nët verworf, dann as e jhust nët gestëmmt. Da kënt si hir Fuerderungen, wa se se géif c bësschen eescht huelen, duerchsetzen a soen: Entweder gët d'Verfassung geännert oder et gët e Referendum gemaach oder mir stëmme nët mat. Mä soulaang wéi d'DP dat nët mécht, as se mat verantwortlech un deem, wat hei geschitt!

Och wa Leit vun der DP mar erausgin, sech enthalen oder dergéintstëmme, wann d'DP der Majoritéit de Quorum gët, dann huet d'DP fir d'ganz Vollek den Traité matgestëmmt! Egal wat de Rescht vun hirer Partei mécht, dat as Augenwischerei, dat as Scheinoppositioun, dat as Wackelpolitik vun héchstem Format.

Mir kënnen also jhust hoffen, dass d'Ausland ons dat erëm riichtbéit, wat hei verschidde Leit verbrieche. Ech sin och ganz optimistesche, dass den Traité an deser Form nët däerf a wäerd a Kraaft trieden.

Et gët jhust ee Wee. Dat as, fir hei e Referendum ze maachen, dat beescht, ons Vollek ze froen. Mir hun deen als Aktionskomitee 5/6 gefrot a mir hun an e puer Deg 3.500 Ennerschreften erakritt. Mir sin der Meinung, dass een esou e Schrack nët kann iwwer de Kapp vum Vollek, a scho guer nët géint d'Volk maachen, mä et kann een en nëmme mam Vollek maachen. Et kann ee keen Traité hei stëmme loosse, dee méi Froë wéi Äntwerten opwerft. Et däerf

ee keen Traité hei stëmme loossen, wou dee Problem, deen a fermer Kontradiktioun zum Biirgerwëlle steet, wou d'Walrecht nët gekläert as, an dass een da seet: Mir kucken dann, nodeem mer den Traité ratifizéiert hun, wéi mer mat den Derogatiounen eens gin.

Madame President, dir Dammen an dir Hären. Den Aktiounskomitee 5/6 wëllt dofir nët hei Kompliz an engem Komplott gin, deen zum Zil huet, ons Verfassung ze vergewallegen an iwwer de Kapp vun onse Biirger ewech déi elementaarst Rechter ze violéieren.

Mir bedelegen ons nët un dësem Staatsstreech!

**Mme la Présidente.**- L'orateur suivant est l'honorable M. Rau.

**M. Fernand Rau (CSV), rapporteur.**- Madame Presidentin, dir Här Ministeren, dir Dammen an dir Hären. Wéi Der wësst, ech si weder eng Damm nach e Bauer, fir ze enchainéieren op dat, wat den Här Gibéryen virdru gesot huet, wéi hien aus der Kommissioun geschwat huet. Ech hun och nët dem Här Gibéryen séng Rhetorik a säin Don, fir hei Demagogie ze maachen.

Den Här Gibéryen huet ausschliisslech zur Form geschwat, mä zum Fong vum Traité vu Maastricht huet hie kee Wuert verluer. Hien huet och nët gesot, wat géif geschéien, wann all déi aner Kollegen an dësem Haus géifen esou raisonnéieren an esou stëmmen, wéi hien respektiv séng Partei mar stëmme wäerten.

**M. Robert Mehlen (Aktiounskomitee 5/6).**- Dat soen ech Iech mar de Mueren! Mir sin eng grouss Fraktioun!

**M. Fernand Rau (CSV), rapporteur.**- Dann entschëllegt, da sin ech e bëssche prematuréiert!

Här Mehlen, ech hat gehofft - ech hat mer awer nët allzevill Hoffnungenemaach - wéi ech gëschter hei den Avis vun der Chambre de Commerce zitéiert hun, deen op méi eng wëssenschaftlech, a keng politesch-polesch Aart a Weis d'Situatioun vun engem Mikrokosmos wéi Lëtzebuerg opzeechent, wat d'Alternative sin, do wou de Wählerpotential vum Här Gibéryen jo awer schafft. Dat si jo alles auslännesch Entrepreneuren, a mir wëssen awer, dass Dupont de Nemours, Goodyear a Luxguard nët hei zu Lëtzebuerg sin, fir Pneuen, Mylar a Glas fir 300.000 Lëtzebuerger an 100.000 Ausländer ze produzéieren; a mir wësse genee, dass an Dänemark an deem Moment, wou d'Resultat vum Votum bekannt war, sämtlech Investitiounsprojéit gestoppt gi sin, an esou weider an esou fort.

Ech mengen also, et as relativ einfach, wann ee sech hei braquéiert op e Prozedurkrich, wou ee ka gedeelter Meinung sin. Ech wëll dem Här Gibéryen awer rappéléieren, dass och eminent Juriste fannen, dass d'Konstitutioun nët violéiert géif gin. Ech si kee Jurist, ech hun och ni d'Préventioun, dat ze sin, mä ech hun awer mat vill Intérêt déi ganz Diskussioun verfollegt an ech hu festgestallt, dass d'Menunge vun de Juriste gedeelt sin an där doter Affär.

Ofgesi vun der Prozedur, Här Gibéryen, hun ech awer e bësschen Är Stellungnam zum Fong vun der Affär hei vermësst.

**M. Gast Gibéryen (Aktiounskomitee 5/6).**- Den Här Mehlen seet déi mar.

**M. Fernand Rau (CSV), rapporteur.**- Da gedëllege mer eis nach 24 Stonnen!

Ech wëll awer Stellung huelen zu där Allusioun zum Zentralismus. Ech gin éierlech zou an ech reniéieren och nët méng Positioun, an den Här Delors huet jo selwer nom dänische Votum säi mea culpa gemaach, andeem hie gesot huet, dass do eng Rei Feler geschitt sin. Dat war e ganz heilsame Vote vun den Dänen.

*(Interruption)*

Gewëss, Här Hoffmann, mir si weder Dänemark, nach Irland, an och nët Däitschland, a mir kënnen nët Abstraktioun vun eiser spezifescher Situatioun an där doter Affär maachen, egal wéi elo d'Prozedur do ausgesäit.

Dir Dammen an dir Hären. Ech wëll mech awer relativ kuurzfaassen an och vun der Geleënheet profitéieren, fir hei nach Stellung ze huelen zu zwee Problemer, déi mer am Zesummenhank mat Maastricht e bëssche méi speziell um Häerz leien. Dat as dee vun der Citoyenneté européenne an dee vun de Finanzen an der Gemeinschaft.

Ech hun hei eng Weltkaart an ech hun emol d'Proportiounen vun Europa gekuckt...

**Une voix.**- Hut Der keen Diasprojekter?

**M. Fernand Rau (CSV), rapporteur.**- Mir si jo hei nët am Kino! Dir hut dach keng Entrée bezuelt!

*(Hilarité)*

Mir stelle fest, dass am Fong de wirtschaftlechen, de politeschen, de kulturellen, de sozialen Afloss vun Europa am emgedréinte Verhältnis zu sénge physeschen a geographeschen Dimensiounen as. Mir wëssen och, dass am Laf vun de Joerhonnerten eng Rei europäesch Natiounen eng Roll, notamment um Gebitt vun der Kolonialisierung, gespilt hun, déi nët ganz elogiös as. Néanmoins besteet nach wie vor den Afloss vun enger Rei vun europäesche Länner an der Welt, deen nët ze vernoléisegen as. Ech wëll nët an d'Detailer agoen, ech wëll dat awer trotzdeem an dësem Zesummenhank gesot hun.

Deen Afloss as bedéngt, op Grond vun enger Rei vun europäesche Charakteristiken, notamment déi mënschlech, déi kulturell an och déi humanistesche Dimensiounen, déi eng Rei europäesch Länner awer hei mat an dës Diskussioun erabrëngen.

Dofir mengen ech, wir et wichteg, och an dësem Zesummenhank vun der Diskussioun iwwer den Traité vu Maastricht drop hinzeweisen, dass déi eenzel Länner hir national Identitéit onbedingt musse behalen, well d'Stäarkt vun Europa läit ebe jhust an hirer kultureller, sozialer a politescher Diversitéit.

An dat bréngt mech dann och zum Thema vun der Citoyenneté européenne an zur Intégratioun vun eisen auslännesche Matbiirger.

**M. Jup Weber (GLEI).**- Sot eis nach wat dat mat Ärer Weltkaart ze din huet!

**M. Fernand Rau (CSV), rapporteur.**- Et deet mer leed, Här Weber, mä Dir hut mäi Raisonnement nët verstanen. Ech wollt soën, dass de Fait, dass esou e klenge Weltdeel, déi 12 Länner, esou eng grouss kulturell an humanistesche Influence op d'Welt huet, keen Hasard as, mä dass dat op enger Rei vu Qualitéite vun den Europäer berout.

*(Interruptions diverses)*

**Mme la Présidente.**- N'interrompez pas M. Rau. Votre tour viendra pour parler!

**M. Fernand Rau (CSV), rapporteur.**- Dat hun ech jo nët behaupt. Ech maachen eng Feststellung hei.

**M. François Bausch (GAP).**- Sid Dir dann der Meinung, dass d'europäesch Natiounen eng gewëssen Iwwerleënheet par rapport zum Rescht vun der Welt hun?

**M. Fernand Rau (CSV), rapporteur.**- Neen, ech maachen hei eng Feststellung, dass Europa en Humanismus an eng Kultur, déi Dir grad esou gutt senséiert sid ze kennen, an eng historiesch Entwecklung matgemaach huet, déi weltwäit eng Rei Natiounen impreignéiert huet, esouwuel am positive wéi am negative Sënn. Ech gin dat ganz gäer zou.

Wat wëll Dir mir hei ennerstellen, well dofir halen ech Iech gutt genuch. Mir kennen eis jo elo schon e puer Joër. Mir sëtze jo beieeneen an dofir kenne mer ons gutt.

Wann Der mer wëllt e Procès d'intention maachen op deen ech souwisou scho preparéiert war an et hätt mech wierklech gewonnen,

Här Bausch, wann Dir net dee gewiescht wärd, dee mat där doter Fro komm wär. Dir wëllt mir hei e Procès d'intention maachen, deen ech absolut net verdéngt hun.

**M. François Bausch (GAP).**- Et war eng Präzisioun, déi ech verlaangt hun.

**M. Fernand Rau (CSV).**- Dann hut Der se elo. Ech weess net ob se Iech Satisfaktioun gët. Bei Iech weess een dat ni am virus.

Am Zesummenhang mat der Citoyenneté européenne hu mer an der Kommissioun dee Problem am Detail diskutéiert, esouwuel mat den Häre Ministere wéi och mat hire Verrieder, notamment mam Här Weyland, deen eis do ganz interessant Detailler gin huet, ier et iwwerhaupt zu deem Passus vun der Citoyenneté européenne komm as a wou och den Här Gibéryen dobai wor. Wann hie mat Recht engersäits d'Walprogrammer vun dene grouse Parteien zitéiert, da stëmmt dat, mä wat awer kee Walprogramm am Juni virausgesinn huet, dat as, dass am November géif d'Berliner Mauer falen an dass d'geographesch an d'politesch Kaart innerhalb vun e puer Méint an Europa géif fundamental changéieren.

Dir Dammen an dir Hären, dat sin awer geographesch a strategesch Realitéiten, déi een net kann aus den Aë verléieren. Et as och gesot gin, Här Bausch, - do kennt Der Iech bei Ärem Kolleg, dem Här Clesen, rensignéieren - dass 1988, wéi d'Kommissioun deen éischten Essai vun enger Direktiv op deem doten Niveau virgeluegt huet, dass se einfach an den Tiräng verschwannen, well déi Lëtzebuerger Delegatioun an och nach aner Delegatiounen, notamment déi franséisch an déi däitsch, domadder Problemer haten, esou dass d'Affär énnert eiser Presidentschaft ërëm eng Kéier op den Dësch komm as an engem fundamental geännerten, geopoliteschen, europäeschen Emfeld an dass een net kann dovun Abstraktioun maachen, dass fir de Moment an Zentraleuropa e politeschen, ekonomesche Ries amgang as ze entstoen, mat Honnerte Milliounen Leit am Réck an als potentiell Clientën, an dass kee weess ob déi zweet oder drëtt däitsch Generatioun, wann se eng Kéier an deem Land un de Pouvoir kënnt, nach iwwerhaupt un der europäescher Intégratioun interesséiert as. Et geet elo drëm, fir des historiesch Chance net ze verpassen. Well wa mer et elo net maachen, an 20, 30 Joër maache mer et waarscheinlech net méi, well notamment bei eisen däitschen Noperen aner Intérêtën als méi richteg ëmfond gin.

Dat sin awer Iwwerleungen, déi vläicht delikat ze maache sin, mä déi muss een awer an dëser Diskussioun ustellen, wann een iwwer deen doten Thema schwätzt.

Ech kommen zrëck op d'Citoyenneté européenne an d'Intégratioun vun eisen europäesche Matbiirger.

(*Interruption*)

Här Weber, wann Der schon hei sid, géif ech Iech trotzdem frëndlechst bidden, fir d'Orateuren awer schwätzen ze loosse. Dir hut jo d'Gehälter vun den Deputéierte veröffentlecht, mä Dir hut net veröffentlecht, dass wann ee pro Minutt géif rechnen, Dir waarscheinlech dee sid, deen am meeschte verdéngt an dësem Héijen Haus, well Är Präsenz kann een op enger Hand opzielen.

**M. Jup Weber (GLEI).**- Ech si gäer bereet mä Revenu mat Ärem ze vergläichen, wat ee vun Iech net ka behaapten.

**M. Fernand Rau (CSV), rapporteur.**- Ech si bereet Är Pai pro Minutt mat ménger ze vergläichen. Da gesi mer emol wien am meeschte verdéngt an dësem Haus.

(*Interruption*)

**Mme la Présidente.**- Revenons au débat ! M. Weber, je vous rappelle à l'ordre.

**M. Jup Weber (GLEI).**- Wien, hien oder mech !

**Mme la Présidente.**- M. Weber, je vous rappelle à l'ordre. C'est M. Rau qui a la parole !

**M. Fernand Rau (CSV), rapporteur.**- Mme President, ech wëll an deem Zesummenhang drop hiweisen, dass ech mech opposéiere géint déi Tendenz, déi an engem bestëmmten ideologeschen Eck an dësem Land besteet, fir all déi Leit, déi an dësem Land Problemer mat dem Walrecht vun eisen europäesche Matbiirger hun, aus denen Urssaachen, déi mer alleguer kennen an déi schon oft genuch op dëser Tribün widderholl si gin a wou ech eng fundamental Kontradiktioun feststellen tëschent den These vum Här Gibéryen, dee fënt dass déi Affär ze wäit geet, an den These vun dene grénge Parteien, respektiv vun de Kommunisten, déi am léifsten hätten, mir géingen och nach all denen aner Natiounen vun der ganzer Welt hei d'Walrecht gin. Si sin alleguer géint den Traité, mä si sin aus fundamental kontradiktorieschen Urssaachen dergéint an zum Fong vum Problem hun se näischt ze soën.

E Lëtzebuerger, deen an dësem Land net kann akzeptéieren an e Land wat méi wéi irgendeen aner esou vill auslännesch Matbiirger am Laf vun de Joërzéngen intégriert huet ouni Problemer, kennen ech op der ganzer Welt net. Dofir opposéieren ech mech géint déi Behauptung fir ze soën, en Deel vun dësem Vollek wire Rassisten, et wire Xénophoben. D'Lëtzebuerger si par définition weder Rassisten nach Xénophoben. D'Lëtzebuerger hun och d'Recht, d'Rechter vun de Lëtzebuerger an dësem Land ze verteidegen. Dat soll ee - fir allemol ënnerstrach gin.

D'Lëtzebuerger si keng Rassisten an ech wire mech dergéint. Et as eng Provokatioun vis-à-vis vun der grousser Majoritéit vun dësem Land. Wann ech dann SOS-Rassisme an dësem Land gesinn entstoen a wann ech verschidden Aussoën héiere vun ASTI a CLAE, wou verschidde Politiker sech net ze schued sin, fir sech do och nach profiléieren ze goën, wou soss näischt wéi Tiraden a Provokatioune géint d'Biirger vun dësem Land zum Beschte gi sin. Et méngt ee bal all déi woren Hypokriten, déi 1989 derbei woren wéi mer mat grousser Pomp eis 150 Joër Onofhängegkeet gefeiert hun an d'Staatschefen vun all dene Länner invitéiert a feierlech ëmfaangen hun, déi deemools eis Onofhängegkeet mat cautionnéiert hun.

Wat fir de Moment an eise Schoulsystem geschitt, dir Dammen an dir Hären, ech fäärten, dat geet éischer an d'Direktioun vun der Désintégratioun wéi vun der Intégratioun. Ech kann nämlech mam beschte Wëllen net verstoë wéi mer wëllen déi portugiesesch Kanner hei zu Lëtzebuerg intégrieren, wa mer hinne ganz Nomëtteger imposéieren, wou se d'portugiesesch Sprooch musse léieren, d'portugiesesch Geschicht asw., Kanner, fir déi et an hirem egegen Intérêt wir, wann se sech géife mat eiser Kultur auserneesetzen a wann se géifen déi besser kenne léieren, déi souwisou ni d'Intentioun hun, fir a Portugal zrëckzegeën. Ech fannen, dass dat eng Entwécklung as, déi a belsch Verhältnisser erageet. Mat deem Dualismus, deen do amgang as ze geschéien hun ech méng Problemer.

Ech kommen dann zum Fong vum Problem. Do wëll ech awer den Här Krieps drop hiweisen, deen de Moiën eng Interventioun gemaach huet wou ech mer erlaabt hat em ze widdersprieche. Ech zitéiere wat en de 4. Juli 1988 am Gemengerot vun der Stad Lëtzebuerg zu deem Thema gesot huet: „Ich bin der Meinung, dass den Ausländern kein Wahlrecht für die Gemeindewahlen zugestanden werden soll. Statt dessen trete ich dafür ein, unsere ausländischen Mitbürger in dem Bestreben, die Luxemburger Nationalität anzunehmen, zu unterstützen und ihnen auf gesetzlicher Ebene entgegen zu kommen. Die im Gesetz zum Erlangen der luxemburgischen Nationalität festgelegten 10 Jahre sollten auf 3 Jahre herabgesetzt werden. Zudem können wir nicht verlangen, dass die nächste Generation der Emigranten perfekt Luxemburgisch reden muss. Unsere Forderungen sind allzu extrem. Desweiteren wäre es zu begrüßen, wenn der Vorschlag von Herrn Thorn, den Ausländern die doppelte Nationalität zuzugestehen, berücksichtigt würde“.

Do, dir Dammen an dir Hären, as eben d'Kontradiktoun. Elo gët d'Walrecht um kommunalen an um europäesche Plang agefouert. Fir wat nët och um nationale Plang. Et gi jo Leit déi mengen, dat wir déi zweet Etap.

Do as dann och aus beruffenem Mond bemierkt gin, dass dat nët a Fro kënt aus deem einfache Grond, well dat un d'national Souveränitätsrechter vun den eenzelne State geet an dass do nët nëmme Lëtzebuerg domat Problemer huet, mä och all déi aner Länner.

Dat wat den Här Krieps hei verlaangt an do as d'Kontradiktoun, dat as, dass en hinne wëllt eng duebel Nationalitéit gin, wou se also nët nëmme d'Walrecht um kommunalen an um europäesche Plang de toute façon kréien, mä och nach um nationale Plang. Déi ganz Thees as an deem Sënn eng grouss Kontradiktoun, well dat wat hien de Moïë gesot huet, dat as a fundamentaler Kontradiktoun zu deem wat en de 4. Juli 1988 an der Gemeng Lëtzebuerg gesot huet.

Eppes as jo ganz kloer. Wa mer d'duebel Nationalitéit aféieren, dann as et nët nëmme esou, dass europäesch Matbürger, déi eventuell wëlles hun no e puer Joër nees zréck an hiirt Land ze goën, sech Lëtzebuurger maache loosse „pour des raisons de coeur“, oder well se hei hir Attachen hun, mä si loosse sech Lëtzebuurger maachen no 3 Joër aus reng materiellen a materialisteschen Urssaachen. Dat as emol dat éischt.

Zwetens hun se dee Moment nët nëmme d'Walrecht um kommunalen an um europäesche Plang, mä si kréien och nach d'Walrecht um nationale Plang. Ech mengen, do schéngt mer jo awer eng Unanimitéit an der Europäescher Gemeinschaft ze sin, dass dat nët gewünscht an och nët gefrot as an dass dat och an anere Länner eng ganz Rei Problemer opwerft.

Déi Droits de citoyenneté oder l'Europe des citoyens, géif ech méi akkurat als Expressioun fannen, komportéiert jo nët nëmme Rechter, méi déi komportéiert och Flichten an et as jo nët vun ongeféier, dass dat Kapitel am Traité vu Maastricht als „droits et devoirs des citoyens européens“ intituléiert gin as. Dat heescht d'Droits vun de Citoyens sech awer och kulturell, sportlech a wirtschaftlech an dat neit Heemechtsland ze intégréieren. Ech mengen, do as et awer nët zevill verlaangt, wa mer vun eisen auslännesche Matbürger froën, dass se eventuell vun hirer Sait aus gewëssen Effore maachen, esou wéi d'Italiener et virun 20, 30, 50 Joër gemaach hun, déi sech problemlos an eis Gesellschaft intégréiert hun. Et mussen Effore vu béide Sait gemaach gin, esouwuel vun de Lëtzebuurger wéi vun den Ausländer.

E leschte Punkt, dir Dammen an dir Hären, as dann nach de Problem vun de Finanzen. Mir hu jo e puer Honnert Meter vun hei d'europäesch Rechnungskummer, d'Comptes européennes, um Kiirchbiere, déi all Joër e ganz voluminösen an interessante Rapport publizéiert iwwer d'Gestioun vun den EG-Finanzen, dee leider nët um politesche Plang déi Bedeutung an déi Reaktioun ausléist, déi e verdéngt. Ech perséinlech bedauern, dass d'Deputéierten dee Rapport nët zougestallt kréien. Dat léisst sech vläicht an der Zukunft änneren, well et sti ganz interessant Saachen dran. Dat wat een esou an den Zeitunge liest, respektiv op der Televisioun gesäit, wou wierklech Schindluder mat europäesche Gelder bedriwwegët. Do as de Problem vun den Honnerttausende Kei an Italien, déi mat engem Ouer op der Wiss grasen, well dat anert Ouer ofgeliwwert gin as fir Subsidien ze kréien.

Do sin déi Milliarden ECUën, déi vu Bréssel an d'Strukturfonnen investéiert gi sin, an de Mezzogiorno fir Autobunnen a Schoulen ze bauen, déi ni gebaut si gin, mä déi an den Tasche vun der Mafia verschwonnen sin.

Dir Dammen an dir Hären, dat sin natiirlech alles Saachen déi d'Bild oder den europäesche Gedanke beim Vollek, beim berühmte Mann vun der Strooss nët onbedéngt verbessern. Ech wëll nëmme jhust eng auslännesch Zeitung, den „Independent“ zitieren, déi

scho virun engem Joër geschriwwen huet: „Eine gewisse poetische Gerechtigkeit steckt in der skandalösen Enthüllung, dass die Europäische Gemeinschaft jährlich bis zu 6 Milliarden Pfund durch Betrug verlieren dürfte“, - dat sin 360 Milliarden eiser Frang pro Joër an dat as am Zusammenhang mat de Strukturfonnen an am Paquet Delors II - „meist im Zusammenhang mit der gemeinsamen Agrarpolitik. Die gemeinsame Agrarpolitik ist die wesentliche Ausnahme zu dem gemeinschaftlichen Festhalten der EG an der Marktwirtschaft“.

Ech wëll dat awer trotzdem hei zitieren. Dat ännert un der Problematik vum Traité fir eist Land kee Jota, mä et däerf ee jo awer sécher nach eng berechtigt Kritik, déi fundéiert a bewisen as, ubréngen. Dass an Europa nach laang nët alles esou funktionéiert wéi een sech dat idealistesches kënt virstellen, dat as eng Tatsaach. Mä et as awer och eng Tatsaach, dass mir als klenge Land zu Europa keng Alternativ hun, à moins dass mer de wirtschaftlechen an souialen Chaos an deem Land géife wëllen.

Ech soën Iech merci.

**M. Jup Weber (GLEI).**- Mme President, ech froën d'Wuert wéinst Fait personnel.

**Mme la Présidente.**- Au sujet de quoi?

**M. Jup Weber (GLEI).**- Wéinst der Remarque vum Här Rau iwwert mech.

**Mme la Présidente.**- Je n'ai pas entendu de fait personnel, M. Weber.

Je n'y donne pas lieu!

Le prochain orateur est l'honorable M. Clesen.

**M. Nick Clesen (GLEI).**- Mme President, dir Dammen an dir Hären. Ech wëll den Dammen an Hären aus der Majoritéit awer och vun der DP ganz klor soen, dass ech déi bëlleg Polemik, déi vu villen haut gemaach gin as, nët wëll weiderféieren. Ech wärd villméi op eng ganz sachlech Aart a Weis d'Kritik vun der GLEI hei virleën, an nët wéi den Här Rau gemengt huet, mir géingen nët op de Fong agoen.

(*Interruption*)

Ech wärd ganz klor, Här Asselborn, d'Kritik vun der GLEI un der Währungsunioun, och un der Sozialpolitik an der interner Demokratie vun der EG virbréngen.

Mäi Kolleg, de Jup Weber, wärd spéider am Detail nach duerleën, wat déi manifest Onzoulänglechkeet vun den Accoré vu Maastricht sin aus enger ekologescher Perspektiv an den Här Huss huet de Mueren op déi gemeinsam Aussen- a Sécherheetspolitik higewisen.

Ech géing jhust eng Remarque maachen. Wa mir Gréng elo reprochéiert kréien, mir wire géint déi europäesch Konstruktoun, a mir géinge mat den Nationalisten an engem Bot sätzen, da fannen ech déi Behauptung carrément lächerlech, fir nët ze soe grotesk. Et as grad, well mir fir eng europäesch Integratioun, Konstruktoun an Unioun sin, dass mir fuerderen, dass den Traité vu Maastricht soll renegotiéiert gin, an dat nach virun 1996, wéi dat an den Accoré selwer virgesinn as.

Wat déi Dammen an Häre vun der Majoritéit irritéiert, dat as de Bien-fondé vun eise Kritiken. Nëmme, wann nuancéiert Kritik mat globaler Oflegung gläichgestallt gët, da kann och gläich de Gréng virgeworf gin, si wire géint den demokratesche Parlamentarismus, wa se d'Regierung andauernd kritiséieren. Esou wäit sid Dir nämlech schons, Dir Dammen an Häre vun der Majoritéit.

Mir Gréng si ganz klor fir eng europäesch Unioun vun de Regionen, mat enger staarker Dezentralisatioun an enger effikasser demokratescher Kontroll vun de gemeinsamen Institutionen a Politicken.



Zu de Reprochen, mir wire mat den Nationalisten an engem Bot, kann ech nëmme soen, dass d'Feinde vum Walrecht fir d'Unionsbürger a fir d'Ausländer am allgemengen Nët bei dene Gréngen, mä bei etleche vun Iech, dir Dammen an dir Häre vun der Majoritéit, vun der DP an och bei Iech, dir Häre vun dem 5/6 Aktiounskomitee sin, a verschiddener vun Iech hun dat, nët méi spéit wéi bei dësen Debatten, klor ënnerstrach.

D'Nationalisten, wann een esou soe kann, dat sin d'5/6-, d'DP-, d'CSV- an d'LSAP-Leit. D'LSAP, a besonnesch hire President, den Här Fayot, sin dofir responsabel, dass 1989 am leschte Walkampf, den Accord tacite op der Fro vum Ausländerwalrecht zustane koum, amplaz dass déi Artikelen vun eiser Verfassung deemools fir revisabel erkläert goufen. Dann hätte mir haut dës Problemer nët.

Dat gesot géif ech elo d'Kriticke vun der GLEI un der Währungsunion duerleën.

Dir wësst, dass an der drëtter Phas vun der Wirtschafts- a Währungsunion, déi spéitestens den 1. Januar 1999 ufänkt, d'Schafe vun enger gemeinsamer europäescher Währung virgesinn as, déi gekoppelt as un déi europäesch Zentralbank. Déi gemeinsam Währung soll déi national Währungen an dem europäesche Währungskuerf ersetzen, doduerch dass d'Taux de change ënnert den diversen nationale Währungen definitiv agefruer gin.

Mir vun der GLEI si ganz d'accord mam Prinzip vun enger gemeinsamer communautärer Währung. Dat wäard fir Lëtzebuerg an der Theorie keng grouss Ännerunge mat sech bréngen, well mir eis monetär Souveränitéit scho bal 70 Jor laang mat der Belsch, am Kader vun der UEBL, delen. Paralell dozou soll déi europäesch Zentralbank, déi nach ze schafen as, fir d'Stabilitéit vun der gemeinsamer Währung, dem ECU, suergen. Eng grouss Währungsstabilitéit as u sech eng gutt Saach, an dat gët och nët vun de Gréngen ofgestriden, nëmme am Fall vum ECU as d'Währungsstabilitéit awer zu engem Dogma erhuewe gin. Domat bleift keng Plaz fir a Krisenzäite laanscht eng ganz haart Austeritéitspolitik ze kommen.

Et as gewosst, dass dës Ausriichtung vun der europäescher Zentralbank eng Fuerderung vun den Däitsche war. Anerwäerts wire se nët mat enger gemeinsamer Währung averstane gewiescht.

D'Kritik besteet elo doran, dass d'Maastrichter Vertrag gewësse politesch Sachzwäng schafen a Richtung Wirtschafts- a Währungsunion, Sachzwäng, déi déi national Handlungsméiglechketen aschränken a praktesch den DM-Nationalismus vun der däitscher Bundesbank an déi europäesch Décisiounen abënt.

An déi reng monetär Ausriichtung vun der europäescher Zentralbank geet nach méi wäit. Duerch d'Accordé vu Maastricht gin zentraliséiert geld- a kreditpolitesch Mechanisme virbereet, déi kenger demokratescher Kontroll ausgesetzt gin, an déi emol nët indirekt an d'sozial Strukturen agebonne gin, wéi dat bis elo esouguer bei der däitscher Bundesbank nach ëmmer de Fall as.

Dat Eraushiewe vun enger reng monetärescher Politik fënt séng Originen an der Notioun vun dem illimitéierte Wirtschaftswuesstum, wéi se am Artikel B vun den „dispositions communes“ vun den Accore vu Maastricht formuléiert as, eng Notioun, déi der aktueller a weltwäiter ekologescher Kris nët am geréngste Rechnung dréit. Firwat dass mir vun der GLEI mat der Notioun vun dem illimitéierte Wuesstum nët d'accord sin, wäard de Jup Weber am Detail erklären.

Den Traité vu Maastricht kann eis Ekonomien nët am geréngsten op de Moment vun der Wouerecht virbereden, wou se mussen de Bewäis untrieden, dass se nët nëmme besser sin, wéi déi Economien aus dem ale kommunistesche Bloc, mä dass se och en valeur absolue eppes dagen.

Et as evident, dass déi reng monetär Ausriichtung vun der Wirtschafts- a Währungsunion eng ganz grouss Barrière duerstelt fir déi Länner aus dem ale kommunistesche Block, déi der UEM wëlle bäitrieden.

Den Artikel 109J prezisiéiert déi véier Konvergenzkritäre vun den nationalen Economie fir déi drëtt Phas vun der Wirtschafts- a Währungsunion. Dat sin d'Präisstabilitéit, de budgetären Defizit, d'Taux d'intérêts an d'Fluktuationsmarge vun de Währungen. Dës sin déi véier eenzeg bindend Kritären. Déi aner Kritären, déi am Artikel 109J enoncéiert gin, d'Entwécklung vun der Balance des paiements an d'Evolution vun de Paien a vun de Präisser, hu kee bindende Charakter.

Mir sin der Meinung, dass och nach aner Kritäre misste spille fir d'Konvergenz an der drëtter Phas vun der UEM, an dat si sozialpolitesch an ekologesche Kritären. Am Detail sin dat speziell den Taux vun Chômage an den Niveau vun der sozialer Protektioun. Iwwer déi ekonomesch Kritären detailléiert de Jup Weber spéider d'Virstellung vun der GLEI.

D'GLEI as der Meinung, dass déi europäesch Union, d'Union vun de Bürger muss sin, an nët nëmme d'Union vun den Investisseuren. D'Konvergenzkritäre vun der drëtter Phas respektéiere keng ekologesch a keng sozial Kritären, a si stellen eng Barrière duer fir all d'Länner aus dem fréieren Ostblock, an domat as déi geplante Währungsunion och een Onstabilitéitsfaktor an Zentral- an Osteuropa.

Um Punkt vun der Währungsunion fuerdere mir eng Renegotiation vun den Accore vu Maastricht.

Wann ech dann elo weider iwwer déi europäesch Sozialpolitik schwätzen, muss ech eigentlech iwwer eppes schwätzen, wat et guer nët gët, well déi Divergenzen, déi schon 1989 bei der Adoption vun der europäescher Sozialcharta d'Regierungsvertrieder an zwee Campé gespléckt hat, och zu Maastricht nët aus dem Wee geraumt gi sin. De briteschen Opting-out op der Sozialpolitik consacréiert ganz klor eng sozial Europäesch Gemeinschaft mat zwou Vitessen an een europäesche Bannemaart vun sozialen Dumping. Ech zitieren do aus deem, wéi mir fannen, politeschen Avis vum Staatsrot. De Lëtzebuerger Staatsrot schreift vun enger „consécration de l'Europe à deux vitesses en matière sociale.“ Méttelfristeg heescht dat, dass bei ville Leit d'Akzeptanz fir déi europäesch Integratioun verluer geet, an doduerch den Opbau vun enger europäescher Union zumindest verzögert gët, wann nët esouguer ganz a Fro gestallt gët.

Well wat heescht den Opting-out vu Groussbritannien? Näscht anescht, wéi dass d'Communautéit vun elo un akzeptéiert, dass ee Memberland emol nët déi minimal EG-Wärter an der Sozialpolitik muss anhalen. Wärter wéi sozial Sécherheet, oder een sozialen Equilibre an der EG, gin domat de facto aus der europäescher Konstruktioun erausgeholl.

Un dëser Tatsaach gët och näscht geännert, wann elo a véier neie Beräicher vun der Sozialpolitik d'Entscheidung kënne mat enger qualifizierter Majoritéit geholl gin. Dës véier Beräicher sin, wéi Dir wësst, d'Aarbechtskonditiounen, d'Informatioun an d'Konsultation vun den Aarbechter, d'Gläichstellung tëschent Mann a Fra, wat ënnert anerem de Salaire ubelaangt an d'Integratioun vun de Leit, déi aus der Aarbechtswelt ausgeschloss sin. Viru Maastricht as déi qualifizéiert Majoritéit jo schon duergaangen an de Beräicher vun der direkten Aarbechtseinfeld a vun der Sécherheet an der Gesondheet op der Aarbecht.

An all denen anere Beräicher, wéi zum Beispill an der sozialer Sécherheet spillt weiderhin d'Regel vun der Unanimitéit. Hei sin dann och Konflikter virprogramméiert. All Memberland, an ech denken do erëm besonnesch u Groussbritannien, kann nämlech elo ëmmer probéieren, fir all Sujet aus dene fënnf Beräicher, wou déi qualifizéiert Majoritéit duergeet, als eng Moosnam vun der sozialer Sécherheet duerstellen, fir och do nach Blocagen ze produzieren.

Een aneren negativen Aspekt an eisen Aen as d'Iwwerhuele vun der Regel vun der Unanimitéit bei Froë vun de Beschäftigungskonditiounen fir Leit aus engem Drëttland, also engem Nët-EG-Land,

déi eng legal Residenz um Territoire vun der EG hun. Mä et as eng allgemeng Regel vun den Accordé vu Maastricht, dass d'Leit aus den Drëttlänner wéi Zweetklassbürger behandelt gin.

Neierdings kënnen EG-wäit Kollektivverträg téschent den Sozialpartner, Patronat a Gewerkschaften ofgeschloss gin. Dëst kléngt wuel gutt, mä wat heescht dat awer an der Praxis? Nët onbedingt vill Guddes. De Vide an der communautärer Sozialgesetzgebung bedäit nämlech, dass d'Accoren téschent den Sozialpartner an der Praxis, als Sozialnorme vum EG-Recht interpretéiert gin, an dat ouni irgengend demokratesch Legitiméierung, nach manner wéi bei den EG-Ministerronnen, an ouni irgengend demokratesch Kontroll duerch dat europäescht Parlament oder durch déi national Parlamenter.

Dat gët ee ganz haarde Match fir d'Gewerkschaften, well si mussen aus enger EG-wäit geschwächter Positioun géint d'Employeurën untrieden, fir minimal sozial Normen duerchzusetzen. Da stellt sech och nach d'Fro, wat mat den Äermsten aus eise Gesellschaften an de Marginaliséierte geschitt, Leit, déi keng gewerkschaftlech Protektioun oder soss eng Interesseverriedung hun.

Déi zwee Hauptargumenter, déi géint dës ganz gravéierend Schwächte vun de Maastrichter Accoren ugefouert gin, sin de Subsidiaritätsprinzip an de Kohesiounsfong vun der EG, dee jo soll den Equilibre téschent den äermsten an de räichste Regione vun der EG etabléieren.

Zu deem éischten, dem Subsidiaritätsprinzip, muss gesot gin, dass e wuel duerch d'Accore vu Maastricht an der EG-Gesetzgebung verankert as, mä dass séng Interpretatioun nët klor as. Och beim Sommet vu Lissabon konnt op dësem Punkt keng Klorheet geschafé gin. Zwou Interpretatiounen vun dësem Prinzip aus der kierchlecher Sozialiséierung si jo mëglech. An der éischter Interpretatioun bedeit eng Obligatioun fir déi iewescht Autoritéit fir nët ze agéieren, an an enger zweeter Interpretatioun bedeit de Subsidiaritätsprinzip eng réciproque Obligatioun fir ze agéieren téschent der ieweschter an der méi déif gestallter Autoritéit.

Vun der schlussendlech gewielten Interpretatioun wärd et ofhänken, ob um Gebitt vun der Sozialpolitik ee Blocage wärd bestoen oder nët.

Zum Kohesiounsfong as ze soen, dass deen eréischt muss geschafé gin, an och dann hu mir ganz staark Bedenken, ob deen eleng duergeet fir EG-wäit eng effikass sozial Protektioun ze garantéieren.

Zum Subsidiaritätsprinzip muss elo scho bemierkt gin, dass en esou oder esou keng Garantie gët géint eng zentralistesche Willkür, well d'Regiounen an och deen nei geschafene Comité des Régions, deen esou gutt ewéi guer keng Kompetenzen huet, an deem séng Membere vun de Regirungen ernannt gin, ouni dass dës gewielte Volleksverrieder brauchen ze sin, kee Klorecht virum europäesche Gerichtshaff kritt hun.

Da muss am Kontext vun der Sozialpolitik och nach op déi drëtt Phas vun der Wirtschafts- a Währungsunioun, déi den 1. Januar 1993 a Kraaft trëtt, higewise gin, déi jo d'Präisstabilitéit an den Ofbau vun de Staatsscholden als iewescht Maxime huet, an dat bedeit an Zäite vu wirtschaftlecher Kris eng ganz haart Austeritéitspolitik.

Mir vun der GLEI sin der Meinung, dass d'Sozialpolitik nët dem fräie Marché, dat heescht de Muechtverhältnisser téschent den Sozialpartner däarf ausgeliiwert gin. Als Verfechter vun enger ekologescher a sozialer europäescher Integratioun si mir vill éischter der Meinung, dass d'Europäesch Unioun misst genotzt gin, nët fir déi bestehend sozial Rechter ofzebauen, oder nëmmen ofzesécheren, mä fir d'sozial Rechter auszebauen a fir eng déif Humaniséierung vun der Aarbechtswelt duerchzezielen duerch eng ganz Rëtsch vu qualitative Verbesserungen.

Um Gebitt vun der Sozialpolitik kënn mir ënnert anerem nët mat den Accore vu Maastricht averstane sin, a mir fuerderen do eng Renegociatioun.

Déi positivst Ännerungen um Traité vu Roum, déi zu Maastricht décidéiert gi sin, sin déi nei Artikelen 8 bis 8E, sechs Artikelen also, déi e puer allgemeng Prinzipie vun enger Uniounsbürgerschaft festhalen. Dëst sin déi diplomatesch a konsularesch Representatiounen vun den Uniounsbürger, d'Petitionsrecht beim Europaparlament, an d'Zréckgräifen op ee Médiateur, ee sougenannten Ombudsman, deen awer nët ganz dem schwedesche Virbild vun 1809, also dem Elus des élus entsprécht.

Wouriwuer hei am Land an deem Kontext am meeschte geschwat gët, sin d'Artikelen 8A an 8B. Déi Artikelen, déi d'Uniounsbürgerschaft mat den Attribute vum aktiven a vum passive Walrecht fir d'Uniounsbürger versinn.

Dass dëst Walrecht fir Uniounsbürger séng Originen nët an engem déif ëmfonnenen Demokratieverständnis vun eise Staats- a Regirungschefën huet, as méttlerweil bekannt. D'Walrecht fir d'Uniounsbürger as déi logesch Konsequenz vun der libre circulation des personnes, an der domat verbonnener Mobilitéit vun den Aarbechtskräften, wéi se am Acte unique vun 1985 festgeschriwwen as.

Fir d'éischt bedauere mir vun der GLEI, dass d'Walrecht fir d'Uniounsbürger nët engem allgemengen a richtig demokratesche Walrecht fir all Awunner vum Territoire vun der Communautéit entsprécht. An eisen Aen kann eng richtig demokratesch Participatioun un der Vie de la cité nëmmen erreecht gin, wann de Kritère vun der Nationalité duerch dee vun der Résidence ersat gët.

Dat gesot, wëll ech elo hei nët nach eng Kéier am Detail op d'Positioun vun der GLEI zum Ausländerwalrecht oder zum Walrecht am allgemengen agoen, well mir dat schon e puermol an dene leschte Méint gemaach hun, sief dat op Pressekonferenzen, bei Entrevuë mat der Regierung, der ASTI oder der CLAE.

Ech wëll jhust festhalen, dass d'GLEI d'Notioun vun enger Uniounsbürgerschaft voll ënnerstëtzt an hofft, dass sämtlech Dispositiounen hei zu Lëtzebuerg, wéi an denen aneren EG-Länner och, integral applizéiert gin, an dass déi Derogatiounen, déi d'Regierung fuerdert, iwwerdriwwen, ondemokratesch an nët am Geescht vun der Uniounsbürgerschaft sin. Mir proposéieren an dësem Kontext, dass dat kommunaal Walrecht op all d'Ausländer, déi hei am Land wunnen, ausgedéent gët.

Ech kommen dann elo bei de Problem vun der interner Demokratie an der Communautéit.

Den Hauptproblem läit hei an der rechtsstaatlecher Aberratioun, déi dora besteet, dass eis Exekutiv um Niveau vun der EG gläichzäiteg a d'Legislativ as. Méttlerweil si 70 bis 80% vun eiser nationaler Gesetzgebung vun der EG inspiréiert gin. Hei besteet also ganz klor ee grave Problem vu Gewaltentrennung.

Anerersäits stellt sech awer och de Problem vun der demokratescher Kontroll vun de Ministeschconseilën a vun der Kommissioun. Vun engem reng formaljuristesche Standpunkt kéint ee behaupten, dass déi Décisiounen, déi an all Conseil no der Unanimitéitsregel geholl gi sin, demokratesch sin, well d'Regirunge jo vun hiren nationale Parlamenter kontrolléiert gin. An der Praxis awer as den dänesche Folketing dat eenzegt Parlament aus der EG, niewent dem britesche Parlament mat Ofstrécher zwar, dat een esou genannten „europäesche Komitee“ huet, fir déi dänesch Ministeren op hir Conseilë virzebereden.

Hei am Land gët d'Parlament an der Praxis iwwerhaupt nët iwwer déi lafend Verhandlungen informéiert. Op deem Niveau as also schon deen éischten Demokratiedefizit, well keng Kontroll vum Conseil do as.

Do wou d'Décisiounen am Conseil awer no der Regel vun der Majoritéit geholl gin, as den Demokratiedefizit awer nach vill méi grouss, well déi eenzel Ministeren emol nët formaljuristesche enger Kontroll vun den nationale Parlamenter ënnerworfen sin. Dat europäescht Parlament huet jo souwéisou keng Kontrollgewalt iwwer d'Décisiounen vum Conseil.

All majoritär Décisioune vum Conseil gin also nët demokratesch kontrolléiert.

An de Maastrichter Verträge gin et verschidde Majoritéitskategorien:

- eng zwee-Drëttel-Majoritéit
- déi nei Consultatiounsprozeduren
- d'Kooperatiounsprozedur no dem Artikel 189C, wou d'Europaparlament kann een Avis ofgin ier de Conseil séng Décisiounen hält
- d'Co-Décisiounsprozedur no dem Artikel 189B, wou d'Europaparlament ënnert Emstänn kann ee Veto opposéieren.

Mä an all dese Fäll bleift den Demokratiedefizit ganz grouss. D'Europaparlament kann dem Conseil séng majoritär Décisiounen ni amendéieren a praktesch ni stoppen.

Zur Co-Décisiounsprozedur, déi also, wou d'Europaparlament ënnert anerem theoretesch een Amendements- an ee Vetorecht huet, muss gesot gin, dass déi nët esou demokratesch as, wéi se schéngt. D'Kommissioun behält nämlech d'Recht fir den Amendement vum Europaparlament erauszésichen, dee se wëllt am Conseil européen verdedegen. A well d'Europaparlament kee Pouvoir huet, fir een eenzelne Kommissär ofzesetzen, maachen déi also wéi se wëllen. D'Parlament kann nämlech nëmmen déi ganz Kommissioun zesummen ofsätzen, eng Waff also, déi an der Praxis ze haart as, fir nëmmen ee Kommissär lass ze gin, also praktesch ni wäerd ugewand gin.

Bleift also nach d'Vetorecht vun der Co-Décisiounsprozedur. U sech een effikasse Moyen fir Drock op de Conseil ze maachen. Nëmme, wann een sech d'Lëscht ukuckt vun de Beräicher wou d'Co-Décisioun spillt, da kann ee feststellen, dass et bal exklusiv Beräicher sin, wou et souwéissou an der Regel ee ganz brede Konsens gët, et sin also keng besonnesch konfliktuell a politesch brisant Themen, wou d'Europaparlament däarf säi Vetorecht spille loosse, e Recht wat och nach reng destruktiv as.

Am Résumé muss een also festhalen, dass d'Décisioune vum Conseil, déi majoritär an déi unanime, nët demokratesch kontrolléiert gin, weder vun den nationale Parlamenter nach vum Europaparlament.

Wann een an deem Kontext och d'Walrecht vun den Uniounsbürger fir d'Europaparlament betruucht, da kann een och nëmme feststellen, dass dat keng esou eng rieseg demokratesch Inzidenze wäerd hun, well do gi jo vun allen EG-Bürger Leit demokratesch gewielt, déi keng Rechter hu fir d'EG-Exekutiv, Conseil a Kommissioun, demokratesch ze kontrolléieren.

Sämtlech EG-Décisioune sin also mat engem flagranten Demokratiedefizit belaascht. Méi nach, den Demokratiedefizit an der EG gët duerch d'Accore vu Maastricht nach verstärkt doduerch,

dass déi national Parlamenter Kompetenzen ewechgeholl kréien, ouni dass déi Kompetenzen un d'Europaparlament transferéiert kënne gin. Wéinst deem demokratesche Vakuum fuerdere mir Gréng also och op deem Punkt eng Renegotiatioun vum Traité iwwer déi europäesch Unioun.

Aus all dese Grënn fuerdere mir vun der GLEI eng Neiverhandlung vun den Accore vu Maastricht. De Jup Weber an ech wäarten also géint d' Ratifizéierung vun dese virleienden Accore stëmmen.

Ech soen Iech merci.

**Mme la Présidente.**- En application de l'article 40, paragraphe 2, je donne lieu à la demande pour fait personnel de l'honorable M. Weber. Toutefois, M. Weber, je vous rends attentif à l'article 32 de notre Règlement.

**M. Jup Weber (GLEI).**- Merci Mme President fir d'Wuert, an dass Dir Iech zu esou spéider Stonn trotzdeem duerzou duerchgerongen hut, fir mir d'Wuert ze gin, wéinst Fait personnel vum Här Rau.

**Mme la Présidente.**- C'est déjà une mauvaise imputation, M. Weber. J'ai écouté la bande. M. Weber, vous avez provoqué M. Rau. Malheureusement votre interjection n'est pas enregistrée. Veuillez revenir tranquillement au fait personnel.

**M. Jup Weber (GLEI).**- Ech hu Fait personnel gefrot, well den Här Rau virdrun hei gemengt hat missen ze soen, méng Pai fir ze héich, wann een déi Presenze géng kucken, wou ech hei wir. Ech kann nëmmen drop hiweisen, dass den Här Rau während laanger Zäit d'Politik vum eidle Stull praktizéiert huet. Ech sin habilitéiert fir dat ze soen, well ech sätzen nämlech ganz no niewent him.

Wat ech nët korrekt fanne beim Här Rau sénger Interventioun, dat as, dass e gesot huet, ech hätt d'Paie vun den Deputéierte publizéiert. Ech hu weider näischt gemaach, wéi Chiffren, déi an der Chambre des Comptes opleien, déi also publics sin, an déi beweise wat d'Deputéiert, doduerch datt se hiert Mandat ausüben, de Steuerzueler kaschten, déi hun ech anektéiert zu enger Proposition de loi. Ech mengen, dat as mäi gutt Recht. Ech verbidde mir, dass den Här Rau mech dowéinst an de Mond hält. Ech hu jhust méng Aarbecht als Parlamentarier gemaach a méi nët.

Ech soen Iech merci.

**Mme la Présidente.**- Je suppose que personne ici ne considère la constatation d'absence comme une imputation de mauvaise intention. L'incident est clos.

Nous débiterons nos travaux demain avec comme premier orateur l'honorable M. Ady Jung.

La séance est levée.

(Fin de la séance publique à 18.22 heures)